




GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 16.03.2018
ET DU 29.03.2018





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 16 MARS 2018 04

Séance publique:

1. CORRESPONDANCE 09

2. APPROBATION DU RÈGLEMENT TEMPORAIRE DE LA CIRCULATION À L'OCCASION DE LA BIERGENDER KIERMES 2018 09

3. FINANCES COMMUNALES: 10

- 3.1. approbation des relevé et rôle de la taxe sur les chiens de l'exercice 2018
- 3.2. approbation de l'acte de vente en état futur d'achèvement avec la société Immobilière Lenkeschléi s.à r.l.
- 3.3. approbation de l'acte de vente en état futur d'achèvement avec la société Clausen 2 s.à r.l.
- 3.4. avis à donner su sujet de deux actes de vente en état futur d'achèvement conclus entre la société Wiesen-Piront Constructions SA et la fabrique d'église de Dudelange
- 3.5. avis à donner au sujet de l'acte de vente conclu entre la société Sedna Investments & Services SA et la fabrique d'église de Dudelange
- 3.6. approbation de la convention de collaboration pour le projet de logements encadrés passée avec l'office social de Dudelange et la Fondation Jugend- an Drogenhëllef
- 3.7. approbation de trois conventions avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois au sujet d'autorisations domaniales
- 3.8. approbation de trois conventions relatives aux aides à la construction d'ensembles pour projets de réalisation de logements subventionnés destinés à la location sis rue du Parc, rue Tattenberg et rue des Champs
- 3.9. approbation du devis estimatif remanié pour les travaux de raclage et de réfection de diverses rues
- 3.10. approbation de décomptes
- 3.11. subsides extraordinaires à accorder

4. APPROBATION DE LA PROPOSITION D'INSCRIRE L'IMMEUBLE SIS 46 RUE DU PARC À L'INVENTAIRE SUPPLÉMENTAIRE DES MONUMENTS NATIONAUX 22

5. NOMINATION D'UN DÉLÉGUÉ AU SEIN DU COMITÉ DU SIDOR 25

6. COMPOSITION DES COMMISSIONS CONSULTATIVES COMMUNALES 26

7. APPROBATION DU RÈGLEMENT D'ORDRE INTÉRIEUR DU CONSEIL COMMUNAL 26

8. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS 33

SÉANCE À HUIS CLOS

9. PERSONNEL

- 9.1. démission à accorder à un fonctionnaire communal
- 9.2. démission à accorder à un employé communal
- 9.3. nomination avec décision de classement d'un employé communal de la carrière de l'éducateur gradué (catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social), à plein temps et à durée indéterminée (maison des jeunes – projet «Outreach Youth Work»)
- 9.4. nomination avec décision de classement de 3 employés communaux de la carrière de l'aide éducateur (catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social), à tâches variables et à durée indéterminée (service éducation et accueil pour enfants)
- 9.5. promotion à accorder à un fonctionnaire communal (ancienne carrière de l'artisan)
- 9.6. promotion à accorder à un fonctionnaire communal (ancienne carrière de l'expéditionnaire administratif)



SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 29 MARS 2018

07

Séance publique:

1. **APPROBATION DU NOUVEAU RÈGLEMENT D'OCCUPATION DES POSTES DU PERSONNEL ENSEIGNANT** 38
2. **APPROBATION DE LA MODIFICATION PONCTUELLE DU PLAN D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL POUR LE PROJET NEISCHMELZ** 44

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Rita Schmit
Photos / Illustrations: Ville de Dudelange, David Laurent/Wili, Roberto Santoprete
N°2 et 3 /2018 - Parution: juin 2018



RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 16 MARS 2018

Présents^{*1}: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins.

Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absents: néant.

Début de la séance à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

Le bourgmestre porte ensuite les informations suivantes à la connaissance des conseillers communaux:

1. une réunion d'information au sujet du projet commun «Capitale Européenne de la Culture 2022», regroupant e.a. les 11 communes du syndicat de communes Pro-Sud, aura lieu au théâtre d'Esch-sur-Alzette en date du 28 mars 2018 à 19 heures;
2. la séance d'information officielle, imposée par la loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, au sujet de la modification ponctuelle du plan d'aménagement général en relation avec le projet NeiSchmelz, aura lieu le mardi, 17 avril 2018 à 19.00 heures au Centre culturel régional Dudelange.

Une minute de silence est respectée en hommage à Monsieur Fränz Hoffmann, journaliste et correspondant local du Tageblatt, décédé le 10 mars 2018.

Il est ensuite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Point numéro 2 – circulation – le conseil communal approuve à l'unanimité:

- le règlement temporaire de la circulation à l'occasion de la «Bierenger Kiermes» qui aura lieu du 10 au 13 mai 2018;
- le règlement d'urgence à caractère temporaire du collège des bourgmestre et échevins à l'occasion des travaux de déploiement de la fibre optique sous la direction de Post Technologies dans la rue de la Forêt et la rue Mme Mayrisch de St Hubert du 15 mars au 13 avril 2018;
- le règlement d'urgence à caractère temporaire du collège des bourgmestre et échevins à l'occasion des travaux de déploiement de la fibre optique

sous la direction de Post Technologies dans la rue du Parc du 9 au 23 mars 2018.

Point numéro 3 – finances communales:

3.01. le conseil communal approuve à l'unanimité les relevé et rôle de la taxe sur les chiens de l'exercice 2018. 1.150 chiens sont déclarés à Dudelange au début de l'année 2018 ce qui engendre une recette 40.530,- €.

3.02. et 3.03.

par des votes unanimes, le conseil communal approuve les deux actes de vente avec la société immobilière Lenkeschléi s.à r.l. et la société Clausen 2 s.à r.l. ayant pour objet l'acquisition en état futur d'achèvement de deux appartements, sis rue Marthe Bigelbach-Fohrmann, au prix de 490.677,84- € respectivement 457.625,60- €. Les acquisitions ont lieu dans le but de créer des logements sociaux locatifs.

3.04. avec 17 voix et deux abstentions sont avisés favorablement deux actes de vente en état futur d'achèvement entre la société anonyme Wiesen-Piront Constructions S.A. et la fabrique d'église de Dudelange au sujet de la construction future de deux maisons d'habitation unifamiliales, sises 4 et 6, rue de Leborn, au prix de 550.539,45- € respectivement de 611.820,89- €.

3.05. le conseil communal, avec les voix de tous les conseillers communaux, avise favorablement l'acte de vente conclu entre la société Sedna Investments & Services S.A. et la fabrique d'église de Dudelange, aux termes duquel la fabrique d'église vend à ladite société un immeuble sis à Dudelange, rue Pasteur, au prix de 550.000,- €.

3.06. est approuvé unanimement, la convention de

^{*1} ne participe pas au vote pour les points suivants: Madame Claudia Dall'Agnol, points n° 5 et 6.



collaboration pour le projet de logements encadrés passée avec l'Office social de Dudelange et la Fondation Jugend- an Drogenhëllef. Par la dite convention, la Ville de Dudelange met à disposition de la Fondation, contre paiement d'un loyer mensuel de 500,- €, un appartement destiné à la location encadrée, situé au 61, route de Zoufftgen.

- 3.07. avec 14 voix et 5 abstentions est approuvée la convention, passée avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg et la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois, fixant les conditions et modalités qui régissent l'autorisation domaniale au profit de la Ville de Dudelange relative à un souterrain pour piétons reliant le parking communal situé rue Tattenberg à la route de Thionville. Ce souterrain a été construit dans le cadre du renouvellement de la voie et du barrage de la ligne ferroviaire de Bettembourg à Dudelange en 2013.

Par la suite, le conseil municipal approuve unanimement deux autres conventions passées avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg et la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois:

- pour autoriser la Ville de Dudelange à utiliser une partie du domaine public comme chemin pour piétons, afin de permettre aux riverains de longer la voie ferrée du passage à niveau jusqu'au parking communal rue Tattenberg à Dudelange;
- pour fixer les modalités de financement, de propriété, de gestion, d'entretien et de responsabilité d'un espace sanitaire pour chiens et des installations y afférentes à l'arrière du bâtiment voyageurs de l'arrêt Dudelange-Usines.

- 3.08. le conseil communal approuve avec toutes les voix, trois conventions d'aides à la construction d'ensembles pour projets de réalisation de logements subventionnés destinés à la location sis rue du Parc, rue Tattenberg et rue des Champs, conventions par lesquelles l'Etat participe à raison de 75% respectivement de 70% au coût d'acquisition des logements.

- 3.09. le devis estimatif remanié pour les travaux de racleage et de réfection de diverses rues (a Boujel, rue Curie, partie de la rue du Parc) pour un montant revu de 650.000,- € est avalisé à l'unanimité.

- 3.10. les décomptes de travaux extraordinaires suivants sont arrêtés unanimement:

- réfection des réservoirs et chambres d'eau 597.434,58- €
- réaménagement de la rue Belair 704.291,23- €
- réaménagement de la rue Marcel Schmit 116.608,89- €
- aménagement des alentours de l'église St Martin .. 794.695,69- €
- réaménagement du square - rue Lucien Wercollier 82.465,30- €
- installation de portes coupe-feu et d'un système de désenfumage à l'école Strutzbiereg A 60.647,76- €
- réaménagement de la rue du Commerce (partie entre la route de Zoufftgen et la rue des Ecoles) 224.637,19- €
- réaménagement de la place de l'Eglise 177.361,31- €
- renouvellement de la rue Jean Wolter 37.920,37- €
- acquisition d'un logement pour l'aménagement d'un logement social dans la rue des Champs..... 378.107,17- €
- acquisition d'un immeuble pour l'aménagement de chambres meublées dans la rue Tattenberg..... 1.142.487,10- €
- remplacement des radios CIBIES par le système digital RENITA pour le Centre d'Intervention Dudelange 38.436,97- €
- remise en état et isolation de la toiture du Musée Municipal / Galerie Nei Liicht 114.626,20- €

- 3.11. les subsides extraordinaires suivants sont alloués d'un commun accord:

- 65,- € à la Fondation Lëtzebuierger Blannevereenegung / La Canne blanche en tant que soutien des activités pour l'année 2018;
- 125,- € à l'Association Luxembourg Alzheimer (ala) en tant que contribution financière pour apporter plus de soutien et d'accompagnement aux personnes atteintes d'une maladie démentielle et à leurs proches.

4. avec 12 voix et 7 abstentions, le conseil communal avise favorablement la proposition du Ministère de la Culture d'inscrire l'immeuble sis 46, rue du Parc à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux.



5. le conseil communal décide à l'unanimité de déléguer Monsieur René Manderscheid comme représentant de la Ville de Dudelange au comité du syndicat intercommunal pour la destruction des ordures des communes des cantons de Luxembourg, d'Esch et de Capellen, avec siège à Leudelange (SIDOR).

Point numéro 6 – commissions consultatives communales.

Les modifications suivantes à la composition des commissions communales sont approuvées à l'unanimité:

- commission du 3e âge: Madame Edmée Anen remplace Madame Marianne Ewerard-Reuter;
- commission de l'hygiène et de la salubrité publique: Monsieur Claude Steffen remplace Monsieur Marcel Ewerard;
- la présidente du Syndicat d'initiative de la Ville de Dudelange est désignée comme expert dans la commission du jumelage et du tourisme;
- Madame Tania Schmit-Benassuti est désignée comme expert dans la commission des nouveaux médias;
- Madame Edmée Anen est nommée au pool des remplaçants.

Le conseil communal approuve alors, sub point numéro 7 de l'ordre du jour, unanimement, le règlement d'ordre intérieur du conseil communal, légèrement adapté. Ce règlement, adopté en vertu des dispositions de la loi communale, arrête la façon dont le conseil communal exerce ses attributions.

Des questions ont été posées dans les délais au collège des bourgmestre et échevins:

- par la fraction CSV, demandant des informations 1. au sujet de l'établissement de l'organigramme du personnel de la Ville de Dudelange et 2. au sujet de l'avancement du projet d'aménagement du centre de secours commun des communes de Bettembourg et de Dudelange;
- par la fraction «Déi Lénk», demandant des informations 1. au sujet du marché de Noël 2017 et de l'organisation de ce marché pour l'année 2018 et 2. au sujet de la problématique de stationnement pour véhicules destinées au transport de choses sur le territoire de la Ville.

Les deux questions sont traitées séance tenante.
La séance se poursuit ensuite à huis clos.

09.Décisions de personnel:

- démissions sont accordées à Monsieur Rémy Laguerre et à Madame Elisabeth Ney;
- sont engagés comme employés communaux: Monsieur Mathieu Linden, éducateur gradué, maison des jeunes, projet «Outreach Youth Work», Mesdames Catarina Rodrigues Da Silva, Irène Scholtes et Jil Schummer comme aide-éducatrices au service éducation et accueil pour enfants;
- promotions sont accordées à Monsieur Frank Romani, artisan (maître de natation) et à Monsieur Marco Thorn, expéditionnaire administratif.

Les prochaines réunions du conseil communal sont fixées comme suit:

- jeudi, 29 mars 2018, 08.00 heures: séance officielle du conseil communal (vote modification ponctuelle PAG Neischmelz);
- vendredi, 4 mai 2018, 08.00 heures: séance officielle du conseil communal;
- vendredi, 15 juin 2018, 08.00 heures: séance officielle du conseil communal;
- vendredi, 13 juillet 2018, 08.00 heures: séance officielle du conseil communal.

Fin de la séance vers 10.30 heures.



RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 29 MARS 2018

Présents¹: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins.
Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers.
Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absents: néant.

Début de la séance à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

Il est de suite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Par un vote unanime est approuvé le nouveau règlement d'occupation des postes du personnel enseignant.

Le 2^e point de l'ordre du jour est consacré à la discussion et à l'adoption de la modification ponctuelle du plan d'aménagement général de la Ville de Dudelange pour permettre le développement du nouveau quartier NeiSchmelz.

Présentation sommaire du projet².

La modification ponctuelle concerne l'ancien site industriel laminoir du groupe Arcelor-Mittal, qui a cessé toute activité depuis octobre 2005. Ce site, d'environ 36 hectares, se situe entre les quartiers existants «Italie» et «Schmelz» dans l'axe est-ouest et entre le quartier central de Dudelange et la limite sud de la commune, à la frontière avec la France.

La majorité de ce site est classée en «zone de terrain à études» dans le PAG en vigueur. Les affectations proposées doivent être cohérentes avec le tissu bâti existant des quartiers adjacents.

Ce site constitue une réserve foncière sans précédent, à proximité directe du centre économique et historique de la ville de Dudelange. Les terrains sont la propriété du Fonds de Logement et de la Ville et c'est au Fonds de Logement que la mission du développement du site a été attribuée.

Le projet de modification ponctuelle de ces terrains a pour objectifs de définir de nouvelles affectations du sol en vue de réaffecter cette friche industrielle, de

créer un nouveau quartier mixte d'envergure, d'élargir le centre actuel de Dudelange et d'établir une liaison fonctionnelle entre les quartiers Italie et Schmelz.

Le plan directeur «NeiSchmelz», ayant servi de base pour la modification s'inspire des résultats du concours «Räumliches Strukturkonzept Schmelz Dideleng» lancé en 2009 au niveau national et européen et a été complété par les discussions des prémisses du quartier notamment de l'économie circulaire et des réflexions faites dans le cadre des quatre plans d'aménagement particulier en cours d'élaboration pour la mise en oeuvre du site.

La modification vise à reclasser les terrains aujourd'hui classés en zone de terrains à étude, en zone de bâtiments et d'aménagements publics, en zone de moyenne densité, en zone d'activités commerciales, artisanales et de service, en zone de Chemins de Fer Luxembourgeois et en zone de verdure.

Le schéma directeur comporte l'identification de l'enjeu urbanistique, un concept de développement urbain, un concept de mobilité et d'infrastructures techniques, un concept paysager et écologique et un concept de mise en oeuvre.

Les deux phases de la SUP «Umwelterheblichkeitsprüfung (UEP)» et «Detail - und Ergänzungsprüfung» ont été réalisées conformément aux dispositions légales et les conclusions de ces deux études ont été intégrées dans le projet de modification ponctuelle du PAG de Dudelange.

Dans le cadre de la discussion du projet séance tenante, la fraction «Déi Gréng» soumet au collège des bourgmestre et échevins une motion en rapport e.a. avec l'implication de certains acteurs sur le site en vue d'y faire continuer leurs activités au-delà de l'année 2018, ceci indépendamment de l'évolution du chantier.

^{*1} ne participent pas au vote pour le 2^e point de l'ordre du jour: Mesdames Sylvie Andrich-Duval et Romaine Goergen

^{*2} Modifications ponctuelles du PAG concernant le «quartier Neischmelz» - Zeyen+Baumann sàrl, Bereldange (extraits)



Après délibération, le conseil communal approuve ainsi,

- à l'unanimité, l'évaluation stratégique environnementale comprenant le rapport des incidences environnementales SUP - phase 2, réalisée dans le cadre de la modification ponctuelle du plan d'aménagement général de la Ville de Dudelange - parties graphique et écrite, concernant un reclassement du quartier NeiSchmelz à Dudelange et élaboré par le bureau d'études Oeko-Bureau,
- avec 16 voix et une abstention, le projet en vue d'une modification ponctuelle du plan d'aménagement général de la Ville de Dudelange - parties graphique et écrite, concernant un reclassement du quartier NeiSchmelz à Dudelange, présenté par le collège des bourgmestre et échevins et élaboré par le bureau d'études Zeyen & Baumann, et
- à l'unanimité la motion légèrement modifiée soumise par la fraction «Déi Gréng».

Fin de la séance vers 12.30 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 16. MÄRZ 2018

1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Gudde Moien an häerzlech wëllkomm fir des Gemengetotssatzung, ech géif lech proposéieren, dass mir ufänken. De Gemengetot ass a senger Kompositioun komplett.

Dräi Informatiounen zum éischte Punkt ënnert Correspondance.

Déi éischt Informatioun ass, do hunn d'Gemegeconseillere och schonns eng Invitatioun kritt, den 28. März um 7 Auer owes ass am Escher Theater d'Informatiounsversammlung fir d'Kulturhaapstad 2022, wou déi 11 Gemengen, respektiv d'Gemengetot aus deenen 11 Gemengen, déi am PRO-SUD sinn, invitéiert goufen, wou dann d'Bid Book, wou mir jo och de Label kritt hu fir 2022, virgestallt gëtt vun deenen zwee Mataarbechter. Dat ass also wierklech och keen onwichtege Moment an ech hoffen, dass den Diddelenger Gemengetot do zueräich vertrueden ass, well mir do och eng ganz Rei Informatiounen aus éischter Hand kréien.

Dann eng zweet Informatioun: Mir hate jo hei zesumme festgehalten, dass mir den 19. März um 8 Auer moies e Gemengetot hunn, ausschliesslech iwwert d'Modification ponctuelle vun Neischmelz, wou de Gemengetot exklusiv domat befaasst ass. An deem Kader ass et jo och obligatoresch, dass een eng Informatiounsversammlung muss maachen an gewëssen Delaien an déi wäert dann de 17. Abrëll sinn, um 19 Auer am Centre culturel opderschmelz.

Déi drëtt Informatioun: Dir hutt et iwwert d'Press matkritt, dass e laangjäreg Lokalkorrespondent vum Tageblatt, de Fränz Hoffmann, leider vun eis gaangen ass. De Fränz war hei generell am Süden, awer och hei speziell zu Diddeleng keen onbekannt Gesicht, well hie vill Gemengetotssatzunge couvriert huet, respektiv, wa mir Manifestatiounen haten, hien och do war als Lokalkorrespondent a wa mir och herno seng Artikelen gelies hunn, déi haten eng gewësse Verve an dat war flott. Deem stëmmt Dir jo och hei zou, dofir schloen ech fir, dass mir eng Gedenkminutt fir hien aleeën. (...) Merci.

Esou vill zu der Korrespondenz, da géife mir weiderfuere mam Ordre du jour. Ech hat awer vergiess, ze soe par rapport zum Ordre du jour, deen erausgaangen ass, datt nach zwou Saachen dobäi komm sinn, all kéiers eng Fro vum Michèle Kayser, respektiv vum Yves Jadin, déi de Gemengetot komplettéieren.

Ass de Gemengetot domat averstanen? Merci, da gi mir eriwuer op d'Verkéisersreglementer an do kritt d'Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

2. APPROBATION VUM TEMPORÄRE VERKÉIERSREGLEMENT WÄHREND DER BIERENGER KIERMES 2018

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Do sinn awer och nach zwee Reglement-d'urgencë bäikomm, déi hat Dir och nageschéckt kritt. Wann Dir domat d'accord wiert, déi och nach mat op den Ordre du jour ze huelen?

Dat éischt ass awer en "normaalt Verkéisersreglement", dat ass dat zu der Bierenger Kiermes, dat soll wéi all



Joer garantéieren, dass mir dat flott, traditionellt Didelenger Fest kënnen ofhalen, a wann ech soen, et ass wéi all Joers, da gëtt et zumindest vu menger Säit net allzevill dozou ze soen, an ech géif lech bieden, domat averstanen ze si fir dass mir all zesumme kënnen feieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Gëtt et Froen dozou?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Just eng Bemierkung, do steet Biergenger Kiermes, déi heescht awer fir richteg Bierenger Kiermes.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Dat kréie mir verbessert.

Soss nach Wuertmeldungen? Nee? Ass dat dann unanime? Jo? Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Dann zu deenen zwee Reglement-d'urgencen, dat eent ass vum 8. Mäerz dat zweet ass vum 12. Mäerz. Et geet hei zweemol ëm de Chantier vun der Post. Zesumme mam Entrepreneur Farenzena am Kader vum Fiberglas deen uechter ganz Diddeleng an och uechter dat ganz Land geluecht gëtt, dofir géif ech se och zesummen huelen.

Dat vum 8. Mäerz ass an der Park-Strooss, wou mir d'Stroosse musse méi enk maachen an e Busarrêt verleeën. Dëse Chantier ass duerch d'Wiederbedingungen och schonns 2 mol geréckelt ginn an dofir och e bëssen am Verzug, mir hoffen also, dass elo déi nächst Deeg d'Wieder matspillt.

Dann dat vum 12. Mäerz, dat ass wéi gesot och weinst dem Fiberglas, an och mat dem nämmelechten Entrepreneur an am selwechten Eck, just e bësse méi erop, nämmelech an der Rue Madame Mayrisch de St. Hubert an an der Rue de la Forêt, do musse mir 2 provisoersch Busarrête reglementéieren, deen an der Mayrisch-

Strooss vum 15. also vu gëschter u bis den 13. Abrëll an deen an der Rue de la Forêt vum 5. Abrëll bis den 13. Abrëll an alles wat méiglech ass vun Aarbechten, dat leeë mir an d'Ouschtervakanz, déi jo den 30. Abrëll ugeet a fir de Lycée, deen do am Eck ass, sinn et jo nach puer Deeg éischter, sou dass mir do net mat allzevill Verkéiersproblemer wäerte gehäit sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Claudia Dall'Agnol, si Froen oder Remarquen dozou? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Wien ass domat averstanen? Dat ass **unanime**. Da soen ech lech Merci.

Domat gi mir eriwwer op d'Gemegefinanzen.

3. GEMENGEFINANZEN

3.1. Approbatioun vum Relevé a vum Rôle vun der Hondstax fir d'Joer 2018

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Do hu mer eng Rei Punkten, engersäits hu mir den Hondsrôle fir den Exercice vum Joer 2018. Deen ass an der Héicht vun 40.530 Euro, an dat mécht dann de Moment 1.158 Hënn aus, déi sech um Diddelenger Territoire bewegen. Ass de Gemengerot mat där Recette averstanen? Här Gangler?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Ech hu just eng Fro: Wann ech do den Enoncé kucke vun deem wat mir do solle stëmmen, do stinn esou Geeschter-Conseillere drop, Nimm vum leschte Joer nach. Ech wollt froen, kommen déi nach eng Kéier mat stëmmen elo oder maache mir et ouni si?



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Mir maachen et ouni si.
Gëtt et nach weider Froen? Här Garcia.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):

Ech hunn eng vläit naiv an onbequem Fro: Déi Lëscht, déi dobäi louch mat all den Hondsbesëtzer, sinn dat se alleguerten? Well ech gesinn a menger Géigend alles voller Muppen, mee ech sinn anscheinend nëmmen 3-4 Leit, déi sollen een hunn. Dat si schwaarz Muppe wéi zu Capellen. Gëtt do eppes kontrolléiert? Ginn déi just deklaréiert wann d'Vollekszielung ass oder wéi ass dat?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also, et ass jo esou, dass dat heiten deen normale Rôle ass, iergendwann um Enn vum Joer kënnt nach den zousätzleche Rôle, en cours de route, wou nach Leit sech während dem Joer Hënn zouleeën, déi dann nach derbäi kommen.

Dat heite baséiert jo och op d'Hondsgesetz, wou eng Meldeflicht ass, dofir sinn déi Leit hei um Rôle drop, a bei all deenen, déi et net gemaach hunn, do sinn eis Servicer aktiv an do ginn och Courrieren eraus wou mir d'Leit drun erënneren, dass si dat och musse maachen. Mir maachen hei keen Opruff zur Delatioun, mä d'Leit sollen sech awer conforméieren, well d'Gesetz ass kloer.

Gëtt et nach weider Froen? Kënne mir dann hei iwwer dee Rôle ofstëmmen?

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass **un-anime**. Merci.

3.2. Approbatioun vum Acte de vente en l'état futur d'achèvement mat der Gesellschaft Immobilière Lenkeschléi s. à r.l.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider, dat sinn zwee Kaafakten, déi mir virleien hunn. Ech géif, wann Dir wëllt, einfach déi zwee zesummen huelen, well se all kéiers de Quartier Lenkeschléi betreffen. An Dir wësst, dass mir wéi mir deemools de PAP, respektiv d'Convention d'exécution vum PAP Lenkeschléi hei gestëmmt hunn, dass mir an deem dote Kader och festgehalten haten, dass - wat déi subventionéiert Wunnengen ugeet - d'Gemeng e Virkafsrecht huet an dass an deem Kader - wann de Projet gebaut gëtt - de Promoteur an der Pflicht ass, eis unzemelle wa subventionéiert Wunnengen op de Maart kommen.

Dofir si mir hei an der éischter Phase wou dat de Fall ass an dofir hu mir och déi zwee Akten hei virleien awer et si keng klassesch Akten an deem Sënn, dass mir d'Appartement direkt kafen an direkt Propriétaire ginn, mee et ass éischter en Acte de vente en l'état futur d'achèvement.

Et sinn zwee Appartements am Lot 5.2 an am Lot 5.4, et waren déi déi och effektiv fir eng Konventioun virgeschriwwen waren, déi sech an der Rue Marthe Bigelbach Fohrmann befannen.

Ech fänke mat deem éischten un, et ass also hei en Acte de vente en l'état de futur achèvement vum 1. Dezember 2017 ënnert der Immobilière Lenkeschléi SARL, vertrueden duerch den Här Jean-Marie Kontz, op där anerer Säit eben de Keefer Gemeng Diddeleng. Wéi gesot, hei en Appartement an engem Block vu 15 Appartements wou mir hei och kafen. Mir exzerzieren hei den Droit de préemption, mir maachen also hei wéi gesot Recht drop wéi mir et gesot hunn. Hei an deem Akt fannt Dir och dee ganzen Historique vun de Baugenehmungen, respektiv dee ganze Volet ronderëm d'Sécherheet wat de Bau vum Appartement ugeet.

Mir sinn awer hei wéi gesot an der Situatioun, wou mir en Appartement kafe vun 101,37 Meterkarreeën, dat ass um Rez-de-chaussée, et ass en Appartement mat 3 Schlofkummeren, mir probéiere jo och do eng gewësse Mixitéit am Kaf ze hunn. De Präis ass 490.677,84 Euro. Niewent der Surface habitable ass natierlech och e Keller an en Emplacement interne dran.

Natierlech kafe mir engersäits au fur et à mesure Dealer vum Appartement a gi progressiv Propriétaire an - esou wéi d'Vente en l'état futur d'achèvement dat virgesäit - mir sinn automatesch do mat an der Co-Propriétéit.

De Bau ass och schonns amgaange vun deem dote Lotissement, wann een op d'Plaz kucke geet. An Dir hutt och am Akt selwer eng Tabell wéi ee weider Propriétaire gëtt, an déi Acquisitioun maache mir natierlech am Kader vun der Utilité publique well et e Logement social locatif wäert ginn.

Mir sinn hei an der Approche, wa mir Propriétaire gi vun deem Appartement, da gi mir et - sou wéi mir et bei deenen aneren Acquisitiounen och ëmmer gemaach hunn - un den Office social weider, deen et dann och weider a säi Park hält a weider verlount



mam Projet de vie deen den Office social mat deene verschiddene Beneficiairen huet.

Dat ass den Acte de Vente en l'état futur d'achèvement Nummer 1 Appartement, 3 Zëmmeren, Lot 5.2.

3.3. Approbatioun vum Acte de vente en l'état futur d'achèvement mat der Gesellschaft Clausen 2 s. à r.l.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann ass de Lot 5.3, deen ass tëschent der Sàrl Clausen, och representéiert duerch den Här Jean-Marie Kontz. Keefer ass d'Gemeng Diddeleng, et ass dee selwechte Prinzip, hei kafe mir en Appartement mat 2 Kimmern, 94,06 Meterkarreeën, dat ass um 1. Stack, et huet och e Keller mat engem Emplacement intérieur zum Präis vu 457.625,60 Euro. Och do huet de Bau schonns ugefangen an hei ass deeselwechte Prinzip och au fur et à mesure vum Avancement vum Projet gi mir Propriétaire a mussen dann och déi verschidden Dealer bezuelen en fonction vun der Acquisitioun vun der Propriétéit.

Dat den Detail wéi esou en Akt opgebaut ass, wou mer au fur et à mesure Propriétaire ginn a lues a lues dat aléise wat mer an den Diskussioun ronderëm de PAP Lenkeschléi haten.

Natierlech wat ech elo nach net gesot hunn, déi nächst Suite ass hei wa mir Propriétaire ginn, da maache mir eng Demande beim Logementsministère fir dann och e Subsid ze kréien. D'Diskussioun ass op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter, et ass selbstverständlech, dass mir dat dote matstëmmen, mir hunn dat ëmmer gefuerdert, mir fannen dat gutt, dass eis Gemeng op dee Wee geet.

Verschiddener soen, et geet nach net duer, mä dat doten ass e gudden Ufank.

Ech hu just eng konkret Fro: Wann ech elo hei kucken, mir kafe 4 Terrainen am ganze vu 57,51 Ar, mir hunn dann herno eng Kéier 16 an eng Kéier 15 Milliëm vum deem Ganzen. Mee firwat kafe mir déi 4 Terrainen, da kafe mir jo am Fong dat ganz Lotissement, wou déi 4 Këschten herno dropstinn a wa mir déi ganz Terraine kaf hunn, da si mir jo am Fong Propriétaire vun deem Ganzen, well et ass ee jo Propriétaire vun deem wat drop steet. Dat verstinn ech net.

Bei aneren Akten, déi si méi kllassesch, do steet dann: Si hunn en Terrain, deen hunn se duerch déi an déi Konditioun kritt, et ass erweisen, dass dat hiren Terrain ass, an elo gëtt eng Vente en l'état futur d'achèvement do drop gesat an da weess een, den Terrain hunn se an d'Haus gëtt elo gebaut.

An där heiter Saach steet direkt am Ufank, mir kafen déi véier Terrainen, déi do a Fro kommen, a wann ech zesummerechnen, déi véiermol 14 an eppes Ar, da kommen ech op 57 Ar, déi mir do géife kafen, an dat ass mir iergendwéi net ganz kloer. Wann Dir mir do kéint eng Kloerheet bréngen. Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):

Merci, also mir si selbstverständlech och mat deem Kaf do d'accord, mir ass just eppes net ganz kloer. Et ass jo virgesinn, dass insgesamt 24 Wunnengen herno zum soziale Wunnengsbau géife gehéieren. Ass dat dann esou, dass mir déi 24 noenee géifen opkafen, dass mir do sämtlech Méiglechkeete géifen ausnotzen?

Well dann hätt sech effektiv d'Fro gestallt ob mir dat als Office social nach géife packen, déi opwenneg Verwaltung vun deene Wunnengen ze iwwerhuelen. An ech hu mir eben effektiv d'Fro gestallt wéivill mir géife mam Office social packen, mat deene Projet-de-vieen, wou all kéiers eng Assistante sociale de Suivi mëscht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Madame Goergen, ech hunn den Akt esou verstanen, dass hei 4 Terraine sinn an dass mir eis natierlech um Kaf vum Terrain bedeelegen, dofir och an där Co-Propriétéit sinn awer et concernéiert just déi Loten, wou mir d'Apparterter kafen.

Hei am Akt sinn natierlech 4 Blocken, 4 Parzellen, mä mir bedeelegen eis just un deem Block oder un deem Lot, wou mir d'Apparterter kafen, dat heescht de Lot 5.2 an de Lot 5.4.

Zu där anerer Fro vun der Madame Goergen: Am Ganze sinn et effektiv d'Phase 1 an d'Phase 2, dat sinn am Ganze 24 Logementer déi subventionéiert kënnen ginn, dat ass festgehale ginn duerch de PAP, an hei ass jo d'Regel dass mir, well mir grad d'Virkaftsrecht hunn, fir d'éischt gesot kréien, dass mir se kéinte kafen, dann huele mir d'Decisioun ob mir op dee Wee ginn oder net, wa jo, da kommen déi Saachen an de Gemengerot an si gi weidergeleet un den Office social.

Mir kënnen awer och d'Decisioun huelen, d'Virkaftsrecht



net an Usproch ze huelen an da kënnen se natierlech op deen normale Marché. D'Wunnenge bleiwen nawell subventionéiert, mä natierlech kënnen da Privatleit, wéi dat bei anere Lotissementer de Fall ass, déi och ënnert déi Conditioune vum subventionéierte Logement falen, déi kafen.

Da géif ech proposéieren zur Ofstëmmung ze kommen. Jo? D'Madame Bodry-Kohn wëllt d'Wuert ergräifen.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP):

Ech wëll eng Kéier vu Säite vun der LSAP ënnersträichen, dass mir dës zwou Acquisitiounen ënnerstëtzen.

Op där enger Säit fanne mir et begrëssenswäert, dass duerch esou Sozialwunnengen an engem neie Quartier wéi Lenkeschléi e Schrëtt Richtung Mixitéit gemaach gëtt, wat ëmmer e grousst Ziel vun eis war a bleift an e Quartier kann och vun dëser sozialer Mixitéit nëmme profitéieren.

Méi e substantiellen Undeel u bezuelbare Wunnenge gëtt geplangt an en neie Quartier Neischmelz och, an op Landesplang ass jo och ugekënnegt ginn, dass bei grousser Lotissementer den Undeel vu Wunnenge mat de Kritäre vum subventionéierte Wunnengsbau vun elo 10% op 20% soll eropgesat ginn.

Op där anerer Säit huet et och elo finanziell Virdeeler fir d'Gemeng. De Kaf gëtt mat 75% vum Staat subventionéiert. Den Investissement, deen hei gemaach gëtt, wäert säi Wäert behalen an d'Gemeng kann och nach, och wann dat elo an deenen heite Fäll e klengen ass, e Loyer anzéien.

An dës Acquisitiounen sinn e weidere Schrëtt, deen des Majoritéit mécht fir genuch Sozialwunnengen um Marché anzekafe fir se dann erëm hire Matbierger iwwert den Office social zur Verfügung ze stellen. Dat läit voll op der Linn och vun der Schäfferotserklärung an dofir fanne mir dat och luewenswäert an ënnerstëtzen déi Initiativ voll a ganz. Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Merci, ech wollt just soen, dass den Office social de Moment 43 Logementer gehéiert.

Dat heescht, de Service Logement ass mat deene Wunnenge komplett ausgelascht an net méi spéit wéi dës Woch hate mir Astellungsgesprécher, vu dass den Här Dominique Meyer duerch seng Krankheet wä-

ert an d'Pensioun goen, stellt den Office social do eng nei Assistante oder en Assistant an op 40 Stonnen d'Woch an d'Madame Tamara Cozzi, déi den Ament jo nach 20 Stonne SRAS hat, kritt déi 20 Stonnen nach dobäi, dann ass si an Zukunft ganzzäitlech dobäi.

Fir nach eng Kéier dorop ze kommen, déi 43 Logementen, do si mir den Ament wierklech vir bäi an hanne widder, a wa mir do wëlle mam Logement ausbauen, dat heescht nei Wunnenge kafen oder lounen, da muss se mir och dee Service vum Personal verstärken, wat awer ganz kloer dëst Joer net méi wäert geschéien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi verschidde Stellungnahmen an da gi mir zum Vote iwwer.

Kënnen mir déi zwee Akten zesammen huelen? Wien ass domat averstanen, dass mir déi Acquisitioun maachen? Dat ass **unanime**. Da soen ech Merci a mir gi stolz Propriétaire vun zwee weidere Logementen.

3.4. Avis zu zwee Actes de vente en l'état futur d'achèvement tëschent der Gesellschaft Wiesen-Piront Constructions S.A. an d'Kierchefabrik vun Diddeleng

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider vum Quartier Lenkeschléi an de Ribeschpout, do ass et esou, dass mir hei och en Acte de vente en l'état futur d'achèvement virleien hunn, awer dëst ass en Akt, dee mir net brauchen ze approvieren, mee just brauchen ze avisieren well et en Akt ass, deen engersäits d'Sociétéit Wiesen-Piront Constructions S.A. betrëfft, déi verkeeft, an den Acquéreur ass hei d'Kierchefabrik, vertrauten duerch hire Conseil d'administration an hei geet et ëm eng Maison d'habitation unifamiliale an der Rue de Leborn Nummer 4.

Dir kënnt lech erënneren, dass mir och e PAP an deem Kader haten, alles gouf hei approvieren, dat heescht de Gemengerot brauch dësen Akt just ze avisieren. Hei ass eng Vente, déi gemaach gëtt an der Héicht vu 550.539,45 Euro fir ee Familljenhaus an deeselwechte Prinzip wéi d'Acquisitioun, déi mir virdru gemaach hunn, ass och hei den Echangeement en fonction vun de Pourcentagen, wou ee progressiv Propriétaire gëtt vun deem Haus.

Déi néideg Approbatiounen sinn och do, de Bistum



huet säi positiven Avis ofginn, de Gemengerot muss säin néidegen Avis ofgi well mir virun enger Zäit hei och de Compromis virleien haten. Dat heiten ass also eng Suite logique an eng Regularisatioun vun Demarchen, déi viru Joeren ugefangen hunn. Dat zu dësem Akte, dee mir just brauchen ze aviséieren.

Wie gëtt e positiven Avis of? Dat ass Stëmme vun LSAP an CSV an déi Gréng.

Wien enthält sech? Dat sinn déi Lénk an den ADR.

3.5. Avis zum Verkaufsvertrag tëschent der Gesellschaft Sedna Investments & Services S.A. an d'Kierchefabrik vun Diddeleng

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir vun der Rue Ribeschpont an d'Pasteur-Strooss eriwuer, och do ass en Acte de vente, dës Kéier e kllasseschen Acte de Vente, dee mir och nëmme brauchen ze aviséieren, well e concernéiert dës Kéier och erëm d'Kierchefabrik, déi zwar net keeft mee verkeeft. Si verkeeft en Terrain u Sedna Investement, vertrueden duerch den Här Auner an den Här Pascolini, do geet et ëm en Terrain vun 20 Ar a 24 Zentiar zum Präis vun 550.000 Euro.

Och hei ass d'Suite logique vun engem Compromis de vente, dee mir hei am Gemengerot haten an dat Ganz schreift sech an an de PAP Pasteur-Strooss, wou wann deen heiten Acte de vente guttgehescht gëtt, an enger nächster Phase dës Gemengerot mam Projet, respektiv mat der Convention d'exécution vum PAP befaasst ass, dat ass dann déi nächst Etapp fir dass dann och dës Projet realiséiert ka ginn. Och dat heiten ass en Akt, dee mir als Gemengerot just brauchen ze aviséieren.

Wien ass domat averstanen? Dat ass **unanime**.

3.6. Approbatioun vun der Zesummenaarbechtskonventioun fir de Projet vum Logement encadré tëschent dem Office social vun Diddeleng an der Fondatioun Jugend- an Drogenhëllef

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider op eng Zesummenaarbechtskonventioun vum Logement encadré hei zu Diddeleng, engersäits tëschent der Fondatioun Jugend- an Drogenhëllef, der Gemeng Diddeleng an dem Office social.

Dat heite schreift sech an an d'Diversificatioun vun de verschiddene sozialen Akteuren oder Akteuren aus dem soziale Beräich mat deene mir hei zesummeschaffen a wou och eng Rei Dieren opgaange sinn, nodeems mir och déi nei Lokalitéite vum Office social viru méi wéi engem Joer ageweit hunn a wou mir och d'Zesummenaarbecht verstärkt hunn, engersäits mat der Croix Rouge, wou mir deene jo schonns um Tattebieng eng Rei Wunnengen zur Verfügung gestallt hu fir de Service Perspective, an dat och gemaach hu mat deem selwechte Service mat der Portierswunneng um Stade Kennedy, dat och an enger nächster Zukunft wäerte maache mat der Fondatioun Pro Familia, mä haut op alle Fall dat hei zum Vote gi mat Jugend- an Drogenhëllef, déi jo och Permanenten hei zu Diddeleng maachen am Office social, déi och gutt funktionéieren.

Hei geet et dorëms, an der Zoufftger-Strooss op Nummer 61, wou d'Gemeng Propriétaire ass vun engem Appartement, wou den Office social gehéiert, ab dem 1. Mäerz eng Wunneng der Jugend- an Drogenhëllef zur Verfügung ze stellen.

D'Jugend- an Drogenhëllef huet e ganz spezifesch Service, deen heescht "Les Niches", dee gëtt et schonns säit 2000, den ass spezialiséiert drop, deene Leit, déi si betreien am soziale Kontext, och Wunnengen zur Verfügung ze stelle fir eng gewësse Stabilitéit ze kréien, och mam néidege soziale Suivi. Dat ass hei en Appartement um 2. Stack. De Loyer, dee mir der Jugend- an Drogenhëllef froen, läit bei 500 Euro de Mount, do ass bal alles inclus, d'Waasser an de Stroum sinn natierlech à charge vun der Jugend- an Drogenhëllef.

D'Population-cible, dat ass also déi Leit, déi an dem Projet vun der Jugend- an Drogenhëllef mat dra sinn, déi vun hinne betreit ginn, awer mat enger Prioritéit fir leit, déi vun Diddeleng sinn, wéi mir dat och bei all anere Konventiounen gemaach hunn an och hei déi selwecht Approche hunn, wat d'Admissiounskritäre sinn, dass een och do bereet ass, seng Liewenssituatioun ze änneren an natierlech och Zesummenaarbecht huet mat "Les Niches" an dem Office social.

Ech mengen, dass dat heiten e ganz ganz flotte Projet ass, an hei hu mer och déi nämlechte Marschroute, dat heescht, dass hei och a regelméissegen Ofstänn déi dräi Acteure sech gesi fir eng Evaluatioun ze maachen.

Dat heiten ass e Projet, dee sech weider aschreift an déi sozial Verantwortung, déi Diddeleng hält, vis-à-vis vu



Leit, déi méi schwiereg Liewenssituatiounen hunn, déi net ëmmer op der Sonnesäit vum Liewe kënnen sinn, an op deem heite Wee hu mer och eng flott Synergie mat der Jugend- an Drogenhëllef. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Eng Wunneng ze fannen zu Lëtzebuerg ass extrem schwéier, an eng ze fanne wann een an enger schwiereger, perséinlecher Situatioun ass, ass oft eng onméiglech Aufgab.

D'Fondatioun Jugend- an Drogenhëllef ass e ganz seriösen Intervenant hei zu Lëtzebuerg, dee seng Clienten, déi wéi den Numm et seet, oft Jonk sinn, a bal ëmmer mat haarden Drogen ze dinn hate gutt encadréiert oft joerelaang, oft e Liewe laang.

A menger Clientèle hunn ech verschidde jonk Mammen, déi virun der Schwangerschaft am Drogemilieu waren, oft ganz déif, während der Schwangerschaft un engem Methadonprogramm Deel huelen, an no der Schwangerschaft meeschtens relativ gutt mat hirem Puppelchen eens ginn.

E ganz enke Suivi vun der Fondatioun Jugend- an Drogenhëllef mat hiren zwee Services, de Service Parentalité, deen sech haaptsächlech ëm d'Eltere këmmert a virun allem och de Service "Les Niches", deen deene Leit hëllef och eng Wunneng ze fannen, a virun allem en extrem gudden a perséinleche Kontakt iwwer Joeren zu hirem Betreier, deen dës Mammen a Kanner hëllef, an eiser Gesellschaft awer erëm Fouss ze faassen.

Eng eege Wunneng ze fannen, ass nieft enger gudder Garde fir d'Kanner ze fannen an eng Aarbecht ze fannen e groussen Challenge fir dës Leit a wa mir Diddelenger eise Matbierger kënnen hëllefen, hir Autonomie an hir Dignitéit nees lues a lues erëmfannen, da mussen mir dat natierlech maachen.

D'CSV ënnerstëtzt selbsterständlech dës Konventioun mat enger ganz zuverlässegem Partner, an d'CSV ënnerstëtzt ëmmer all Bestriewe fir de Leit um Wupp vun dëser Gesellschaft erëm op d'Been ze hëllefen a mir verstinn och, an et ass virdu schonns ugeklungen, dass eisen Office social sech experimentéiert Partner mat an d'Boot hält, fir déi Leit mat deenen ënnerschiddleche Problematiken déi a gemengeneegene soziale Wunnengen ënner Dag kommen sinn, fir déi gutt ze betrieien.

Niewent dem Projet Perspective, et ass virdrun ugeklungen, vun der Croix Rouge, wou mir virun allem jonk Leit betreie loosse, ass dat heien eng aner Population-cible, déi vun eise Sozialwunnengen ka profitéieren. Ech verroden näischt Neits, den Här Buergermeeschter sot et schonns an ech sinn als Presidentin och ganz frou doriwwer, dass och un d'Fondatioun Pro Familia erugetruede gouf, fir och e Logement vun der Gemeng de Fraen aus dem Frae-Foyer als Zweet-Phas-Wunneng no hirem Krisesituatioun zur Verfügung ze stellen. Do gëtt erëm enger anerer vulnerabler Populatioun ënnert d'Äerm gegräff an dat ass och gutt esou.

Eisen Office social sicht sech seriöse Partner fir de Suivi an d'Prise en charge an den Accompagnement vun eise Locataire ofzesécheren, an domat sinn eis Leit vum Office social, déi déi rechtlech betrieien, e bëssen entlaascht an nees prett fir erëm nei Clienten unzehuelen. An dofir eise waarmen Appel och un de Schafferot, mir brauchen nach weider Wunnengen, 45 hu mir der, den Här Manderscheid sot si sinn ëmmer voll.

Ech soen och ëmmer, et soll een net vergläichen, mä Monnerech hunn 74 Wunnengen wou se betrieien, déi hunn och e kommunale Service Logement, an och mir sinn der Meenung, dass ee muss onbedéngt d'Personal opgestockt ginn. Et ass och eng richteg Richtung wou Dir gaange sidd, fir elo dee Posten nei ze schafen am Office social, a mir ënnerstëtzen all Beméiungen fir weider an de soziale Wunnengsbau ze investéieren.

Mir hu jo virdrun och deen éischte Schrëtt gemaach wéi mir déi 2 Appartementer vun deenen 24 Sozialwunnengen op Lenkeschléi kaf hunn, fir déi och an d'Locatioun ze ginn, an d'Madame Goergen hat virdrun ugeklungen, 24 Sozialwunnengen sollen op Lenkeschléi kommen. Ech denken, dass mir do deen een oder aneren Invest kënnen maachen, et muss een och ëmmer wëssen, dass mir extrem gutt Subventiounen och vum Staat kréien, dofir ass dat och eppes wat de Portemonni net esou belaascht.

Wat ech och wollt erwänen, dat ass, dass et awer och niewent de Sozialwunnengen un erschwénglechem Wunnraum fir "manner grave betraffe" Leit feelt. Ech denken do un e Projet wéi zu Monnerech, wou se am Park Molter 55 Wunnengen bezuelbare Wunnraum geschaf hunn. Och do, mengen ech, kënnen mir als Diddeleng e klengen Effort maachen, an CSV hat an hirem Walprogramm eng Idee lancéiert fir Start-



up Wunnenge fir Jonker ze schafen. Jonk Diddelenger, déi zum Beispill frësch vun der Schoul kommen, déi am Stage sinn, a moderat verdéngen, oder Jonker, déi eng Geselleprüfung hunn an an d'Liewe wëlle goen an e Berufswee aschloen an déi awer nach net esouvill Suen hu fir um fräie Marché direkt eng Wunneng ze fannen, do ass och eng Verantwortung vun der Gemeng, niewent dem soziale Wunnengsbau och abordabele Wunnraum ze schafen. An och nach eng Kéier mäin Appel, komm mir setzen eis all zesummen, weist eis och wou d'Gemeng Terrainen a Wunnengen huet, an ech hat et och schonns bei der Budgetsdebatt gesot, dass dat net oninteressant wier, dass mir eis all heibanne mol Gedanke maachen, wou mir den Hiewel kënnen usetzen.

An da kann een esou eng Aart Marshall-Plang ausschaffen, wéivill Wunnraum mir wëllen an den nächste Joere ausschaffen an ech hat och gesot, an der Schäfferotserklärung huet et eis diesbezüglich e bëssen u Visiounen gefeelt an och am Plan pluriannuel feelt et e bëssen u Visiounen, wou mir Investor wëlle maache fir bezuelbare Wunnraum ze schafen, sief et fir Sozialwunnengen oder fir Wunnraum fir Leit, déi e bësselche schonns eppes kënnen bezuelen awer net um fräie Marché kënnen bestoe fir Wunnraum ze fannen.

Et ass jo awer ni ze spéit fir zesummen am Dialog eis eng Marschroute ze ginn an ech maachen do e waarmen Appel fir dat ze lancéieren.

An da kommen ech zur Konventioun, ech hunn net vill Froen, just villäicht eng Fro: Wéi grouss ass dat Appartement, wéivill Wunnraum huet et?

Wat ech och wollt nofroen, d'Konventioun ass gemaach ginn tëschent der Gemeng als Propriétaire, der Jugend- an Drogenhëllef an och dem Office social. Ech wollt do nach eng Kéier nofroen, do steet bei Critères d'admission: "Sont admissibles tous les adultes déterminés à collaborer activement avec les intervenants du Service «Les Niches», ainsi qu'avec l'Office social de Dudelange."

Wéi gëtt do d'Part gemaach vun der Collaboratioun? Ass et net esou, dass just "Les Niches" de Suivi mécht, oder ass et just, dass den Office social d'Gestioun vun den Appartermenter mécht, dat ass villäicht nach eng Zousatzfro, déi een sech ka stellen.

A wat ech och gutt fannen, et ass keng Limit an der Zäit, dat ass och bewusst esou, dass mir dat der Jugend- an Drogenhëllef iwwerloossen, wéi laang si de Leit déi Wunneng zur Verfügung stellen.

An ech wollt just soen, dass am Artikel 6 ënner Punkt 2 steet: "Le Comité d'évaluation se réunira sur l'initiative du Service tous les semestres afin d'évaluer de la situation des jeunes gens." Hei ass jo awer net nëmme jonk Leit, ech huelen un dass dat villäicht e Copy-Paste ass vun der Evaluatioun, déi mer hate mat "Perspektiv", well et ass jo net nëmme geduecht fir Jonker mee och fir Erwuessener, eventuell Erwuessener mat Kanner. Et ass net dramatesch, et ass just eppes wat mir opgefall ass.

Wéi gesot, mir si ganz zefridden, dass mir op dës Wee ginn, a mir ënnerstëtzen och weiderhin den Office social, sief et fir méi Leit anzestelle fir selwer Wunnengen ze geréieren awer och fir nei Partner ze sichen, fir mat deenen zesummen déi beschtméiglech Prise en charge vun deene Leit ze assuréieren, déi an eise Wunnenge sinn. Merci.

MARTINE KOHN (LSAP):

Ech wollt och vun der LSAP hei nach eng Kéier drop hiweisen, datt och dës e Stéck aus eisem Walprogramm ass, dee mir hei elo ëmsetzen, dat heescht, eis war et wichteg, och um Terrain, wou et méi problematesch ass, sech do net der Problematik ze verschléissen a mat de verschiddenen Acteuren am sozio-aktive Beräich hei Synergien ze fannen an dofir och méi gestärkt um Terrain kënnen ze agéieren.

Hei wëll ech awer och elo nach eng Kéier - net well ech selwer do am Office social setzen - ausdrécklech ernimmen, déi grouss Dynamik, déi dësen Office social wierklech all Dag un den Dag leet, an ech mengen och hei nach eng Kéier kënnen ze soen, dass de Moment all Mënsch do säi Maximum gëtt, also sou wéi mir elo do opgestallt sinn, ass dat hei wierklech de Maximum wat elo de Moment machbar ass. Dat heescht awer net, dass een net an Zukunft kann ëmmer d'Aen ophale fir nei Akzenter ze setzen a Geleeënheeten ze profitéieren.

Ech wëll awer och nach eppes soen zum Punkt Visiounen an Ideeën, déi dës Majoritéit hei un den Dag leet. Do wëll ech awer ganz kloer eng Kéier hei op de Quartier Neischmelz hiweisen, wou ganz kloer fir déi nächst Generatiounen hei soziale Wunnengsbau geplangt an ëmgëtt gëtt, an do war all Deel vun der Gesellschaft



a vun dëser Communautéit vun der Diddelenger Gemeng an hire Bierger invitéiert an huet och matgeschafft fir dee Projet ëmzesetzen am Detail.

Et ass also net esou, dass dat hannert verschlossenen Dieren hei passéiert, an do gëtt ganz konkret an der grousser Zuel soziale Wunnensbau bedriwwen an zwar net nëmmen an déi verschidde Richtungen, eng sozial Mixitéit, mä och wat déi verschidde Generatiounen ubelaangt, gëtt do geschafft. Also, mir kënnen dat nëmmen esou ënnerstëtzen, wéi dat gemaach gëtt, net nëmmen hei elo konkret mat Jugend- an Drogenhëllef, mä och wat de soziale Wunnensbau fir déi nächst Generatiounen ubelaangt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, ginn et nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da geet de René Manderscheid nach op e puer Punkten an.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Merci, ech géif iwwergoen dorop, wéi grouss déi Wunneng ass: Et ass eng Wunneng um 2. Stack, mat enger Schlofkummer an et kann ee rechnen mat 50-60 Meterkarreeën.

Ech wëll awer Folgendes soen: Et muss een den Ënnerscheid maachen tëschent de Wunnengen, déi den Office social geréiert an deenen, déi d'Croix rouge, respektiv elo hei d'Jugend- an Drogenhëllef geréiert.

Den Ënnerscheid ass, dass wa mir eng Wunneng der Croix rouge oder der Jugend- an Drogenhëllef zur Verfügung stellen, da këmmen si sech ëm dee ganze Suivi well eis Assistenten net kompetent genuch sinn, fir an deem Domaine kënnen matzeschaffen. Déi Leit do, déi aus deem Domaine kommen, déi hunn aner Problemer wéi déi "normal" Clienten, déi den Office social a seng Wunnenge setzt.

Den Office social betreit effektiv dann déi aner Wunnengen an do maachen si de Suivi awer virun allem, an dat ass wichteg ze wëssen, och déi ganz Finanzgestioun, well déi Leit gi vun hinne geréiert an si kucken och fir hir finanziell Situatioun erëm an de Grëff ze kréien, respektiv ze verbesseren.

An si bekëmmen sech ëm alles dat wat lénks a riets am Liewe wichteg ass, Botengänge bei d'Behörden an esou weider. Déi Leit mussen un der Hand geholl ginn an dat mécht den Office social, entgéint bei

deenen aneren, do mécht dat dann den Träger wéi d'Jugend- an Drogenhëllef, well déi Leit e bëssen aner Problemer hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci René Manderscheid, da ginn ech och nach op e puer Punkten an.

D'Madame Kayser sot, dass an der Schäfferotserklärung keng Visiounen wieren, ech ka mech erënneren, dass wéi mir hei d'Schäfferotserklärung presentéiert hunn, d'CSV ugedoe war vun der Visioun, déi mir hei presentéiert hu fir Diddeleng weiderzebréngen. Et ass e bëssen deroutant wann een dann deen doten Discours héiert.

Ech hu méi wéi emol hei gesot an och am Kader vun der Budgetdiskussioun fir dëst Joer a wann Dir am Budget jo kuckt, gesäit een dat och, well och zwee Kreditter an Artikele bestinn.

Engersäits hu mir de Projet an der Rue du Commerce, wou mir als Gemeng Propriétaire si vun engem Haus, wou mer jo e soziale Wunnensbauprojet maachen an ech hunn och am Kader vun der Budgetdebatten iwwert de Projet geschwat bei der Balzenger Schoul, wou Terrainen sinn, déi Propriétaires gehéieren, wou un d'Gemeng erugedroe ginn ass mat engem Virkafrecht a wou mer e Projet hu mat der SNHBM.

Hei hu mir zwee konkret Projeten, déi mir ëmsetzen. Dann, mengen ech, hu mir wuel zwou verschidde Virstellungen vu Visioun.

Dëst gesot, ech mengen ech brauch net weider op Neischmelz anzegoen.

Kënnen mir elo ofstëmme? Wien ass domat averstannen? Dat ass **unanime**. Merci.

3.7. Approbatioun vun dräi Konventiounen tëschent dem Staat an der Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois iwwer Notzungsgenehmegungen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op dräi Konventiounen, déi mir hu mat der CFL.

Déi éischt ass ronderëm de Souterrain fir d'Foussgänger vis-à-vis vum Match-Parking.



Et ass esou, dass mir dat gemaach hu mam Accord vun der CFL. D'CFL si jo och Propriétaire nach ëmmer vum Domaine a si hunn eis d'Méiglechkeet ginn, déi Aarbechten ze maachen, déi goufen 2013 gemaach ënnert de Schinnen hu mir dee Souterrain gemaach fir dass eng Interconnexioun ka stattfannen tëschent dem Quartier Italien, respektiv Tattebiërg an dem Zenter, a mat der Schafung vun engem neie Parking zu Tattebiërg ass och an dëser Konventioun mat ageschriwwen ginn, dass Gemeng dat ganz Finanzement natierlech iwwerhëlt, dass natierlech d'Ouvrage, déi mir gemaach hunn, d'Propriétéit si vun der Gemeng, awer nëmmen d'Ouvrage. Den Terrain ferroviaire selwer bleift natierlech an der Propriétéit vum Staat.

Natierlech mussen mir och den Entretien maachen vum deem Ouvrage wat do och de Fall ass, a wann Aarbechte mussen gemaach ginn um Ouvrage, dann ass dat à charge vun der Gemeng, mir mussen och eng Assurance hei iwwerhuelen, eng Responsabilitéit, wéi dat bei all Ouvrage wou d'Gemeng Aarbechte mécht, de Fall ass. Et ass een am Fong Gardien vun der Voirie, respektiv ass et esou, dass déi Konventioun eng Dauer huet vun 20 Joer an dass mir och an dësem Kontext am Fong dat à titre gratuit vun der CFL gestallt kréien, mir hu jo och en Ouvrage finanziert, an ebe just mussen eng Indemnitéit vu 600 Euro bezuele wat dësen Dossier ugeet. Dat ass déi éischt Konventioun, ech huelen déi dräi mateneen, well et e Ganzt ass.

Déi zweet Konventioun huet och mat deenen Aarbechten ze dinn. Déi Aarbechten, déi mer beim Souterrain gemaach hunn, hunn eis och d'Méiglechkeet gi vun der Fontaine-Strooss an der Karl Marx-Strooss och e Wee ze maachen, laanscht d'Bunn, laanscht d'Haiser och a Richtung Quartier Tattebiërg, wou mer eng Clôture an och en Eclairage gemaach hunn, also och eng Connexioun tëschent bestehende Quartieren, och fir de Foussgänger.

Also eng flott Saach, déi am Alldag benotzt gëtt. E Wee, wou dee selwechte Prinzip gëllt, dass mir dat ganz Finanzement vum Wee iwwerhuelen, dass mir och Gardien sinn, dass mir dat mussen propper halen, dass mir och eng Responsabilitéit, respektiv eng Assurance doriwwer huelen. Dat ass de klassische Kader, dass mir och déi néideg Autorisatiounen vun der CFL krute fir dat ze maachen, an hei ass et och esou, CFL bleift Propriétaire vun dësem Wee, d'Sécherheetsdispositiiven mussen en vigueur sinn a mir bezuelen hei eng Redevance annuelle vu symbole-

sche 50 Euro a wéi bei där Konventioun virdrun 600 Euro Redevance unique fir dësen Akte, an Dir gesitt och hei de Wee op der Presentatioun.

An dann den drëtte Volet, dat ass eng Konventioun am Quartier Italien, mat der CFL. Do hu mir eng Hondstoilette gemaach. Dat war och op Demande vun den Awunner aus dem Quartier Italie, respektiv dem Interesseveräin aus dem Quartier Italien, wou effektiv Kontakt opgeholl gouf mat der CFL fir déi Installatioun ze maachen. Si hunn eis och den Accord ginn, dat ass bei der Gare, Dir hutt do och d'Foto am Dossier gehat. Mir kënnen se och kuerz hei ablenden, do ass deeselwechte Prinzip, mir huelen do Responsabilitéit, mir mussen dat och regelméisseg botzen, wéi déi aner Hondstoiletten hei zu Diddeleng och. Et ass eng Redevance annuelle vu 40 Euro déi mir do bezuelen an eng Redevance unique vu 600 Euro.

Dat zu dësen dräi Konventiounen mat der CFL, wou mir och dat wat hei scho besteet, elo kloer regulariséieren. Ech wëll awer och hei soen, dee Moment wou et ënnerschrëwen gouf an hei an de Gemengerot erakomm ass, hate mir dat heiten alles ënnerschrëwen an an de Ministère erageschéckt an et ass e bësse spët zeréckkomm. Mir wollten dat awer hei regulariséieren, esou wéi dat sech gehéiert. Dat zu den Erklärungen. Hutt Dir Froen dozou?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Merci, ech hat och eng Fro op der Zong: Firwat dauert dat esou laang? Merci, dass Dir eis dat erkläert hutt.

Dee Punkt vum Souterrain, do mussen mir eis leider enthalten. Mir haten eis deemools och beim Bau vum deem Souterrain enthalen well mir et einfach skandaléis fannen, dass do keng Effort gemaach gi si fir dee behënnertegerecht ze maachen. Wann ee kuckt, wat mir vu Parking ënnen zur Verfügung hunn, do hätt ee kënnen eng Ramp maachen, déi schéi gemittelt eropgeet, mä dat ass jo elo Tempi passati, dann ass et elo eben esou.

Eng Fro déi ech hunn: Am PAP Neischmelz ass et virgesinn, dass d'Strooss, d'Route de Thionville, verlager gëtt an dass déi direkt widder d'Bunn leie kënt. Da kommen d'Haiser net do wou elo déi fräi Terrainë leien, mä déi kommen do wou elo d'Strooss ass. Elo froen ech mech awer, wann déi Strooss genee laanscht d'Bunn kënt, da kënt se jo och laanscht dee Punkt wou dee Souterrain erauskënt. Wéi gëtt dat



gemanagt? Gëtt de Souterrain verlängert fir dass en och ënnert der Strooss erauskënnt? Kommen do Luuchten hin? Well et schéngt mir spatial e bëssen enk ze sinn. Ech fäerte ganz, dee Souterrain kritt net méi déi richteg Vocatioun, well déi Strooss do sou enk derlaanscht geet. Dat wier meng Fro, déi ech nach hätt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, sinn nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall, da ginn ech op déi zwee Punkten an. Ech hu verstanen, dass mir dann och de Vote separat maache wat d'Konventiounen ugeet.

Par rapport zum Volet "behënnertegerecht" hate mir schonns am Kader vun den Aarbechten erkläert, dass duerch den Talus net déi Méiglechkeet bestanen huet, dat ze maachen. Wann et méiglech gewiescht wier, hätte mir dat natierlech gemaach. Et war awer net méiglech an dofir war et net realisabel, dat hu mir en long et en large hei am Gemengerot erkläert an och mat deenen zoustännege Leit, déi um Projet geschafft hunn.

Dann déi zweet Remarque par rapport zum Souterrain, dat ass eng Fro, déi och ze erklären ass am Kader vum PAP. Et ass richteg, dass do déi Strooss bei d'Bunn kënnt, net direkt bei d'Bunn, well do muss jo de Sécherheetsdispositif erhale bleiwen, mee et ass ze kucken. De Souterrain bleibt bestoen, mee déi Interaktiounen oder déi Connexioun muss sécherheetstechnesch geléist ginn an do muss een en Aen drop halen am Kader vum PAP, deen deen doten Deel betrëfft.

Domat wier ech op déi zwee Punkten agaangen, da géif ech elo proposéieren, dass mer zum Vote iwwer kommen. Ech géif proposéieren, dass mir ofstëmmen iwwert déi Konventioun mat der Hondstoilette, respektiv mam Foussgängerwee.

Wien ass mat den 2 Konventiounen averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

Da komme mir zu der Konventioun mam Passage souterrain. Wien ass mat där Konventioun averstanen? Dat ass Déi Gréng, LSAP, ADR an déi Lénk. A wien enthält sech? Dat ass CSV. Merci.

3.8. Approbatioun vun dräi Konventiounen iwwer d'Bäihëllef fir de Bau vu subventionéierte Logementer fir d'Locatioun an der Rue du Parc, an der Rue Tattenberg an an der Rue des Champs

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir weider op Konventiounen, dat sinn déi tëschent dem Logementsministère an der Stad Diddeleng, wat déi Acquisitiounen ugeet ronderëm de subventionéierte Wunnengsbau.

Déi eng ass e Logement subventionné an der Rue des Champs, dat ass de Projet vun SNHBM, wou mir och eng Wunneng kaf hunn a wou mir e Subsid vum Staat kréie vum 75% an dat an der Héicht vun 279.700 Euro.

Dann ass déi zweet Konventioun, dat sinn déi 10 subventionéiert Logementer an der Tattebuerger-Strooss. Do hu mir 75% kritt wat d'Acquisitioun vum Haus ugeet, dat ass e Montant vun 600.000 Euro, a mir hunn och 75 % kritt wat d'Realisatioun vun de Logementer ugeet, also d'Transformatioun, an dat ass e Montant vun 278.000 Euro, also e Subsid vun 878.000 Euro. Dat si Logementer, déi bestinn.

An deen anere Volet, dat ass wou d'Aarbechten nach amgaange sinn, eis Maison des Chercheurs, an der Rue du Parc, wou herno d'Uni Lëtzebuerg d'Gestioun vun de Wunnenge mécht, dat sinn 9 Logementer fir Studenten, haaptsächlech Chercheuren, Doktoranden a Post-Doktoranden. Do hu mir 70% kritt um Volet Acquisitioun a Realisatioun. Mir sinn also net méi an deem Szenario vun 100%, do goufen et jo Ännerungen, sou dass mir hei e Subsid kréie vun 1.480.139 Euro.

Dat gesot zu deene Subventiounen, wat déi dräi Projeten ugeet, deen och hei am Timing ass an deen zur Rentrée 2018-2019 sollt opgoen. Sinn dozou Froen? Dat ass net de Fall, da kënne mir ofstëmmen.

Wien ass domat averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

3.9. Approbatioun vum Devis remanié fir Raclagen a Refektiounsarbechten a verschidde Stroossen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir op en Devis remanié wat Raclagen ugeet vun eise Stroosseninfrastrukturen, do hate mir en Devis initial am Joer 2015 vun 550.000 Euro, deen Devis musse mir awer änneren an ëm 100.000



Euro eropsetzen, well de Raclage vun der Park-Strooss dobäikënnt, an dat schreift sech an an déi Aarbechte ronderëm d'Poste Technologies, déi de Réseau frësch maachen, a mir déi selwecht Geleeënheet notze fir och hei e Raclage ze maache, dofir setze mir hei deen Devis erop. Si Froen dozou? Wien ass domat averstanen? Dat ass **unanime**.

3.10. Approbatioun vun Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir zu 13 Dekonten.

Mir hunn een Dekont wat eis Waasserreservoirën ugeet, do hu mir den Devis vu 600.000 Euro, d'Depense war 597.434, 58 Euro, dat war 2012- 2017.

Dann hate mir de Reamenagement vun der Rue Belair, do hate mir en Devis vu 720.000 Euro an d'Depense war 704.291,23 Euro, dat war 2013- 2016.

Fir de Reamenagement vun der Rue Marcel Schmit, do hate mir en Devis vun 255.000 Euro an eng Depense vun 116.608,89 Euro. Do ass de Projet méi bëlleeg ausgefall well een Deel vun der Rue Marcel Schmit net konnt gemaach ginn, well en a privater Hand ass. Dat war 2013- 2015.

Fir den Amenagement vun den Alentoure vun der Kierch St Martin war den Devis 800.000 Euro an d'Depense 794.695,69 Euro an dat war 2013- 2016.

Fir de Reamenagement vum Square Lucien Wercollier, am Hanzendall, war den Devis 100.000 Euro an d'Depense 82.465,30 Euro, ofgeschloss am Joer 2017.

Fir d'Installatioun vu Portes coupe-feu an engem Système de désenfumage an der Schoul Strutzbierg A hate mir en Devis vun 82.000 Euro an d'Depense war 60.647,76 Euro an dat war an de Joren 2013- 2015.

Fir de Reamenagement an der Rue du Commerce wou mir deen Deel tëschent der Route de Zoufftgen an der Rue des Ecoles jo frësch gemaach hunn, hate mir en Devis vun 300.000 Euro an d'Depense war 224.637,19 Euro an dat war 2014-2016, wou déi Aarbechte gemaach goufen

Fir de Renouvellement bei der Place de l'Église hate mir en Devis vun 295.000 Euro an d'Depense war

177.361,31 Euro an dat war haaptsächlech de Volet Kanalisatioun.

Fir de Renouvellement vum Gas- a Waasserresseau an der Rue Jean Wolter hate mer en Devis vu 77.500 Euro an d'Depense war 37.920,37 Euro an dat war an de Joren 2014-2015.

Fir d'Acquisitioun vun engem Appartement an der Rue des Champs hae mer en Devis vun 380.000 Euro an d'Depense war 378.107,17- Euro. Do hu mer e Subsid kritt, dee mer jo elo iwwer d'Konventioun och gestëmmt hunn.

Fir d'Acquisitioun vun engem Logement fir Chambre-meubléeen anzeriichten an der Rue Tattenberg dat war 1.200.000, an d'Depense war 1.142.487,10 Euro. Dat war 2010 an och do hu mer e Subsid kritt, dee mer jo elo iwwer d'Konventioun och gestëmmt hunn.

Fir de Remplacement vun de CIBIES Radio duerch den digitale System RENITA fir de Centre d'Intervention vun Diddeleng hate mer en Devis vu 45.000 Euro an d'Depense war 38.436,97 Euro. Och do hu mir e Subsid vun 23.000 Euro kritt vum Inneministere.

Fir d'Remise en état an d'Isolatioun vum Dach vum Musée municipal / Galerie Nei Liicht hate mer en Devis vun 115.000 Euro an d'Depense waren 114.626,20 Euro an do gesitt Dir och datt mer e Subsid krute well et jo klasséiert ass vu Sitee et Monuments an och vum Environnement.

Dat zu deenen 13 Dekonten. Sinn dozou Froen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter, ech hunn eng éischt Fro zur Marcel Schmit-Strooss, do steet bei der Note: "une partie de la rue est sous propriété privé et n'a pas fait l'objet d'un remplacement des conduites." Mä dat war jo am Fong am Virfeld jo schonns gewosst. Dofir wonnert et mech, dass et an d'Note komm ass, well ech denken, dat hätt jo keen Impakt gehat op de Präis, oder? Dat war just eng Fro. Ech mengen, d'Explikatioun ass éischter déi, dass se wéi si gesot hu fir d'Pose vum Gas a Waasser, dass se déi nei Tuyaue konnten op déi al leeën, mä dat anert war jo am Fong keen neie Moment.



Dann hunn ech eng Fro: D'Place de l'église, déi ass jo relativ substantiell méi bëlleg ginn, fir de Reamenagement waren 295.000 Euro virgesinn an 177.000 Euro goufe gebraucht, do ass villäicht och eng berechtegt Fro, well et steet och do, dass do verschidde Saache konnten zesumme gemaach gi mat de Posten Eglise Saint Martin, Reamenagement a Place de l'Eglise, Reamenagement, dass et doduerch méi bëlleg gouf. Meng Fro ass awer - an dat interesséiert och d'Leit dobaussen- dat war jo déi ganz Geschicht mat deene Beem, déi ëmgemaach goufen. Och do ass villäicht eng Indemnitéit bezuelt ginn oder wien huet do déi Responsabilitéit iwwerholl, an ass dat och villäicht eng Ursaach firwat et méi bëlleg ginn ass? Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):

Jo, d'Madame Kayser huet mir am Fong meng Fro scho virewech geholl. Wat eis effektiv interesséiert bei deenen Amenagementen ronderëm d'Kierch ass eben dat wat net an den Dekonte steet. Ech erënneren drun, dass do 5 Beem staark beschiedegt gi sinn, an duerno hu missen ëmgemaach ginn a mir haten och doropshin eng Fro un de Schäfferot gestallt. Et war deemools gesot ginn, déi fënnef Beem missten ersat ginn an da missten och nach Kompensatiounsmoosnamen op Käschte vun der Entreprise duerchgefouert ginn an dat misst awer an engem Bréif vum Ministère de l'Environnement festgeluecht ginn, wéi déi Kompensatiounsmoosname géifen ausgesinn. Ech mengen, mir wieren duerno awer do net méi informéiert ginn, wat a wou dat géif geschéien, an dofir effektiv d'Fro: Wat huet dat beinhalt? Ass déi Kompensatiounsmoosnam duerchgefouert ginn? A wéivill Beem sinn do schlussendlech geplantz gi fir déi aner ze ersetzen? Merci.

JEAN PAUL FRIEDRICH (CSV):

Ech hu just eng kleng Fro: Beim Square vun der Wercollier-Strooss, do hutt Dir gesot, et sinn 82.000 Euro investéiert ginn. Elo ass et esou, do gëtt elo en Haus gebaut, an deem klengen Duerchgang wann een do d'Strooss erofgeet, do fänken elo Camionen un iwwert dee Square ze fueren, déi awer scho relativ vill Degaten do maachen, elo net, dass se déi Pottoen ëmrappen, mee et gëtt duerch d'Wiss an esou gefuer, et wier gutt wann do géif kontrolléiert ginn, wat déi do maachen, respektiv dass si och dofir opkommen, wann se dee Square beschiedege well do fueren awer Tonne Camionen driwwer an do si scho Spueren an deem Square, déi relativ déif ginn, an do muss awer gekuckt ginn, dass déi dat rëm an d'Rei bréngen, soss ass dee Square an Zäit vun engem halwe Joer relativ vill beschiedegt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, ech fänken da mat där doter Remarque un. Effektiv musse mir dat am Ae behalen, respektiv wann duerch d'Aarbechten Degaten entstinn, dass mer dann och direkt kënne reagéieren.

Par rapport zu der Marcel Schmit-Strooss, wat mir ëmmer virgesi wa mir e Projet maachen, dat ass déi ganz Enveloppe, och de Propriétaire hätt kéinten decidéiere matzemaachen, dann hätte mir déi Méiglechkeet gehat, dofir hate mir déi ganz Enveloppe virgesi fir de Projet. Effektiv fält et elo méi bëlleg ass, well vu dass dat eng Privatpropriétéit ass, deen Deel eben net gemaach gouf, soss hätte mir missen hei an de Gemengerot kommen an nostëmmen. Dat wier déi aner Approche gewiescht. Dofir ass et an der Dépense effective eben deementspreechend manner.

Par rapport zu der Place de l'église mat de Beem, respektiv de Kompensatiounsmoosname géif ech eng global Äntwert ginn. Do hate mir Diskussiounen esouwuel mam Entrepreneur an och iwwer eisen Affekot an iwwer d'Assurancen, dat heescht, et ass iwwer deen dote Wee ofgekläert ginn, an déi ganz Kompensatiounsmoosnamen hate mir mengen ech awer schon am Gemengerot diskutéiert, do hat och de Ministère geäntwert an dat ëngesat an der Rue du Nord, do sinn eng ganz Rei nei Beem geplantz ginn, an do war och de Ministère domat averstanen. Wéi mir dee frësch gemaach hunn, dee ganze Quartier, hu mir an deem Kontext eng Rei nei Beem geplantz an déi sinn eis do och guttgehal ginn am Kader vun der Kompensatioun. Dat zu der Fro vun der Madame Goergen an der Madame Kayser.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

De Montant kann ech lech elo net soen, deen hunn ech elo net bei Hand. Neen, Pardon, deen ass hei elo net dran, dat gëtt iwwer d'Assurancen ofgewéckelt. Jo, Madame Goergen?

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):

Merci, dat liicht mir jo an, dass do Beem geplantz ginn, well et zumindest nach zu Diddeleng ass, awer wou sinn dann d'Kompensatiounsmoosname vum Multimodal? Also wann dat doten elo déi Beem beim Multimodal d'Kompensatioun vun der Kierch sinn, wou sinn dann d'Kompensatiounen vun där ganzer Fläch vum Multimodal?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also, dat dote geet awer e bëssen iwwer de Kader eraus, mir sinn hei jo bei der Place de l'église. Also,



éischtens wat d'Place de l'église ugeet, dat ass an der Rue du Nord, do goufen déi jo kompenséiert. Do hate mir jo och e Schrëftverkéier mam Ministère an deem huet eis dat genehmegt.

De Multimodal war sécherlech um Diddelenger Territoire, ech wëll awer drun erënneren, dass d'Gemeng just eng Baugenehmegung ginn huet fir de Multimodal ze bauen an dass dat e staatleche Projet ass, an dass och am Kader vun der Renaturéierung vun der Diddelenger Baach en Areal geschaf ginn ass, wou och eng Rei Kompensatiounsmoossnamen an och Gebëem geplangt a geplanz goufen. Dat war de Kader wou de Ministère de l'Environnement sech selwer d'Oplag ginn huet, d'Kompensatioun virzehuelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat sinn aner Beem. Dat eent ass jo d'Gemeng an dat anert ass de Staat. De Staat huet an der Verlängerung vun der Rue du Nord misse kompenséieren, do wou d'Renaturéierung vun der Diddelenger Baach ass. Do hunn si kompenséiert.

Da komme mir zur Ofstëmmung vun deen Dekonten. Wien ass mat deenen Dekonten averstanen? Dat ass **unanime**. Villmools Merci.

3.11 Verdeele vun ausseruerdentleche Subsiden

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir bei d'Subsiden.

Et sinn der zwee, ee vu 65 Euro fir d'Fondatioun Lëtzeburger Blannevereenegung fir d'Joer 2018 an et ass e Subsid vum 125 Euro fir d'Associatioun Lëtzeburger Alzheimer (ala), déi och eng ganz Rei Aktivitéiten um Diddelenger Territoire mécht.

Ass de Gemengerot mat deene Subside averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

4. APPROBATION VUN DER PROPOSITION, D'GEBAI OP NUMMER 46, RUE DU PARC AN DEN ZOUSÄTZLECHEN INVENTAR VUN DEN NATIONALE MONUMENTER ANZEDROEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): heibäi geet et ëm eng Approbation vun enger Proposition fir en Haus ze klasséieren, respektiv fir en Haus op den Inventaire supplémentaire ze setzen an dat ass en Haus, dat befënnt sech op 46, Rue du Parc, mir kënnen vläit och eng Kéier d'Foto vum Haus ablenne fir dass Dir et och virun Aen hutt. Dat ass d'Haus wat direkt niewent dem Parking ass, wou d'Hauptentrée ass fir an de Lycée Nic Biver. Dat heissen ass d'Proposition vum Kulturministère den 2. Januar 2018 fir d'Propositionen ze klasséieren. D'Haus selwer gehéiert der Madame Madeline Funk an et soll klasséiert gi well et en Haus ass, dat zu der Belle Époque gehéiert, et ass och en Haus wat vun der Cosimo e positiven Aval krut, mir wëssen awer net wien d'Demande gemaach huet, dass d'Haus soll klasséiert ginn.

Jiddweree kann dat maache well d'Gesetz iwwert Klassemment gesäit dat vir, all tierce personne kann dat maachen, mir hunn awer net erausfonnt wien dat war. Do wollt kee richteg mat der Sproch erausréckelen, mä et huet een awer aus dem Dossier eraushéieren, dass et net d'Propriétaire waren, déi dat ugefrot hunn, well d'Madame Funk jo och am Kader vun engem Courrier matgedeelt huet, dass si net domat averstanen ass, dass dëst Haus soll klasséiert ginn.

De Ministère seet effektiv, dass dat Haus zum Domaine Thilges gehéiert huet, wat effektiv awer net esou richteg ass. Et ka sinn, dass den Domaine vum Notaire Thilges do war an do fréier och ëmmer e Sa-



natorium war, wou Leit, déi Tuberkulos haten, konnten higoen an dat doten Haus, viru senger Renovatioun. Dat Haus ass jo kierzlech renovéiert ginn, ouni Subside vu Sites et Monuments, well et eben net klasséiert ass, an et ass awer fachgerecht renovéiert ginn.

Do war viru kuerzem och nach e Foyer fir Kanner vun de staatleche Kannerheemer dran an awer, wann ee kuckt wéini dass et gebaut gouf an och iwwer den Intérêt historique, deen dat Haus huet, dofir och d'Propos hei vum Ministère fir et ze klasséieren an am Kader vun deenen doten Diskussiounen wou de Gemengerot domat befaasst ass, en Avis ofzeginn.

D'Decisioun vum Klasement hält jo nach ëmmer de Ministère selwer, dee kéint och d'Decisioun huelen, et direkt ze klasséieren, wat en awer elo hei esou direkt net gemaach huet. De Ministère wollt hei den Avis vum Propriétaire, respektiv vum Diddelenger Gemengerot, well hei am Fong d'Propos virläit, déi elo an der Deliberatioun ass, dat heizen Haus ze klasséieren, well et awer e gewëssenen Intérêt historique et architectural huet, an e positiven Avis ofzegi vis-à-vis vum Reklassement. Well wa mir et net maachen, dat muss ee sech bewosst sinn, datt muer iergendeen - wann et sollt verkaaft ginn - kéint dohinner goen an et ofrappe fir en Appartementshaus dohinner ze bauen.

Reng technesch gesinn hätt de Buergermeeschter keng aner Méiglechkeet wéi dat effektiv ze autoriséieren. Dat wëll ech virop soe par rapport zu der Discussioun déi hei wäert stattfannen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Merci, eis ass effektiv opgefall, dass d'Propriétairein formell dogéint ass, dass dat klasséiert gëtt. Fir eis ass dat am Fong schonn en Argument fir hir Recht ze ginn an eis net onbedingt an dee Klasement anzeloossen.

Ech muss och elo soen, dat Argument et kéint eng Kéier en Appartementshaus dohinner kommen, dat ass schuet, dat ass richtig, mä wann d'Evolution vum Urbanismus hei zu Diddeleng esou geet, da geet dat eben esou. Et sinn och ganz vill Gebaier lénks doniewent a wann een nach eng Kéier Wunnraum muss schafen an dat doten Haus géif ewechfalen, da géif ech et schuet fannen, well et ass elo ganz schéin an d'Rei gesat ginn, mee mir hunn do iergendwéi kee groussen Afloss drop.

Wat ech awer nach dobäi wollt soen: Wann de Minis-

tère schonn esou vive ass fir alles, wat do nach zum Thilgesschlass gehéiert, ze schützen, da fannen ech et extrem schuet, dass si et verpasst hunn, dat schéint Portal vun deem ganzen Domaine do ze schützen, wat eng Kéier an enger Nacht- und d'Nebelaktioun ofgerappt ginn ass. Ech weess net firwat, ech weess net wéini. Ech hu mir just soe gelooss, et wier anscheinend e Gemegecamion dragerannt an dunn hätt et missen ofgerappt ginn. Mee dat war e ganz schéint Portal, wat a mengen Aen nach méi e groussen historéische Wäert hat wéi dat Haus hei. Dat Haus huet net zum Domaine Thilges gehéiert, dat huet den Dr. Jacoby fir seng Zwecker opgebaut. Mee ech fannen et wierklech schuet, dass déi Geleeënheet verpasst gouf, fir dat Portal ze schützen, well dat ass definitiv fort.

Also, mir sinn éischter tendéiert, déi Reklassementer do net ze ënnerstëtzen. Merci.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):

Merci, am Géigesatz zu der CSV wäerte mir op alle Fall dofir si fir dat doten ze schützen, egal ob de Propriétaire oder d'Propriétairein dofir oder dogéint ass, well et gi gewëssen Imperativen, déi méi wichteg sinn ewéi dat Privateigentum, wat jo och zu Spekulationszwecker benotzt gëtt.

Ech wëll awer och soen, dass net mir et waren, déi d'Demande fir de Reklassement agereecht hunn. Mir froen do aner Gebaier. Ech wëll awer op e Feeler am Bréif vum Sites et Monuments opmierksam maachen, wou wahrscheinlech de Beamten dee Saz fir en aneren Immeuble vun der Schmelz gebraucht huet an dat iertemlecherweis hei erakomm ass.

Ech zitieren: "Par son âge et son architecture, l'immeuble est un témoin historique et fait partie du patrimoine bâti de Dudelange. Il remplit les critères de l'authenticité de l'histoire sociale, de l'histoire locale et caractéristique pour sa période de construction. Ainsi il présente du point de vue historique, architectural et esthétique un intérêt public à être conservé."

Ech denken, dass dee Beamten dee Saz wahrscheinlech fir aner Gebaier, iwwert déi mir a 14 Deeg schwätzen, geschriwwen huet, an dunn hunn déi Leit am Sites et Monuments, déi eng Allergie hu géint Industriekultur, dee Saz an deenen heizen Text eragesat.

Dat féiert mech kuerz, ech hat et schonns ugedeit, et ass trotzdem interessant, nach eng Kéier ganz



kuerz d'Lëscht ze kucken, wéi eng Saachen zu Diddeleng klasséiert sinn, bezéiungsweis wéi eng op dem Inventaire supplémentaire sinn. Vu dass et der net vill si par rapport zu aner Gemenge si mir séier doduerch. Also richteg "classé monuments nationaux" si just véier Stéck, de Mont St. Jean, d'Kapell St. Eloi, den Immeuble Art, avenue Grand Duchesse Charlotte, also de fréieren Hotel, wou d'Studentewunnengen dra sinn an d'église paroissiale St. Martin. Et ass also eng e bësse méi reliéis Approche déi de Sites et Monuments do vun Diddeleng hat.

Dann um Inventaire supplémentaire sinn Haiser an der Rue de l'Etang, een Haus op Nummer 71 an der Rue Gaffelt, d'Primärschoul am Quartier Brill, dann déi Immeublen an der Rue Karl Marx, den Immeuble op Nummer 30 Rue Jean Jaurès, de Château d'eau, also de Waassertuerm, dann den Hôtel de ville mat dem Kiosk an dem Bâtiment des pompiers an dann zwee Haiser an der Rue Belair, nämlech Nummer 15 a 17. Voilà, an dat ass et. Da kënnt nach dat derbäi, wat mir déi lescht Kéier am Gemengerot klasséiert hunn, an dat heite kënnt och nach dobäi.

Ech kommen op dee Volet, deen heidra feelt a 14 Deeg nach eng Kéier drop ze schwätzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci Här Garcia, mir kompletéieren, d'Mayrisch-Villa kënnt och nach dobäi. Gëtt et soss nach Stellungnahmen?

BOB CLAUDE (LSAP):

Ech wollt hei awer och nach eppes soen. Den Här Garcia huet dat elo schonn alles ugedeit wat ech och virgesinn hat fir ze soen, villäicht net esou ausféierlech.

Dat sinn eben déi Gebaier an Objeten, déi wéineg, an ech war selwer iwwerrascht wéi wéineg der op där Lëscht stinn.

Am Diddelenger Volleksmond gëtt ëmmer vu verschidde Gebaier geschwat, da gëtt gesot ah jo, besonnesch an der Niddeschgaass sinn der e puer, wou d'Leit behaupten, si stengen ënnert Denkmalschutz.

Do gesäit een och, dass d'Leit viles erziele wat net wouer ass.

Ech wollt just zu deem Haus op Nummer 46 soen, dass mir dat Haus iergendwéi um Häerz läit, well ech mat menger Famill tëschent 1975 an 1981 do ge-

wunnt hunn. Voilà, dat ass eben e weidert Argument fir et ze klasséieren.

Et ass effektiv mir och opgefall, dass déi Madame dogéint ass. Si hat awer vollkomme recht wéi se sot, dat gehéiert net zu der Domaine Thilges. Well et muss een sech erënneren, wéi et fréier ausgesinn huet mat där grousser Mauer an der Park-Strooss, dat war jo schéin alles zou, wéi dat fréier gemaach ginn ass an effektiv war och dat schéint Portal do, dat elo eben net méi do ass. Et ass wichteg awer fir eis, dass mir dat dote favorabel aviséieren. Eben och mat deem Argument, dass do net soll herno eppes anescht stoe kommen. Ech soen lech Merci.

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Merci, also wann ech dat Haus do kucken, ech fannen et wonnerschén an ech hat natierlech nach ni d'Chance, an esou engem schéinen Haus ze wunnen. Ech fannen awer, hei musse mir iergendwéi e Spagat maachen. Wa mir elo en Avis favorable erstellen, wat bedeit dat fir de Propriétaire vun deem Haus wann et da geschützt gëtt. Dierf deen da wierklech näischt méi maachen oder wéi oder wat? Ech fannen et schéin an et misst erhalte ginn, op där anerer Säit hu mir nach ëmmer een, dee seet ech wëll dat net. Wat geschitt wa mir hei en Avis favorable ausstellen, wéi ass déi Prozedur dann? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci och fir déi dote Fro.

Generell villäicht eng Kéier zu der Prozedur. Déi lescht Decisioun hëlt ëmmer de Kulturminister, ob mir elo hei e positiven oder en negativen Avis huelen. De Kulturminister huet jo och d'ailleurs d'Méiglechkeet d'office direkt ze klasséieren ouni eis ze froen. Doropshi kann och all Propriétaire e Recours administratif huelen. Et gëtt natierlech en Ënnerscheid ob e Gebai Monument national ass oder e Gebai um Inventaire supplémentaire ass.

Wann e Gebai e Monument national ass, éier iwwerhaapt iergendeng Aarbecht do gemaach gëtt, brauch een d'Autorisatioun vum Kulturminister, respektiv vum Sites et Monuments.

Wann e Gebai um Inventaire supplémentaire ass, da kann een Aarbechte maachen an et ass een obligéiert, Sites et Monuments doriwwer ze informéieren an déi hunn en Delai fir sech ze manifestéieren a wann deen Delai net respektéiert gëtt, da kann een d'Aarbechte maachen.



An der Hypothes wou dat dote Gebai klasséiert gëtt, huet natierlech de Propriétaire d'Méiglechkeet - dat war de Moment net de Fall mee ab deem Moment wou et klasséiert gëtt an akzeptéiert ass en tant que tel - wann e weider Aarbechten do mécht, dass déi natierlech och kënne subventionéiert gi bis zu 50%.

Dat zu der Prozedur, respektiv zu der Subventionspolitik par rapport zum Monument national, respektiv zum Inventaire supplémentaire.

Par rapport zu der Stellungnahme, déi d'CSV geholl huet, mir huelen dat zur Kenntnis, hei ass e Patrimoine, deem ze halen ass an ech sinn dann och gespaant, wéi eng Diskussioun mir dann hei féieren am Kader vun der globaler Refonte vum PAG, well ech mengen, do wäerte mir déi selwecht Diskussioun féiere par rapport zu enger ganzer Rei vu Gebailechkeeten, déi en historesche Charakter hunn.

Op alle Fall huelen ech dat doten dann emol sou zur Kenntnis an ech huele schonns un, dass mir en Afloss hei hunn an och eng Responsabilitéit hunn, eis hei ze äusseren als Gemengerot, wa mir saiséiert ginn. Also, ze soen, dass mir keen Afloss hunn, dat fannen ech e bësse schuet, dass Dir déi Ausso tätegt well ech mengen, de Gemengerot a senger Souveränitéit ka sech hei prononcéieren, op alle Fall eppes zum Ausdrock bréngen, och wann en net bis zur leschter Instanz en Impakt drop huet.

Dëst gesot géif ech proposéieren, dass mir zum Vote iwwer ginn.

Wien ass der Meenung, dass mir sollen **e positiven Avis** ofginn, wat d'Reklassement ugeet? Dat si Stëmme **vun de Gréngen** a **vun der LSAP**.

Wien ass dogéint?

Wien enthält sech? Dat si Stëmme vun ADR, CSV an déi Lénk. Merci.

Da fuere mir weider an do geet et ëm de SIDOR, fir do den Delegéierten ze nominéieren.

5. NOMINATION VUN ENGEM DELEGÉIERTEN AM COMITÉ VUM SIDOR

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Do ware mir an der éischter Sitzung no de Gemeengewalen e bësse schnell, vu dass de SIDOR jo seng Statute geännert hat, andeem dass d'Stad Diddeleng dann deem zweeten Delegéierten zegutt gehat huet. Do hu mer da mech selwer effektiv gewielt an den Yves Jadin war den zweeten Delegéierten, mä vu dass d'Gemengen net alleguerten déi nei Statute gestëmmt hunn, gëllen nach déi al. Dat heescht am Kloertext, de Ministère de l'Intérieur huet eis doriwwer opgekläert, mir müssen dann déi Decisioun, déi mir deemools geholl hunn, réckgängig maachen an och den Yves Jadin huet misse schréftlech confirméieren, dass en domat d'accord ass, sou dass mir haut an der Lag sinn, dass mir haut dann nëmmen een Delegéierte wäerte wielen an deem zweete wäerte mir da wile wann all d'Gemeenge vum SIDOR - dat sinn der am Ganzen 36 - wann déi dann all d'Statuten approuvéiert hunn. Da wäerte mir eisen zweeten Delegéierten nostëmme, sou dass mir haut da géifen den Delegéierte wielen an ech proposéieren, dass mir deem alen Delegéierten, dee mir säit 2014 drasetzen hunn, de René Manderscheid, géife confirméieren, wann Dir mir dann Äert Vertraue wäert weider schenken. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci dem René Manderscheid fir déi doten Erklärungen. Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Merci.



6. ZESUMMESETZUNG VUN DE BERODUNGSKOMMISSIONEN VUN DER GEMENG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci. Da komme mir zu der Ernennung vu Memberen an eise konsultative Gemeengekommissionen.

Do ass d'Kommissioun vum Drëtten Alter, do ersetzt d'Madame Edmée Anen d'Madame Marianne Ewerard-Reuter.

An der Hygieneskommissioun, do ersetzt de Claude Steffen den Här Marcel Ewerard.

Als Membre-experten nominéiere mir an der Jume-lage- an Touristekommissioun d'Presidentin vum Syndicat d'initiative, an der Nei-Medien-Kommissioun d'Tanja Schmit-Benassuti, wat jo och Coursé gëtt, an am Pool des Remplaçants, do kënnt nach d'Madame Edmée Anen dran.

Dat zu de Remplacementen an Designatiounen. Ass de Gemengerot domat averstanen? Ass dat **unanime?**
Merci.

7. APPROBATIOUN VUN DER INTER-NER GESCHÄFTSUERDUNG VUM GEMENGEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Hei geet et ëm de Règlement d'ordre intérieur vum Gemengerot, also en neie Moment, e neie Kader, deem dëse Gemengerot sech gëtt.

D'Origine vun deem Règlement d'ordre intérieur, et ass jo sou, datt d'Gemeengegesetz virgesäit, datt de Gemengerot sech kann e Règlement d'ordre interne oder intérieur ginn.

Bis dato hate mir keent, do hu mir funktionéiert, ech wëll net soen, datt mir schlecht funktionéiert hunn, mee et war op alle Fall den Ulass no de Gemeenge-walen, wou och d'Zuel vun de Gemeengeconseillere vu 17 op 19 Persounen eropgaangen ass, et waren och eng ganz Rei nei Leit, déi an dëse gewielte Gremium komm sinn, fir sech einfach e Kader ze ginn, wéi een als Gemengerot wëll funktionéieren.

An ech mengen, dat mir mat deem wou mir haut hei virleien hunn eis och e Kader ginn, eis och d'Geleeënheet ginn, dat parteiwwergräifend zesum-men ze definéieren, d'Fonctionnement vun deem ge-wielten an institutionelle Gremium.

Engersäits inspiréiere mir eis hei um gesetzleche Kader wat dëse Règlement ugeet, engersäits deem sougenannte Gemeengegesetz, d'Loi communale, a mir hunn awer och eng Rei Saachen an deem Re-glement festgehalten aus der Praxis eraus, wéi mir funktionéieren, dass mir och eng Trace écrite hunn an eben iwwert deem dote Wee eis e Kader respektiv Regele ginn, wéi mir zesummen hei an deem Gremi-um wëlle schaffen.



Mir haten och fir dat heiten zesummen ofzestëmmen zwou interfraktionnell Sitzungen, wou souwuel déi verschidde Fraktiounsspriecher vun deene verschiddene Parteien, déi hei am Gemengerot vertrauede waren an och d'Membere vum Schäfferot, waren. A mir sinn och net déi éischt Gemeng, déi esou e Règlement ausschafft, déi aner gréisser Gemengen hu schonn esou een an ech mengen, wat och flott war, ass datt hei an dësem Dokument all Partei och seng Iwwerleeunge konnt mat abréngen an och an deem Sënn zrëckbehale goufen.

Ech ginn dovun a priori aus, datt och dat heiten unanime gestëmmt gëtt, well dann och d'Marschroute définiert, wéi hei de Gemengerot zesumme wäert, op alle Fall mol fir déi nächst sechs Joer, wäert funktionéieren.

An och wann dat heiten da gestëmmt ass, wäert natierlech och datt Dokument hei public gemaacht ginn. Et wäert natierlech op den Internetsite vun der Gemeng kommen, wou een et dann och en toute transparence deementspriechend ka konsultéieren.

Ech wäert elo net op all Detail vun dem Règlement agoen, ech kann awer soen, datt et an dräi Deeler opgedeelt ass.

Engersäits, d'rengt Fonctionnement vum Gemengerot, dann awer och e Volet iwwert eis konsultativ Gemengekommissiounen, an dann och nach deen drëtte Volet iwwer d'Gemengesyndikater.

Wat am Fong d'Kapitel 1 ugeet bis d'Kapitel 7, also alles wat mam Gemengerot ze dinn huet, seng Kompositioun, d'Assermentatioun, d'Inkompatibilitäten, den Tableau de préséance, dat erweist wéi de Gemengerot soll convoquéiert ginn, den Devoir de délicatesse, respektiv den Droit d'initiative du conseiller, dat sinn alleguerten Elementer, déi natierlech am Gemengegesetz ze fanne sinn, woubäi d'Gemengegesetz par rapport zu dësem Règlement ëmmer eng Norme supérieure ass. Dat spillt ëmmer.

Dat eenzegt wat mer aus der Praxis eraus dragesat hunn, dat ass am Artikel 5 wou mir soen, natierlech, déi Dokumenter déi mir dem Gemengerot zoukomme loossen, ass iwwert déi Cloud, déi mir effektiv ageriicht hunn, wou dann och d'Conseillere deementspriechend drop Zougrëff hunn, sou wéi mir och festgehalten hunn, datt d'Vertreieder vun der Press am Ufank vun all Gemengerotssitzung natierlech och eng Kopie vum Ordre du jour kréien.

A mir hunn natierlech och dragesat, sou wéi d'Gesetz dat och virgesäit, datt déi Convocatioun vum Gemengerot, cinq jours francs deementspriechend sinn.


Mir hunn och festgehalten, wat den Droit d'initiative vun de Gemengerotsmemberen ugeet, datt wann si do den Droit d'initiative gëlle loossen, dat si och dat trois jours francs solle maachen, schrëftlech. An datt et natierlech - wéi d'Gemengegesetz et virgesäit - nëmme Saache sinn, déi natierlech och an de Kader vun der Gemeng deementspriechend passen.

Mir hunn awer och hei festgehalten, wann e Conseiller e gewëssenen Droit d'initiative hëlt, datt mir hei am Gemengerot der Meenung sinn, datt dat e Punkt ass, dee soll an eng konsultativ Kommissioun vun der Gemeng kommen, datt mir dee Renvoi kënnen maachen an datt och dann d'Kommissioun sech där Saach kann unhuelen. Dat ass natierlech och, dass den Auteur vum Droit d'initiative, ob dat elo eng Motion oder en anert Dokument ass, och natierlech an d'Kommissioun deementspriechend ka goen, an do nach eng Kéier seng Iddien duerleeën, éier dann duerno dat Ganzt nach eng Kéier an de Gemengerot kënnt. Dat par rapport zum Artikel 7.

Den Artikel 8, do schwätze mir iwwer d'Interpellatioun, d'Motion an d'Resolutioun, dass dat och schrëftlech muss agereecht ginn, och déi trois jours francs, dat heescht mir sinn dobäi, mir haten dat zeréckbehalen, dass dat ëmmer méindes um 17 Auer soll sinn, datt mir dann och dräi Deeg Zäit hu virun all Schäfferot fir op Froen ze äntwerten, respektiv och mat eise Servicer eis kënnen ze konsultéiere fir lech dann och freides, wa mir an deem Cas de figure sinn, am Gemengerot déi néideg Äntwerte kënnen ze ginn.

Mir hu festgehalten, wann hei een en Droit d'initiative notzt an hei exposéiert, datt en 10 Minutten Zäit kritt fir dat ze maachen, datt de Gemengerot och eng Kéier Stellung dozou hëlt, datt natierlech och all Groupement politique seng Meenung dozou ka soen, datt ee 5 Minutten Zäit huet, an datt den Interpellant och dono nach eng Kéier 10 Minutten Zäit huet fir nach eng Kéier dorop anzegoen.

Dann den Artikel 9, wat d'Froen ugeet, och do spilen déi dräi jours francs, dat ass schrëftlech. Och do spillt natierlech d'Gemengegesetz. Entweder gëtt d'Fro beäntwert an deem nächste Gemengerot, wéi dat och haut zum Beispill de Fall ass, oder mir mus-



sen innerhalb vun engem Mount effektiv och schréftlech äntwerten. Ech mengen hei spillt ganz kloer, d'Gemeengesetz déi Norme supérieure par rapport zu dësem Reglement.

A mir hunn och dragesat, datt effektiv déi Froen, déi gestallt ginn, respektiv d'Äntwerten déi ee kritt, datt déi natierlech, ob se elo mëndlech oder schréftlech sinn, op alle Fall och eng Trace hunn, eng Trace écrite, engersäits am Rapport analytique, respektiv gëtt et jo och opgeholl, fir datt och do déi néideg Visibilitéit ass.

Dann ass natierlech dee ganze Volet ëm d'Séance publique an d'Séance à Huis clos. Normalerweis sinn eis Séancë jo ëffentlech, dofir hu mir jo och e Verbatim vun der Gemengerotssitzung. D'Gemengerotssitzung gëtt opgeholl, der Presse gëtt alles matgedeelt iwwert deen dote Wee a mir hunn och festgehalten, datt mir e Résumé maache vun der Gemengerotssitzung. Ech mengen, dat ass jo schonn eng Traditioun, deen direkt schonn den Dag selwer, spéitstens deen Dag drop disponibel ass, datt mir e Rapport analytique maachen an datt een dat um Internetsite ka konsultéieren souwuel de Rapport analytique wéi och dat wat opgeholl gëtt, respektiv gëtt och de Rapport analytique un alleguerten d'Stëit an Diddeleng verdeelt an dat natierlech och an dem Sënn, gratis.

Dann den Deroulement vun de Réuniounen, d'Presidence huet de Buergermeeschter, dat ass näischt Neits, dat seet d'Gemeengesetz, mëscht dat objectiv en toute impartialité wéi sech dat och gehéiert an natierlech, datt och d'Sprooch hei am Gemengerot Lëtzebuergesch ass, awer datt d'Gemeengeconseillere sech kënnen an enger vun deenen dräi Haaptsproochen, déi mir hei am Land hunn, äusseren. Och do referéiere mir eis un d'Gesetz vum Régime des langues.

Dann hu mir festgehalten, och par rapport zu der Présidence vum Gemengerot, datt déi natierlech och d'Méiglechkeet huet, de Gemengerot z'ënnerbrieche wann e bëssen zevill Zodi ass, wat awer éischter d'Ausnam ass an net d'Regel, an et ass ze hoffen, datt dat och esou bleift.

An dass awer och d'Méiglechkeet besteet, datt e Groupement politique, respektiv eng Fraktioun d'Méiglechkeet huet, eng Suspensioun ze froen, par rapport zu engem Punkt, datt d'Durée vun der Suspensioun festgesat gëtt, mee datt ee just d'Méiglechkeet huet, eemol am Gemengerot eng

Suspensioun deementspreechend och festzehale fir effektiv och esou séier wéi méiglech och awer de Gemengerot iwwert d'Bühn ze kréien, net datt mir eis selwer bremsen an deementspreechend ageheien.

D'Procédure des votes ass och kloer, et ass ëmmer d'Majoritéit vun de Suffragen, déi hei spillen a wann e Partage um Niveau vun de Voten ass, dann ass et esou, also fir d'éischt wann e Partage ass, da gëtt et op de Gemengerot duerno vertagt an dann duerno ass d'Voix vum Buergermeeschter prépondérante, och an deem Sënn keen neie Moment.

Wat awer en neie Moment ass, dat ass den Artikel 16, wou mir einfach gesot hunn, datt mir eis d'Méiglechkeet ginn, de Schafferot mat de Fraktiounsspreecher zesummen eng Koordinatiounsreunioun, eng Koordinatiounskommissioun ze hunn, wat e bëssen am selwechte Stil ass wéi mir et gemaacht hunn, déi zwou leschte Kéieren, fir dëst Dokument hei virzebereeden, datt mir eis och dat hei festhalen, datt mir eis déi Méiglechkeet gi fir mol Saachen ze beschwätzen an datt natierlech och d'Fraktiounsspreecher, wann si net kënnen, sech duerch en anere Vertrieder vun hirer Fraktioun kënnen ersetze loossen. Mee op alle Fall gi mir eis hei och de Kader fir dat dote ze schafen.

Wat och en Novum ass a wou mir eis och eens gi sinn no Diskussiounen, ass wat d'Zäit ugeet wou all Intervenant sech ka gi fir zu deene verschiddene Punkten ze schwätzen.

Engersäits hu mir hei festgehalten, datt d'Zäitlimit fir Vertrieder vun der Fraktioun, ob dat elo e Fraktiounsspreecher ass oder de Vertrieder ass, deen zu engem gewësse Punkt wëll schwätzen, datt déi maximal 20 Minutten ass an datt déi jeeweileg Membere vun där selwechter Fraktioun dann nach zwou Minutten hu fir op dee Punkt anzugeen, wann si wëllen, mee datt dës Durée natierlech, wa mir et hei fir wichteg befannen, als Gemengerot kann deementspreechend och ka gehéicht ginn.

Dat ass de generelle Kader par rapport zu den Diskussiounen a mir hunn awer och festgehale par rapport zu den Debaten, zu de Budgetsreuniounen, déi mir hei hunn am Gemengerot, datt do de Fraktiounsspreecher maximal 40 Minutten huet an datt all anere Member 10 Minutten huet fir op déi verschidde Punkte vum Budget anzugeen.



Voilà, dat e bëssen zu der Zäit.

Dann zum Rapport analytique, d'Deliberatioune vum Gemengerot, natierlech gi Verbatime gemaacht, déi kommen an de Rapport analytique. Dee gëtt natierlech och gratis verdeelt an en ass och um Internetsite, dat hat ech jo virdrun och gesot.

Mir hunn awer och festgehalten, datt en Delai fixéiert gëtt wou déi verschidde Conseillere - wann effektiv bis de Verbatim virläit - och eis eng Réckmeldung musse gi par rapport zu de Verbesserungen a wa mir bis zu deem Datum keng Réckmeldung hunn, da geet et dee Moment och an den Drock an dat huet natierlech och en direkten Impakt op d'Delaie vun der Impressioun.

Dann hu mir och am Artikel 22 festgehalten, datt mir och Informatiounsversammlunge maache fir d'Bierger fir gréisser Projeten, fir och den Avis vun de Bierger kënnen mat eranzehuelen. Also och dee Volet vun der Biergerbedeelegung, dee mir och hei zu Diddeleng hunn, och nach eng Kéier hei iwwert deen dote Wee festzehalen.

Dann hu mir eis awer och am Kapitel 2 eben déi Méiglechkeet gi fir iwwert déi konsultativ Gemengekommissiounen, fir och déi hei festzehalen, engersäits d'office natierlech déi wou d'Gesetz d'office virgesäit, d'Integratiounskommissioun, d'Loyerskommissioun, d'Schoulkommissioun an déi vun der regionaler Museksschoul an alleguerten déi aner konsultativ Kommissiounen, respektiv eis Aarbechtsgruppen, déi fënnt een och hei.

Mir hunn awer och hei déi Trace gehalen, datt konsultativ Kommissiounen - et geet an zwou Richtungen - engersäits kënnen déi de Gemengerot, respektiv de Schäfferot saiséieren am Kader vun engem Dossier, sou wéi och de Gemengerot oder de Schäfferot ka Kommissiounen saiséiere vis-à-vis vun engem Dossier och en vue vun der Diskussioun hei am Gemengerot.

An dass natierlech och d'Kommissiounen - dat hu mir jo virdu bestëmmt - sech Experte kënnen derbäi zéien, déi dann och hei vum Gemengerot noméiert ginn, déi just Observateur sinn, déi keen Droit de Vote mee déi en Eclairage kënnen bréngen an awer och hei festgehalten hunn, wat d'Kommissiounen ugeet, datt mir och - dat ass jo och schonn de Fall säit enger Rei Joeren - datt och Bierger sech kënnen mellen, déi an der Kommissioun dran sinn. Bierger, déi net Member

an enger politescher Partei sinn an déi dann och den neutrale Volet mat erabrénge.

Da war och an deem Kontext, do hu mir festgehal datt natierlech all Diddelenger Bierger bei deem Appel an de Kommissiounen ka matmaachen.

Dann hu mir och festgehalten, datt an deene konsultative Kommissiounen 13 Membere sinn, datt all Partei mat engem Member op d'mannst vertrauten ass, datt mir wéi gesot och Titularen a Suppléanten hunn, en Novum, dee mir och dragesat hu par rapport zu der Jugendkommissioun.

D'office an de Kommissiounen muss een 18 Joer hunn, mir hunn awer eng Ouverture zesumme gemaacht, datt effektiv d'Memberen an der Jugendkommissioun och schonn ab 16 Joer kënnen dohi goen, wat d'Méiglechkeet jo och gëtt de politesche Parteien, par rapport zu hirer Jugend och do eng Ouverture ze maache wann si et fir néideg fannen.

D'Sekretariat gëtt vun engem Agent communal, engem Mataarbechter vun der Gemeng assuréiert.

Mir hunn och hei festgehalten, datt effektiv och d'Convocatioun vun der Kommissioun 5 jours francs au moins soll gemaacht ginn, mir wëssen awer aus de Praxis eraus, datt dat oft méi ass, respektiv datt an där enger Sitzung schonn déi nächst fixéiert gëtt, mee einfach eis hei e kloere Kader setzen.

An natierlech, wa mir an dem Szenario sinn, wou d'Kommissioun befaasst gëtt mat enger Demande vum Gemengerot fir iwwer en Thema en Avis ofzeginn, muss am Fong de Gemengerot een Dag franc virum Gemengerot also och den Avis vun der Kommissioun virleien hunn, fir dann och kënnen a Kenntnis kënnen gesat ze ginn, wat d'Meenung vun der Kommissioun war.

Dann hu mir och nach festgehalten am Artikel 28 - do komme mir och esou lues zum Schluss - et ass natierlech engersäits d'Kommissiounen mussen e Rapport maachen, deen natierlech schrëftlech ass, an effektiv datt fir all Reunioun e Rapport gemaacht gëtt, fir datt dann nieft de Memberen och d'Gemengerotsmemberen dee Rapport kréien no-deems de Rapport och vun der Kommissioun a vun de Memberen approvuiert gouf an d'Reuniounen vun de konsultative Gemengekommissiounen, déi si contrairement zum Gemengerotssitzung, net public.



Dann e leschten Artikel, dat ass iwwert d'Gemengesyndikater. Do hu mir festgehalten, datt d'Delegéierte vun de Gemengesyndikater musse Member vum Gemengerot sinn, well de Syndikat eng Emanatioun ass vum Gemengerot, dofir kënnen dann och just effektiv Leit aus dem gewielte Gremium hei do derbäi sinn a mir hunn och festgehalten, datt d'Membere vum Gemengerot och den Delegéierten hei aus dem Gemengerot, déi an deene verschiddene Syndikater sinn, Froe kënnen stellen.

Voilà, ech hunn probéiert, hei déi verschidde Punkten ze resüméieren iwwer déi mir hei geschwat hunn. Ech mengen den Text dee mir hei virleien hunn, wat effektiv Referenz huet, engersäits op d'Gemeengesetz wou mir net kënnen derogéieren, wou mir mussen anhalen an awer och hei et esou ausgeluecht hunn, datt mir déi Elementer, déi Erfahrungswärter déi mir all iwwert déi lescht Joere gemaacht hunn, datt mir déi och hei afléisse gelooss hunn, wou eis dann e generelle Kader gëtt fir och zesumme kënnen ze funktionéieren an ech muss soen, datt déi zwou Sitzungen, déi mir jo och deemools zesummen hate wou mir driwwer geschwat haten, ganz konstruktiv waren an ech mengen esou wäerten och sécherlech d'Debate ronderëm dat heite Reglement sinn.

Heimat wollt ech wéi gesot d'Erklärung ronderëm d'Reglement ofschléissen an natierlech kënnen elo d'Conseillere drop agoen. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Wéi eise Kolleeg Jemp Gangler 2011 hei an dëse Gremium koom, war eng vu sengen éischte Froen: "A wéi ass et dann hei mam Règlement d'ordre interne?" An dunn huet et geheescht, ma mir brauchen dat net, bis elo si mir ëmmer gutt eens ginn an dat wäert och esou bleiwen an et muss ee jo och soen, et ass jo och ëmmer alles méi oder wéineger reibungslos iwwert d'Bühn gaang an et ass och elo, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, e neie Moment.

Mir si elo zu 19 heibannen an ech mengen de Knackpunkt firwat mir eis och e Règlement d'ordre interne ginn hunn, dat ass haaptsächlech och d'Reglementatioun vun de Riedezäite vun de Conseillere, eng vun den Haaptursaachen. Déi aner Punkte sinn, wéi den Här Buergermeeschter et jo och gesot huet, och am Artikel 13 vum Gemeengesetz haaptsächlech festgehalten an och bindend fir all Gemengerot.

Als CSV-Fraktioun begréisst mir awer explizit d'Virgoensweis wéi dëse Règlement d'ordre interne ausgeschafft ginn ass. De Schafferot hat all Fraktioun invitéiert fir sech zesummen, ech betounen zesummen, un den Dësch ze setzen an en éischte Projet auszuschaffen, ze diskutéieren, rëm eng Kéier mat an d'Fraktioun ze huelen, nach eng Kéier duerchediskutéieren an dann hu mir eis alleguerten nach eng Kéier zesumme gesat fir dëst Reglement ze finaliséieren.

A wat och ze begréissen ass, ass datt dës Virgoensweis och am Reglement festgehalten ass, datt ee kann an enger Commission de coordination fraktiounsiwwergräifend sech treffen a Saachen ausschaffe kann. Dat ass eppes, wat mir explizit begréissen, an ech hoffen datt dat net just fir dës Kéier, fir dëse Punkt de Fall war, datt een dat och vläit zu aneren Theme ka méi oft maachen.

D'CSV begréisst och, datt eis Revendicatioun, datt d'Riedezäiten zu engem Punkt vum Ordre du jour vun de Gemengerotssitzungen och der Fraktiounsstärkt Rechnung droen, dat war och nach eng Doléance déi mir haten, dem war awer och problemlos zougestëmmt ginn. De Fraktiounssprecher däerf 20 Minutten zu all Punkt schwätzen an all Member vun der Fraktioun kann nach zousätzlech 2 Minutte Stellung huelen, dat war eis ganz wichteg an do si mir ganz frou, datt dem och hei Rechnung gedroe gëtt a mir fannen dat och ganz korrekt. Bei groussen Dossieren, ech denken elo zum Beispill Dossier Lenkeschleé, do steet och explizit dran, et kann - wann eng Fraktioun dat freet - och beim Buergermeeschter ugefrot gi fir méi laang zu engem Punkt Stellung ze huelen, d'Durée définitive décidéiert de Buergermeeschter, an ech hoffen, datt mir och do wéi bis elo an engem kollegialen a faire Modus vivendi bleiwen an datt dat och kee Problem dierft si wann eng Kéier wierklech eppes méi Wichteges op den Ordre du jour kënnt.

Gutt ass och, datt explizit festgehalen gëtt, datt nieft dem Video vun de Sitzungen och de Rapport analytique weiderhi schrëftlech an och online disponibel bleift fir eis Diddelenger Bierger. Ech mengen Dir hat do e Lapsus, Här Buergermeeschter, Dir hutt gesot et géif toutes boîtes verdeelt ginn, oder gi mir do nach eng Kéier zrëck datt mir et wierklech toutes boîtes verdeelen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Also et gëtt toutes boîtes verdeelt fir déi, déi et wëllen.



MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Ah voilà, da si mir eis eens. Well soss gi mir jo rëm zeréck, well mir hate jo festgehalten, datt déi Leit déi gären d'Blidche - wéi mir et nennen - de Rapport analytique gären hätten, datt déi sech solle mellen, vläit och nach eng Kéier e klengen Appel: Et si vill nei Leit op Diddeleng komm, et kéint ee vläit och nach eng Kéier am Blidchen eng Annonce maachen an d'Leit drop hiweise wou si dat kënnen ufroen, well mir hate vun een zwee Leit gesot kritt, si wéissten net wéi si sech sollten do uleeë fir datt si et awer och als schréfftlecht Exemplaire geschéckt géife kréien.

A vläit och en zweeten Appel, datt ee vläit och op eise Gemengeninternetsite, deen eis jo leider och nëmmen op franséisch, dat wollt ech och mol eng Kéier just kuerz en passant soen, datt een do kann den Zougang e bësselche vereinfache fir déi Gemengeninfo ze fannen, well dat ass nach laang net evident. Do muss een awer vill ronderëm piddele fir do drop ze kommen.

Frou si mir iwwregens och, datt de leschte Bericht aus eise Gemengerotssitzungen effektiv schonn zwee an halwe Mount drop an der Boîte waren, dat ass mengen ech och e relativ neie Rekord a mir haten och den Appel gemaacht un de Schäfferot, och bei de Realisateure vun de Gemengeninfoeven, datt dës Cadence soll bäibehale ginn. Och wa mir eis net konnten drop eenegen, do e fixen Datum an de Règlement d'ordre interne ze setzen, ass eis awer versprach ginn, datt Dir do dohannert bleift a mir wäerten dat och begréis- se wann dat och weiderhin an engem korrekter Kader, an enger korrekter Zäitspann verëffentlecht géif ginn.

Gutt ass och, datt d'Importenz vun eise Kommissiounen a Groupes de Travail extra ënnerstrach gouf an ech mengen, dat ass eng Saach och vu Biergerbedeelegung, vun Transparenz an Zesummeschaffen an och de Wäert vun der Biergerbedeelegung gëtt domat nach eng Kéier ënnerstrach.

An och wann, a priori, eng Kommissioun just en Avis ausschwatze kann, huet si awer vill Pouvoiren an dat däerf een awer och net banaliséieren. Si kann zum Beispill och de Gemengerot, de Schäfferot froen, sech engem Problem oder engem Dossier unzehuelen. Si ka Visitë maachen, Begehungen organiséieren, wann dat der Kloeheet vun hirer Aufgab déngt, an d'Kommissioun ka wéi gesot och proposéieren, e Punkt op den Ordre du jour vun der Gemengerotssët- zung ze setzen. Dat fanne mir ganz flott, datt dat och

hei festgehalte ginn ass. De partizipative Prozess an der Gemegepolitik ass och fir eis e wichtegt Element.

An och datt festgehalte gouf, datt d'Rapporte vun de Kommissiounssitzunge sollen a korrekten Delaie publizéiert ginn an och de Conseilleren zoukomme ge- looss ginn, dat ass och wichteg.

Bei der Nominatioun, steet och, datt de Gemengerot d'Presidente vun de Kommissiounen nominéiert. Do wollt ech awer just vläit eng kleng Remarque maachen; et steet elo net explizit dran, datt nëmmen däerfe Conseillere vun der Majoritéitspartei däerfe President ginn, do och vläit e klengen Appel, datt do vläit och nach eng Kéier eng Ouverture méiglech ass. Et ass awer och gutt, datt just Membere vum Gemengerot däerfe President sinn, an ech denken, do musse mir awer e Vote vum leschte Gemengerot revidéiere wou mir iertemlech een Net-Conseiller als President vun engem Aarbechtsgrupp virgeschloen hunn.

Ech denken, dat musse mir dann awer sou séier wéi méiglech revidéieren, fir datt mir awer och an der Regularitéit vun eise Règlement hei sinn. Voilà, et ass gutt datt mir dëst Règlement lo hunn, datt mir en Dialog an Transparenz, dat ausgeschafft hunn an ech hoffen och, datt wann sech Onkloeheeten erginn, datt dat och am Dialog an an Transparenz ka geregelt ginn. Voilà, dat war alles wat ech dozou wollt soen. Merci.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ech schlësse mech de konstruktive Wieder vu menger Virriednerin un a soen och d'Ënnerstëtzung vun de Grénge fir dëst Règlement zou. Ech muss mech allerdéngs entschëllegen an outen. Ech oute mech fir d'éischt als dee leschte Salonsanarchist zu Lëtzebuerg well et ass déi éischte Kéier a 40 Joër berufflecher an associativer Carrière, datt ech iwwerhaupt e Règlement interne gelies hunn. Ech hat mol héieren an deene Gremien, wou ech vir- dru war, et géif sou eppes ginn, mee ech hunn et ni gelies an ech hu mech awer och ëmmer implizit dru gehalten, ouni missten eppes ze liesen. Hei hunn ech et missen liesen, an ech muss mech do entschëllegen, ech hunn et direkt verbreet als Maulkuerfgesetz, mee wéi ech et du gelies hunn, bon et gëtt ee méi al, da gëtt ee méi vernünfteg, also et ass wierklech kee Maulkuerfgesetz a mir stëmmen et och, net well mer Angscht hu wéi an anere sozialistesche Republicke wéi Venezuela oder Kuba oder Nordkorea, datt et och an der autonomer sozialistescher Republik Diddeleng op



eemol géing esou goen, datt ee géing an de Prisong gesat ginn oder soss iergendeppes, also déi Angscht hu mir och net, an dofir hu mir och déi Entrevue, déi mir dann haten, wou ech dann hunn däerfen deelhuelen, nodeems ech dat da gelies hunn, hu mir dat ganz konstruktiv fonnt, besonnesch well et eis, wéi och schonn d'Virriedner gesot hunn, gelangen ass och e gewëssenen Equilibre an der Riedezäit, wat jo och eis Suerg war erëmzefannen.

Allerdéngs net, wéi den Här Buergermeeschter virdru gesot huet, wann de Gemengerot géing mengen et wier wichteg mee wann hie fënnt datt et wichteg ass, datt ee méi Riednerzäit huet, datt een dann och méi Riednerzäit huet, schlussendlech hu mir och e Virschlag vun der Madame Di Bartolomeo – Ries, dann deen Zousaz gemaacht vun deenen zwou Minutte fir jidder Conseiller a Conseillère, dat fannen ech och positiv.

Wann zum Beispill en Oppositounsspriecher mam Piffaass iwwert eppes hierfält, da kann déi Majorité silencieuse dann och zwou Minutten hu fir jeeweils nach eng Kéier d'Weihrachfaass erauszehuelen an alles gutt ze fannen, dat fanne mir dann och e flotte Reequilibrage.

Dat gesot, soen ech dann och Merci fir dee partizipative Prozess innerhalb vun dem Gemengerot a mir stëmmen dann och dat Reglement.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Merci dem Här Garcia. Nach weider Stellungnahmen? Den Här Glesener.

HENRI GLESENER (LSAP):

Ech wëll vu vireran dem Schännerot felicitéieren a vläit schonn am Virfeld all deene Fraktiounen, déi dat hei da wäerte matdroen. Effektiv ass, wéi ech als neien, oder scho virdru wéi ech gefrot gi si fir mech op eng Lëscht setzen ze loossen, hunn ech och no sou engem Règlement d'ordre intérieur gesicht, wou ech geduecht hunn, ech kucke mol wat alles op mech zou kënnt. Déi meescht Äntwerten hunn ech tatsächlech am Gemengegesetz fonnt, mee den Text hei geet jo e gudde Batz méi wäit an et kann een e quasi als Text coordonné da verstoen, well ee jo déi wichtegst Hiweiser op d'Gemengegesetz do dran erëmfënnt.

Ech fannen et och wierklech ganz gutt, datt den Text net nëmmen deene neie Conseillere zur Verfügung steet, mee et ass e Rappel fir eis alleguer, awer och

dem Public zur Verfügung steet herno an datt de Publikum dobausse versteet, wéi mir hei als Gemengerot funktionéieren an dat ass sécherlech wichteg wa mir vum partizipative Fonctionnement vun enger Gemeng schwätzen.

Dofir nach eng Kéier ee grouse Merci, datt dat Reglement do ass, ech fannen dat en absolut wichtegt Dokument a mir ënnerstëtzen dat natierlech voll. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Merci dem Här Glesener. Sinn nach weider Stellungnahmen? Nee, dat ass net de Fall. Gutt, da géing ech vläit op verschidde Punkten agoen.

Ech begrëisse vun deenen, déi d'Wuert lo ergraff hunn, och déi konstruktiv Approche och bei engem e bësse méi derisoire Volet, den Här Garcia. Mä op alle Fall, par rapport zum Fong a par rapport zu der Form si mir eis eens, wéi mir wëllen zesumme funktionéieren.

Vläit nach zwou Remarken, ech wëll dat lo net sou am Raum stoe loossen, mee wou et einfach wichteg ass, par rapport och zum Fonctionnement, dat ass par rapport och zum Rapport analytique, well ech dat einfach wollt opgräifen.

Mir wëssen, datt déi Leit, déi sech hei ëm de Verbatim bekëmmern, datt dat vill Zäit an Usproch hält an awer och en Appel dann hei maachen un d'Leit aus dem Gemengerot, well et ass net ëmmer de Fall, datt wann en Delai gesot gëtt, wou ee soll eng Réckmeldung gi par rapport zu senge Korrekturen, datt een deen Delai och soll anhalen.

Well et awer nach ëmmer de Fall ass, datt déi Delaien net agehale ginn, datt och mol Rappellen erausginn an dat huet natierlech och en direkten Impakt op dee ganze Layout an op déi ganz Publikatioun an op déi ganz Distributioun.

Dofir maachen ech hei nach eng Kéier e waarmen Appel un d'Kollegen aus dem Gemengerot, un all Partei deementspreechend, datt si sech dorunner sollen halen.

Da war nach dat anert. Also, de Prinzip ass zwar sou, datt d'Presidente vun de konsultative Kommissiounen am Gemengerot sinn, d'Kompositioun natierlech vun den Aarbechtsgruppen, déi ass eng ganz aner an do ass et ni sou, datt de President vum Aarbechtsgrupp eng Emanatioun aus dem Gemengerot muss



sinn. Dat hu mir och ni esou deelweis gehandhaabt, also esou wäit ech dat weess. Jo?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Also, wann s Du lo hei den Text kucks, do steet awer, et ass an engem Artikel, an et steet just do "autre". Da musse mir dee Groupe de travail komplett eraushuelen oder mir musse - wa mir wierklech lege artis sinn - da musse mir dat änneren. Da musse mir et awer nach änneren, well soss... dat steet am Artikel 23 ënner "autre", dat ass wéi wann et dat selwecht wier, et ass just well den Numm geännert ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ma da géing ech proposéieren, datt mir et eraushuele well reng formal gesinn ass dat do d'Kapitel "Commissions consultatives" an e Groupe de Travail ass keng Commission consultative au sens stricte du terme. Da musse mir et eraus huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Jo, da musse mir et explizit änneren, soss si mir net richtig, gell.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann huele mir et eraus. Dann ass och effektiv méi eng Kohärenz well mer am Kapitel hunn "Commissions consultatives". (...) Jo nee, da musse mir... Mir wëlle jo haut hei ofstëmmen. Soss musse mir rëm alles frësch ëmformuléieren. D'Iddi ass schonn datt mir haut... Da géing ech proposéieren, datt mir et eraushuelen (...) Et kann een sech natierlech iwwerleeën, ob een nach eng Kéier eng Formulatiounspropositioun mécht mat Groupe de Travail, mee d'Iddi ass schonn, datt mir dat heiten ofstëmmen, datt mir och dann eis Aarbechtsroute kënnen ophuelen no deenen heiten neien Dispositiounen, déi mir eis hei ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Et kéint ee vläit... ënnen drënner steet "il peut être crée des commissions consultatives spéciales à com-

pétences déterminées ou des groupes de travail", mee dann ass et awer nach ëmmer ënnert der Nominatioun mam President.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Kommt mir huelen et elo mol eraus.


Gutt, kann ech dann de Gemengerot froen ob e mat dem dote Reglement, sou wéi mir et lo ëmformuléiert hunn, averstanen ass? Ebe mat der Decisioun, déi mir elo och geholl hunn, datt mir d'Aarbechtsgruppen an deem dote Kapitel dann eraushuelen. Ass dat **un-anime**? Da soen ech lech villmools Merci an da wiere mir och schonn um Schluss vum Gemengerot ukomm.

8. FROEN UN DE BUEGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

Weiderhi sinn zwou Froen erakomm vun der Madame Kayser an och vum Här Jadin, déi vum Här Jadin do wäerten de Loris Spina an d'Claudia Dall'Agnol beäntwerten, an op déi vun der Madame Kayser, do ginn ech drop an a mir huelen se esou wéi se erakomm sinn.

Dat heescht, d'Madame Kayser huet eng Fro gestallt iwwert den Organigramm vun der Stad Diddeleng, wéi et do mat der Analys ass mat deene verschiddene Servicer, wéi mir do opgestallt sinn, wat d'Besetze vu verschidde Servicer ugeet, dass Dir dat och schonns emol kritesch hannerfrot hutt, an Dir stellt do d'Fro ob mir do eng exakt Opstellung maache vun deenen eenzele Servicer, wéi mir déi Bedarfsanalys wëllen duerchhuelen an dem Gemengerot virstellen, a kucken, wéi eng Posten de Moment nach net besat sinn.

Ech kann lech soen, dass mir e Moment - déi dräi Froen hänken e bëssen zesummen - mat vill Héichdrock dorunner schaffen, respektiv och eise Service



Ressources Humaines ganz vill schafft, well elo och kierzlech den neie Chef vum Personalbüro ugefangen huet mat eis ze schaffen, den 1. Mäerz dëse Mount.

Mir musse jo eis en neien Organigramm ginn, well jo den 1. September 2017 och dat neit Gesetz a Kraaft getrueden ass, wat d'Reform an der Fonction publique ugeet, wat de Gemengesector ugeet.

An deem Kader musse mir dräi Saache maachen, engersäits eis en neien Organigramm opstellen, engersäits d'Inscription des tâches maachen an och wat d'Servicer ugeet, d'Gestion par objectifs, dat si Saachen, déi een net einfach esou dohinner zaubert, dat geet schonns zimlech wäit an do muss ee schaffen, an et muss ee wëssen, dass een am Gemengesector ganz anescht opgestallt wéi de Staatsapparat fir déi dote Saachen ëmzesetzen.

Nach schaffe mir drun, wat bal fäerdeg ass, dat kann ech hei sou soen, dat ass de Volet vun de Structure-d'accueil, mir si mam Service vun eise Regiebetreiber si mir amgaangen, well dat ee vun eise gréisste Servicer ass, da wäerte mir hei un d'Administratioun goen, dat heissen ass nämlech och eng Saach wou mir mat der Description des tâches och Ziler setzen, déi mir an de Servicer wäerten duerch diskutieren an eier et och am Gemengerot presentéiert geet, musse mir och mat eisen Delegatiounen nach eng Ronn driwwer dréine mat deenen zwou well och déi en aktive Rôle do mat hunn an der Consultatioun, sou dass mir hei der Meinung sinn, an deem Rhythmus wou mir elo fueren, dass mir fir d'Rentrée am Hierscht 2018 hei am Gemengerot dat kënne presentéieren.

Et ass op alle Fall dat wat mir eis vun Timing ginn hunn.

Nach wëll ech soe par rapport zu Ärer drëtter Fro, wat d'Posten ugeet, dass mir awer hei am Gemengerot déi Posten ëmmer schafen an explizéieren an de Moment ass et esou, dass mir den 8. Dezember 2017 jo 15 Poste geschafen hunn hei am Gemengerot, dovunner 4 Chômeurs longue durée, déi hu mir och an der Press presentéiert a, do lafen déi gängeg Prozedure fir déi Leit au fur et à mesure ze recrutéieren.

Dat par rapport zu der éischter Fro, déi gestallt gouf.

Dann, déi zweet Fro ass iwwert eisen Diddelenger Centre d'Intervention am Kader vun der Reform vum

neie Service de Secours, vum neie CGDIS hunn, wou d'Bestriewe bestanen huet, dass Diddeleng a Beetebuerg e gemeinsamen Zenter zesumme solle plangen an do ass d'Fro vun der Madame Kayser, wéi wäit si mir do mat der Planung, wou genau soll den Zenter hikommen a wien oder wat ass den Zäitkader, wou dat gebaut gëtt.

Fir op déi dräi Froen anzegoen, et ass jo esou, dass mir dat Engagement geholl hu wéi mir och als Diddelenger Gemeng mat beim Inneminister waren, dass Diddeleng den Optrag kritt huet, no engem Terrain ze sichen, wou dann de CGDIS géif drop bauen a wa mir hei e gemeinsamen Zenter kréien, dann hu mir eng Kategorie 4, wat och mat engem Kasernement ze dinn huet, awer och dann hei an der Region gutt ofgedeckt sinn, well dat deem Projet de loi Rechnung dréit.

Mir brauchen hei en Terrain vun 1,5 Hektar fir deen neien Zenter, a mir hunn eis op d'Sich gemaach wat hei d'Terrainen ugeet, an ech kann lech soen, dass mir hei éischt Terraine beim Staatslabo ee Moment gekuckt hunn, déi awer net duer gaange sinn, mir hunn och gekuckt wat et um private Marché vu Méiglechkeete gëtt, do war et eng Fro vu Präis wou mir Diskussiounen haten a mir hunn elo 2 Terrainen, déi mir an Aussicht hunn, déi de Wirtschaftsministère eis an Aussicht gestallt huet, déi mir och elo wäerte studéieren, a wou mir och d'Sociétéit K-Plan, dat ass déi, déi normalerweis um nationale Plang déi nei Zentre plangt an och wäerte beoptragen, einfach eng Etude de faisabilité ze maachen, wéi ee vun deenen zwou Terrainen am beschten ass.

Dat éischt sinn zwou Terrainen, déi um CR161 sinn, dat eent ass en Terrain deen tëschent der Husky an der Goodyear ass an deen aneren ass en Terrain, den no beim Logistikszenter ass, och um CR161 also zwou interessant Terrainen, wou de Wirtschaftsministère eis géif zur Verfügung stelle fir de CGDIS als Établissement public drop kéint bauen.

Natierlech ass et esou, dass de CGDIS hei wäert bauen, hei wäert net d'Stad Diddeleng an och net Beetebuerg bauen, wann d'Gesetz bis duerch ass, huet de CGDIS - wou d'ailleurs och elo en Appel komm ass, dass deem seng Kompositioun soll besat ginn, wou jo deelweis och staatelech Vertrieeder dra sinn an och Gemeengevertrieeder dra sinn, déi iwwer de SYVICOL bestëmmt ginn - wäert deen op alle Fall deen Zenter hei bauen, et sinn net an deem Sënn d'Gemengen an



déi Démarche, déi mir elo wäerte maachen, wa mer och déi Etude de faisabilité hunn, wäerte mir och natierlech mam Beetebuerger Schäffen a mat de Kollege vun deenen zwee Centren zesummekomme fir eis déi Etude de faisabilité unzekucken, an och de Wee ergraff hunn, dass mir souwuel den Inneminister wéi och d'Administration des services de secours informéiert hunn, dass mir zwee potentiell Terrainen hunn an datt et elo am Fong drëms geet, Faisabilitéitsstudien ze maachen, an dat ze notze fir datt dann och de CGDIS dat ka bauen.

Wéini dass en et baut, dat decidéiert dann och de CGDIS, d'Sue si jo do, et gouf jo e puer Mechanisme fir iwwer de Staatsbudget Suen ze kréien, engersäits iwwert d'TVA, anerersäits iwwert d'Taxë vun den Asurancen, dat heescht, déi néideg Sue sinn do.

Dat heescht, dat wäert de CGDIS definéieren, mee wat awer kloer ass, an där doter Hypothese wäerten déi zwee Zentre sécherlech bestoe bleiwe bis deen neie Bau steet well se allen zwee nach op hirem Territoire mussen operationell bleiwen, dat ass dann elo e bëssen de Werdegang, dee mir hei wäerten an Ugrëff huelen.

Voilà, dat zu deenen doten zwou Froen. Wann elo d'Etude de faisabilité gemaach gëtt, deemno wat déi erausstellt, da mussen déi zwou Gemengen untrieden an hinnen dee Projet virstellen an da mussen si och kucke mat de Prioritéiten, hei ass Kategorie 4, dat ass eng wichteg Prioritéit, dass dat och virgezougëtt, mee dat ass eng Discussioun déi ze feieren ass mat dem neie Gremium vum Verwaltungsrot vum CGDIS.

Ech ginn dann elo d'Wuert un de Loris Spina an un d'Claudia Dall'Agnol.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN):

Da fänken ech un, léif Leit aus dem Schäffen- a Gemengerot, hei eng Fro vum Här Jadin betreffend de Chrëschtmaart, an déi klengt folgendermoossen: Kënnt Dir wann ech gelift am Kader vun der nächster Gemengerotssitzung den 16.3, dat wier dann Haut, folgend Froe vum Chrëschtmaart 2017 beäntweren?

Ass den Dekont vum Chrëschtmaart schonns disponibel, a wa jo, wéi ass deen ausgefall? Wann de Budget vu 70.000 Euro net konnt a gehale ginn, aus wat huet de Surplus bestanen a wien huet dat decidéiert?

Heizou géife mir gären den Detail gesinn.

Wéi gesäit et mam Plan de marche aus fir d'nächst Joer?

Ginn do Veräiner geéiert oder einfach iwwergaangen? Sinn déi schrëftlech Reklamatiounen an och déi positiv Bewäertungen disponibel? A kann de Gemengerot dovunner kréien?

Ech géif da proposéieren, dass ech an zwou Etappen äntweren.

Déi zwou éischt Froen betreffen éischter de Budget an duerno eis Marche de route, respektiv de Plan de marche.

Also, de Budget vun 70.000 Euro ass am Rectifié ze fannen an en ass erhéicht ginn op 93.000 Euro, sou wéi dat och normal ass. An engem Budgetartikel kann ee jo Transferte virhuelen, an der Modifikatioun hu mir do dat Recht wann et néideg ass. Hei war et effektiv esou, dass mir do an deem Posten 860 vun de Fêtes et manifestations hu missen e bësse siche goe fir hei opzestocken, an aus wat bestinn dann elo déi 23.000 Euro wou mir da méi ausginn hu wéi déi 70.000 Euro well jo och d'Nues vum Chrëschtmaart geännert huet.

Dat sinn notamment d'Chaleten, do si weider Fraisen, déi do ugefall sinn, d'Sécherheet huet missen erweidert ginn, respektiv och d'Sonorisatioun ass an d'Luucht gaangen an dee leschte Volet, wou nach dorënner gelidden huet, soen ech einfach elo mol war den Hebergement vun de Stänn, vun deene Leit, déi mir aus dem Ausland heihinner kritt hunn.

Dat u sech mol zum Budget.

Wéi geet et elo virun, iwwergaange gëtt sécherlech keen, ass och nach ni ee ginn. Deen Ausdrock gefällt mir och elo net wierklech.

Wéi mir mat de Veräiner verbleiwe sinn, do hate mir am Virfeld schonns e gewëssenen Austausch, mir haten och während dem Chrëschtmaart schonn de Veräiner matgedeelt, dass mir eis géifen zesummen treffe fir e gewëssene Bilan zesummen ze zéien, dat ass och geschitt.



Dat heescht, mir haten engersäits e verbalen Austausch, dee ganz gutt a korrekt ofgelaf ass, per Courier hate mir Réckmeldung kritt, a mir hate och Fiche-techniquë verschécke gelooss sou dass mir do och Permanent mat den anere Veräiner an aneren um Chrëschtmaart matgedeelt hunn.

Wéi geet et elo konkret virun? Majo, do ass eng Idee opkomm vun engem Aarbechtsgrupp a mir hunn dat och an deem Sënn zeréckbehalen, dass mir en Aarbechtsgrupp wäerten an d'Welt setzen. Deen Aarbechtsgrupp wäert folgendermoossen zesummegesat ginn - mir hunn do eis Leit aus dem Service Fêtes et Manifestations dobäi, et ass e Vertrieeder vum Schäfferot dobäi, e Vertrieeder vum Mëttelalterdeel an e Vertrieeder vum Koustall an eng Delegatioun vun deene ganze Chaleten a mir sinn awer och der Meinung, dass de Geschäftsverband do sollt mat vertuede sinn an och eise Syndikat ass do mat vertrueeden, well en dat jo och mat finanzéiert a vill matkritt.

Deen Aarbechtsgrupp wäert an deenen nächste Wochen aberuff ginn an da kann dee probéieren, dat ze verbessere wat mir dëst Joer proposéiert hunn.

Wat do vu positiven Informatiounen erakomm ass, dat dréint sech grosso modo ëm déi Saachen, déi mir och als Gemeng direkt festgestallt hunn, dass notament en Dekoratioun a Beliichtung war en Thema, d'Emplacementer vun deenen eenzelne Chaleten ass ëmmer erëm en Thema awer och d'Animatioun en général an och d'Bühne sinn do en Thema an och dee logistesche Volet ass do thematiséiert ginn.

Ech mengen net, dass et opportun wier, elo fir dem Gemengerot dee ganzen Dossier ze ginn, well mir an all Dossier wou mir als Gemeng hunn, ëmmer erëm Courrieren oder Reklamatiounen hunn, a wa mir positiv Informatiounen kréie bei all Manifestatioun, wat d'Gemeng betrëfft, an ech mengen et wier elo net opportun fir de Gemengerot domat zouzeschëdden, mä déi Volete kommen awer mat an deen Aarbechtsgrupp an do wäerte mir probéieren, Léisungen ze fannen, quitte, dass et - Dir kënnt lech dat virstellen Här Jadin - ganz ganz schwiereg gëtt, well jidderee mengt fir sech a säi Veräin dee beschten Emplacement ze kennen an deen och wëllen ze hunn, well bei aller Léift kuckt och jiddereen e bëssen no sech, an dat gëtt spannend an dem Aarbechtsgrupp.

Ech hoffen, ech hunn lech elo gréisstendeels op all déi Froe geäntwert. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Et wier dann elo u mir, den Här Jadin huet nach eng Fro gestallt an zwar zu de private Camionnetten.

Hie wëll wëssen, wien an ab wéini ee ka soe wat eng Camionnette ass? An da seet en an Diddeleng géif sech d'Rumeur halen, dass zu dësem Parkproblemer also mat de private Camionnetten Ausname gemaach goufen. Wéi hunn déi ausgesinn, wien huet profitéiert, firwat sinn se gemaach ginn a wat fir eng Léisung gesi mir vir fir d'Zukunft?

Also, fir d'éischt emol muss ech soen, Här Jadin, op Rumeure ginn ech wéineg, well wann ech géif op Rumeure goen, da géif ech dacks mäin eegent Liewen net méi erëmerkennen. Ech mengen, dass mir hei seriö Politik an deem Gemengerot musse maachen.

Ech huelen awer un dass hei d'Verwirrung duerch déi Vignette kënnt, déi een am Parking résidentiel huet an ech probéieren dann nach eng Kéier de System dovunner ze erklären.

Dir wësst, dass et verbueden ass eng Camionnette owes, de Weekend oder Feierdeeg, egal wou an Diddeleng ausserhalb ebe vun deenen designéierte Parkinge stoen zu hunn. D'Ausnahm ass natierlech Äre privaten Terrain, do kënnt Dir stoen hu wat Dir wëllt.

Eng Vignette résidentielle, déi huet een awer just do ze gutt, wou och Parking résidentiel ass. Dat läit am Terme. Dat huet awer näischt mat enger Camionnette oder net Camionnette ze dinn, well de Parking résidentiel, an dat ass d'Nuance, dee gëllt jo just fir am Dag, an am Dag dierf u sech och eng Camionnette iwwerall an Diddeleng stoen, dat war virum Akraafttriede vum Camionnettëreglement esou mat der Vignette an och duerno.

Déi Vignette bedeit dann awer och just, dass een do wou e Friemen ass, also een deen net do wunnt am Dag - wann s de eng Vignette hues, brauchts de net ze bezuelen an du brauchts dech och net un déi Limitatioun vun de Stonnen ze halen. Owes ass et, Vignette hin oder hir, ëmmer verbuede fir Camionnetten.



Wat ass eng Camionnette? ass nach gefrot ginn. Am Prinzip steet dat op der groer Kaart, ech mengen dat hate mir schonns gesot.

D'Definitioun dovunner gëtt et awer laut Dictionnaire, an do steet "une camionnette ou fourgonnette est un véhicule de transport automobile principalement destiné aux marchandises", weider wat ass e Pick-up, dee gëllt als Camionnette de ramassage. Esou wäit déi offiziell Definitioun, dat sinn dann och praktesch ëmmer Gefierer, déi hanne keng Fënster hunn, an och nëmme Sëtzer vir, dat versteet sech vum selwe well keng Persounen mä haaptsächlech Marchandisé befördert ginn, an den Här Haas hat och hei eng Kéier gefrot ob säi Minibus géif drënner falen, do hat ech him gesot Neen, well dee Bus destinéiert ass fir den Transport de personnes.

Da wollt den Här Jadin wëssen, wéi geet et weider?

Eise Service Circulation ass amgaange mam Romain Molitor, eisem Verkéiersberoder, an ass higaangen an huet sech och emol an anere Gemengen, déi e Camionnettëreglement hunn, informéiert, fir mol ze kucken ob déi eng Léisung hu fir Leit, déi eng privat Camionnette hunn, entgéint ze kommen.

Ech wëll dann och nach eng Kéier betounen: Privat Leit, déi sou eng Camionnette hunn, déi mussen dann natierlech och zu Diddeleng wunnen, an déi Camionnette muss och ob si privat ugemellt sinn an net op eng Firma oder hire Patron, fir ze verhënneren, dass mir owes oder während de Weekender erëm d'Quartiere vollgeparkt hu mat deene Camionnetten, déi do näischt ze sichen hunn a fir déi mir dat Camionnettëreglement do agefouert hunn.

Mir hu mëttlerweil eng Ebauche vun engem Text, also vun engem Reglement do stoen a mir sinn amgaangen ze kucken ob deen Text d'Strooss hält a wann deen Text d'Strooss hält, da komme mir domat an de Gemengerot.

Leit aus dem Service hu mir och gesot, dass sech Leit un se gewand hu mat dem Problem a mir huelen déi och op de Leescht. Ech muss awer soen, dass dat der wéineg waren, an dass dat - wann de Service d'Situatioun gekuckt huet - haten déi och bal ëmmer eng Alternativ, eng Stellplaz oder op hirem privaten Terrain, ech mengen et ass en anere Problem wann een eng Camionnette huet, déi eng Gréisst vun engem

normalen Auto huet, do ginn et der vill, déi passt an eng normal Garage, op eng normal Stellplaz eventuell och op de privaten Terrain, mä bon, et ginn och ëmmer Leit déi privat richtig grouss Camionnetten hunn. Ech wëll dann och nach eng Kéier betounen dass et wéineg Privatleit waren déi sech gemellt hunn am Service, villäicht eng Hand voll.

Déi wou sech awer méi gemellt hunn dat waren eigentlech déi, fir déi mir dat Camionnettëreglement a Kraaft gesat hunn, Dir kënnt lech erënneren, mir haten och eng Kéier hei e Bréif vun enger Delegatioun vu Patronen um Ordre du jour an do waren et der ganz vill, dat huet elo ofgeholl, et huet nach wéini een sech gemellt gehat, deen huet elo eng Frëndin hei zu Diddeleng an den kënnt dann ëmmer mat der Camionnette vum Patron heihinner, dee wousst dat net, mä Privatleit waren et nëmme eng Hand voll, déi sech hei gemellt hunn a fir déi aner wëlle mir dee Schrëtt och net zeréckgoen, well et eis ebe wichteg ass, dass déi wéineg Parkplazen, déi mir hunn, fräi bleiwe fir d'Leit, déi do wunnen.

Fazit wéi gesot, mir schaffen dru fir déi Handvoll Leit, déi eng privat Camionnette hunn, dass mir fir déi dann och kënnen eng Léisung fannen, wann se keng Plaz op hirem Terrain oder an hirem Garage hunn, an soubal mir prett sinn, komme mir domat an de Gemengerot.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci dann och dem Claudia Dall'Agnol an dem Loris Spina fir hir Äntwerten. Domat wier d'Séance publique eriwwer.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 29. MÄRZ 2018

1. APPROBATION VUM NEIE REGLEMENT IWWER D'BESETZUNG VUN DE POSTE VUM LÉIERPERSONAL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Gudde Moie léif Membere vum Schaffen- a Gemengerot, de Gemengerot ass a senger Kompositioun komplett an ech géif proposéieren, dass mir elo ufänken. Mir hunn haut zwee Punkten um Ordre du jour, engersäits eng ganz Rei Nobesserungen um Niveau vum Règlement d'occupation des postes wat d'Léierpersonal ugeet an als Hauptplat d'Modifikatioun vum Projet Neischmelz.

Ënner Korrespondenz hu mir haut näischt an dofir géif ech direkt d'Wuert weider ginn un d'Josiane di Bartolomeo Ries, wou als Presidentin vun der Schoulkommissioun sech dorëms gekëmmert huet an ech begrëssen awer och den Erni Ferrari vum Schoulservice.

JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP): Merci fir de Versteesdemech, dass dee Reglement eréischt e Méinden nogereecht ginn ass, mir hu relativ vill an intensiv dru geschafft. Da wëll ech awer och e Merci lass ginn un d'Presidente vun de Schoulen, déi dat Reglement ëmgeännert hunn an e ganz décke Merci un den Erni Ferrari, deen eis dat Ganzt op d'Blat bruecht huet sou datt mir dat haut kënne presentéieren.

Am Ufank ass et haaptsächlech ëm d'Stagiaires instituteurs et institutrices gaangen, firwat dat Reglement huet missen ëmgeännert ginn. Dat Reglement

gëtt all Joer e bëssen adaptéiert. Dës Kéier sinn déi dobäi komm, dofir hu mir dat missen iwwerschaffen.

Ech wëll am Fong just op e puer Punkten agoen, ech wëll elo net déi 12 Artiklen duerchhuelen, mir hunn déi en long et en large an der Schoulkommissioun duerchgeholl, ech wäert dann elo just op e puer eenzel Punkten agoen an den Här Ferrari kann dann och op e puer Saachen nach agoen, déi ech elo net gesot hunn.

Als éischt, wat villäicht wichteg ass ze soen, ganz am Ufank vum Text, am éischten Artikel, do steet "Cycle d'apprentissage 1-4", do ass de Precoc mat dran, ech wëll dat direkt soe well dat ass net ëmmer esou kloer ob dat esou ass.

An dann dat wat ännert, am Artikel 2, do ass et bis elo esou, dass mir an dräi Tier gewielt hunn, dat ännert awer elo, mir wielen elo a sechs Tier an dat kënnt eben doduerch, dass mir déi Stagiairen do elo mat eranhuelen.

Wat ech nach wëlt soen, bis elo ass et esou, dass d'Instituteuren op der éischter Lëscht hir Klass wielen. Elo ass et awer esou, datt dann op där 2. Lëscht d'Instituteur-stagiairen dobäi kommen an déi wielen dann op der 2. Lëscht hir Platz.

Wat nach ganz wichteg ass: Och wann déi Stagiairë fäerdeg sinn, da kommen déi an der Liste d'ancienneté hannen op d'Lëscht, dat heescht si kréien déi Stagezäit net ugerechent.

Wou mir e bësse méi Diskussiounen haten, och an der Schoulkommissioun, dat war am Cycle 1, do kann et emol virkommen, dass eng Klass ageet. Am Fong wielen se d'Klasse jo am Cycle pair, a wann et awer eng Klass ass, déi am Cycle 1 ageet, dann hätt dee Schoulmeeschter, deen an där Klass sëtzt, jo am Fong keng Platz méi. Dunn hu mir e bëssen hin an hir diskutéiert an der Schoulkommissioun an du kout d'Proposition



fir ze soen, dee kann sech dann iergendwou eng Klass eraussiche vun de Spillschoulen am Cycle 1 an dann hu mir awer decidéiert, dass de Schoulmeeschter am Virfeld schonns bei der Wal, déi den 3. Mee ass, gewarnt gëtt, datt dat eng Classe à risque ass, dat heescht, déi kéint eventuell an deem Joer drop agoen an da géif dee Schoulmeeschter, deen op där Klass ass, nëmmen eng Klass kënne wielen, déi vakant ass.

Wann dat net de Fall wier, da géif een am Fong nees dee ganze Cycle erëm opmaachen an et misst ee vu virun all Klass nei besetze well d'Anciennetéit jo da spillt.

Fir de Rescht géif ech mengen et wieren elo keng grouss Ännerungen, den Erni Ferrari kann nach eng Kéier kuerz op dat Ganzt agoe mä tatsächlech Ännerungen sinn net dobäi. Ah dach, eng grouss Ännerung ass, dat ass dat éischt Reglement an der Gemeng an do si mir ganz stolz drop, dat masculin a féminin ass, dat heescht ganz Texter an Artikelen si masculin a féminin. Villmools Merci.

ERNI FERRARI (SCHOULKOMMISSIOUN): Merci, also dat heite misst déi 4. Versioun si vum Règlement d'occupation de poste, säit 2009.

Dass regelméisseg Ännerungen néideg sinn oder och Adaptatiounen, dat hu mir jo an der Tëschenzäit och gemierkt. Dës Kéier sinn et eben haaptsächlech d'Stagiaren, déi elo säit 2016 do sinn, déi am Reglement bäigesat gi mussen. D'lescht Joer hate mir nach net onbedéngt de Problem fir ze kucken, wéi déi an eise Schoulen integréiert ginn, respektiv hate mir nach weider keng richteg Instruktiounen vum Ministère.

Säit dësem Joer hu mir se awer, Verschiddener si schonns am zweete Joer zu Diddeleng an do geet et dann eben och dorëms, fir ze kucken, wéi mir déi an eise Schoulen ënnerkréien a wa méiglech esou, dass eng gewësse Kontinuitéit do ass. Dat heescht wann se d'lescht Joer eng Klass kruten, dass se déi och dëst Joer kënne behalen. Zum Beispill hu mir zwee Stagiaren, déi elo dëst Joer e Cycle 4.1 (5. Schouljoer) hunn an do wier et och am Intérêt vun hinnen alleguerten, wann déi och dat nächst Joer dat 6. Schouljoer mat virun huelen.

D'Ännerung vum Reglement ass e Punkt gewiescht wou mir schonns Enn Januar zesumme waren, net nëmmen d'Presidenten an d'Presidentin vum Diddeleng, mee och déi vu Kayl a Rëmeleng, well d'Direction

de région wollt hunn, dass wann Ännerungen gemaach ginn, dass déi wa méiglech och an deenen dräi Gemengen méi oder wéineger d'selwecht formuléiert ginn.

No där Reunioun am Januar war et de Presidenten a Presidentinnen iwwerlooss fir Ännerungen virzeschloen. Et huet e bësse gedauert, och well si momentan um Plan de développement scolaire schaffen, heescht si hu momentan och zevill ze dinn, dass dat elo och net méi schnell gaangen ass a mir hir Propositionen elo doduerch och relativ kuerzfristeg kritt hu fir d'Schoulkommissioun.

An deenen Deeg nodeems mer et kruten, dat war freides, sinn awer och nach vill Mailen hin an hir gaangen, mir hunn eis och nach mat der Direktioun getraff fir eenzel Punkten ze klären, ob mir dat esou kënne unhuelen oder net, wou dann och de Punkt 6 vun der Direktioun als problematesch ugesi gouf sou an där Proposition, wéi si et virgeschloen haten.

Voilà, an dofir dann déi Ännerungen. Si si jo nach net alleguerten gemaach, dat nächst Joer musse mir och eng Versioun 2019 erëm nei stëmmen, well all déi Enseignanten, déi an d'Bildungshaus Lenkeschleé kommen, nach guer net an deem Reglement virgesi sinn, zum Beispill. Dat ass dat wat ech elo nach dozou ze soen hat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Erni Ferrari fir seng Erläuterungen zu den Ännerungen wat d'Reglement ugeet an d'Diskussioun ass elo op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, iwwer zwou Stonne souz d'Schoulkommissioun zesumme fir dëse Règlement d'occupation des postes op d'Been ze setzen nodeems, wéi schonns gesot ginn ass, d'Direktioun mat de Presidenten zeg Ronne gedréint hunn an et war eng Schwéiergebuert. Och wa mir eis un dat alt Reglement vun 2005 ungeleent hunn, waren e puer Knackpunkten ze diskutéieren. Wat ass elo dobäi eraus komm?

Wichteg ass et elo, dass weider deen Enseignant seng Klass zwee Joer begleet. Dat ass gutt fir d'Kontinuitéit vum Apprentissage am ganze Cycle an et ass och gutt fir d'Kand an et ass och ganz wichteg, dass de Stagiaire seng Klass 2 Joer behale kann a wann et anescht wier, da wier déi Premisse vu Kontinuitéit, op déi schonns 2005 hei zu Diddeleng vill Wäert geluecht gouf an déi och hei zu Diddeleng deemools



schonns ugeholl ginn ass, soss wier déi net gewährt.

Et gouf sech jo och géeneegt, dass de Stagiaire, deen zu Diddeleng säi Stage mécht, de Stage net fir d'Anciennetéit ugerechent kritt, wat awer och normal ass am Secondaire, do wollte mer keng Extra-wurscht maachen, dat ass awer och vläicht wichtig, dass dat net schlechte Wëlle war, mee dass dat vun de Reglementer vum Ministère esou virgesinn ass.

Voilà, ech hu schonns gesot, dass Wäert geluecht gëtt op d'Kontinuitéit an der Equipe an all eenzel Schoul, all eenzelt Schoulgebai huet jo och seng eegen Nues an dat ass och gutt esou an doduerch hu mir och eng gewësse Kontinuitéit well vill Enseignanten hirer Schoul trei bleiwen an dat begrëisse mir och a wéi alleguerten d'Parteien hei bannen, si mir och frou dass mir op de Wee gaange sinn, eis Quartiersschoulen ze erhalen, do kann een och dëst Reglement an dee Kontext setzen, dass dat och weider gewährleescht soll sinn.

Et ass wéi den Erni Ferrari schonns sot, d'nächst Joer wäert dëst Reglement eis nach eng Kéier wéinst dem Bildungshaus Lenkeschléi beschäftegen, well do ass et jo esou, mat sengem spezielle pädagogesche Konzept ass jo do d'Kontinuitéit vun der Prise en charge vun de Kanner primordiale, an och d'Kohabitatioun an d'Kollaboratioun mat der Maison Relais gëtt där ganzer Schoul jo eng nei Nues an do mussen nei Kritäre fir de Recrutement vum Personal, vum Personnel Enseignant, ausgeschafft ginn, an ech denken, et wier och gutt wa mir net bis d'nächst Joer géinge waarden.

Ech mengen, do si mir eis eens, dass mir et esou schnell wéi méiglech op d'Leescht huelen an der Schoulkommissioun, net dass et erëm eng Kéier esou eng hektesch Aktioun gëtt wéi dëst Joer an ech hat och do schonn eng Kéier ugeschnidden, wéi mir iwwert d'Bildungshaus Lenkeschléi diskutéiert hunn, ob mir dann do net och d'Méiglechkeet hätte fir do schonns e President ze nominéieren an e Comité, déi dann d'Konzept am Detail géife presentéieren an dann och d'Garantie kréie fir an där Schoul ze bleiwen.

Ech weess, dass dat am Secondaire esou ass, wann e Lycée nei gebaut gëtt, gëtt en Direkter an eng nei Equipe bestëmmt, an ech weess elo net ob dat iwwerhaupt am Primaire virgesinn ass, ech huelen un, dass dat nach net oft gefrot ginn ass, et wier villäicht interessant ze froe beim Ministère ob do esou eng Prozedur virgesi wier.

An da musse mir eis och Gedanke maachen iwwert déi Nues, déi mir der Schoul op Neischmelz wëlle ginn, dat ass jo och net méi esou laang, a villäicht musse mir och do kucken a wéi eng Richtung dass mir ginn. Gi mir do op de Modell och vum Bildungshaus Lenkeschléi oder wëlle mir do nach en anere Modell maachen?

Wéi gesot, dat Reglement hei beschäftegt eis nach méi oft, et ass net an de Stee gemeesselt mä mir sinn awer elo frou, dass mir elo en uerdentlecht Reglement op d'Bee gestallt hunn.

Ech wëll just nach kuerz soen zum Artikel 3, wann ech dat richtig verstanen hunn, de Gemengerot ka kucken op der 1. Lescht wou all déi Stagiairen age-reit ginn, déi den Exame gepackt hunn awer nach net vereedegt gi sinn, an den Tenor war deen an der Schoulkommissioun, dass mir eis Diddelenger Stagiairen, déi hei zwee Joer laang wierklech eng gutt Aarbecht gemaach hunn, dass mir déi och wëllen hei behalen an dass mir hir Demande och virun deene auswäertegen Demandeuren hir Demandë setzen, an dat wier och gutt an der Kontinuitéit vun de verschid-dene Schoule fir dat ze behalen.

Wat och interessant ass, ass den Artikel 5: Mir hunn d'Méiglechkeet och e Schoulmeeschter fräizestelle fir extra Tâchen ze iwwerhuelen, sief et fir de Cours d'accueil fir Primo-Arrivanten ze halen oder fir de Cours adapté fir élèves à besoins spécifiques. Deen Enseignant muss dann eng extra Formatioun maachen, kann dann zwee Joer op deem Poste bleiwen deen dann och verlängert ka ginn.

Mir haten och dee Fall, dass e Schoulmeeschter um Däich zum Beispill, dee Projet CASE op d'Bee gestallt huet, dat ass de Centre d'apprentissage socio-émotionnel, an dee Schoulmeeschter ass eng wäertvoll Persoun an der Schoul fir opfälleg Kanner en charge ze huelen, punktuell aus de Klassen erauszehuelen an esou ze hëllefen, Krisesituatiounen ze entschäerfen.

Wëschenswäert wier et, wann an all Gebai esou Kri-semanager wieren, an do ass meng Fro: Ass do villä-icht schonns erauszehéieren ob deen een oder ane-ren Enseignant och dës Formatioun wëll ustriewen an ob eise Schoulmeeschter vum Däich d'nächst Joer déi Décharge wëll verlängeren.

Wichtig ass och, dass mir brevetéiert Personal als Haapttitulaire an eis Klasse setzen, dat war eis och



en Uleies an d'Schoulmeeschtere wéi och Stagiairen hunn am Fong d'Obligatioun fir eng Klass ze iwwerhuelen a Sport an aner supplementar Stonne ginn eréischt op fir Schoulmeeschtere wann all Klass e brevetéierten Titulaire huet, an dat ass och gutt esou, do leeë mir och Wäert drop, dass hei zu Diddeleng eng qualitativ gutt Schoul gehale gëtt.

Diskussiounen gouf et iwwert dee berühmten Artikel 6 an et gouf an der Schoulkommissioun och demokratiesch ofgestëmmt an ech mengen, hei huet de kloere Mënscheverstand déi logesch Äntwert ginn. Falls eng Spillschoulsklass eng Kéier sollt verschwannen, wíelt den Enseignant nach eng Klass ënnert deene Klassen, déi fräi sinn, an d'Majoritéit huet fonnt, dass et net geet, dass een sech da virdréckt fir engem aneren Enseignant, dee méi jonk ass, oder engem Stagiaire eng Klass ewech ze stibitzen, dat wier och kontraproduktiv zu der Grondiddi vun der Kontinuitéit.

An e ganz wichtege Artikel ass den Artikel 10: "En cas de désaccord sur l'occupation des postes, le bourgmestre tranchera." Et war och wichteg, dat dranzebriengen, dat hate mir och schonns 2005 gesot, an ech hoffen zwar, dass mir den Artikel 10 net oft mussen applizéieren. Ech fannen et awer wichteg, dass et drastesch, well et huet ee gesinn an den Diskussiounen, et ass net ëmmer alles esou evident. Ech wëll awer net soen, dass dat an anere Beruufsbranchen anescht ass.

Wéi gesot, ech hoffen, dass mir den Artikel 10 net mussen oft applizéieren an ech wënschen eisen Diddelenger Kanner virun allem, dass den Enseignant weiderhi gär an hir Schoul a Klass kënnt a gär Schoul hält, egal a wéi engem Cycle an ech soen ëmmer, wann ee seng Aarbecht gäre mécht, da mécht een se gutt. Ech sinn och iwwerzeegt, datt mir hei zu Diddeleng weiderhi stolz op eis Schoule kënne sinn.

D'CSV ass averstane mat der Versioun 2018-2019 vum Règlement d'occupation des postes an déi wäerte mir dann och selbstverständlech matstëmme. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP):

Merci, ech beschränke mech am wesentlechen op déi Erneuerung, déi mir elo hunn, an zwar deen duerch d'Reform vun der Fonction publique agefouerte Stage vum Léierpersonal am Fundamental.

Do waren et ufanks 3 Joer Stage fir jiddereen, mir hätt-

ten also dëst Joer keng Modifikatioun bräichten ze maachen. Wann et richteg gaange wier, da wiere mir eréischt 2019 mat deem heiten Thema konfrontéiert gewiescht. Sou ass et awer duerch d'Verhandlung mat der stäerkster Léiergewerkschaft ugangs des Joers zu Ännerunge komm. An zwar kënne Stagiairen, déi 4 Joer Unisstudium gemaach hunn, eng Reduktioun vun engem Joer Stage ufroen a kënne elo, wann si hire Stage gepackt hunn, op der éischter Lëscht an op der Lëscht 1 bis e Poste brigéieren.

Et sinn eng ganz Partie Enseignanten, also Stagiairen, déi deen dote Schrëtt net gemaach hunn, well et esou kuerzfristeg war an si sech net konnte fäerdeg preparéieren.

Wéi gesot, déijéineg déi elo an der Gemeng wëlle bliewen, kënne dat also och maachen a mir sinn natierlech frou wa mir se kënne an eise Corps integréieren. D'Direktioun wäert eis beroden, vu dass si d'Stagiairen um Terrain erlieft huet.

Ech fannen et richteg, dass d'Stagen net als Années de service zielen an dass d'Stagiairen no hirer Beamtung hannert deem leschten Instituteur admis à la fonction op der Liste d'ancienneté klasséiert ginn.

Zu där anerer Ännerung am C1, wou normalerweis all 2 Joer, année paire, 2018 ass eng Année paire, do ginn also all Klassen op, mä wéi ass et wann eng Klass opgeet am Joer impair? Do waren d'Diskussiounen e bësse méi lebhaft, wéi soll een dat regléieren? Mir hate mol an der Zäit, dass dann effektiv gesot ginn ass, vun deem dee seng Klass verléiert, vun do u géif da frësch gewielt ginn. Et ass awer elo emgehäit ginn, also et ass redresséiert ginn an zwar am gudde Sënn, an zwar esou, dass deen deen eng Klass verléiert, sech ënnen um Wupp muss eng Klass, e Poste, eraussichen. Dat ass richteg, do gëtt et Stabilitéit a Kontinuitéit am Cycle. Dat ass och dat Eenzege wat ech wollt soen. Merci.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):

Merci, am Numm vun deene Grénge géif ech Stellung huelen zum Règlement. Dass mir et matstëmme ass evident, well et eng gutt Basis gëtt fir d'Klassen- a Posteverdeelung vun der Grondschoul fir dat nächst Joer.

Ech wëll hei guer net op d'Komplexitéit vun deene ganzen Artikelen agoen, déi an der Virbereedung vun der Schoulkommissioun e puermol duerchdiskutéiert an iwwerschafft gi sinn.



Dobäi schéngen d'Doleancë vun den eenzele Schoulen a Schoulmeeschteren a Léierinnen an awer och den anere Berufsgruppen esou wäit wéi méiglech berücksichtegt gi sinn.

Et mag fir Aussestehender erstaunlech schéngen, dass esouvill Energie drop geet a 6 Säiten noutwenneg si fir dëse Reglement. Viru Joere war dat vill méi einfach, d'Klasse konnten nom Prinzip vun der Anciennetéit gewielt ginn a wat d'Schoulmeeschteren an d'Léierinne méi laang an der Gemeng geschafft hunn, wat si méi hir Klasse viele konnten an och sécher waren, an hirem Schoulgebai ze bleiwen.

Sou schlecht huet dat net funktionéiert, jonk Leit si méi oft hin an hier gehäit gi mat schwierere Klassen a waren deenen Erausforderungen och villäicht méi gewuess. Et ass och probéiert ginn, déi selwecht Persoun op zesummengehéierend Schouljoeren ze setzen.

D'Situatioun an der Grondschoul huet sech allerdéngs geännert a si gëtt ëmmer méi komplex. D'Zuel vun den Intervenante gëtt ëmmer méi grouss an et gëtt och vill méi an Equippé geschafft an et existéiere Plans de développement scolaires, déi fir eng ganz Schoul ëmmer méi wichteg ginn.

Dëser Entwécklung muss e Reglement fir d'Posteverdeelung Rechnung droen. Zu der aler Regel vun der Anciennetéit sollen och pädagogesch Iwwerleeungen besser berücksichtegt ginn. Am Géigesatz zu de Regeln, déi ech am Enseignement secondaire gewinnt sinn, gëtt hei och un d'Stagiairë geduecht, déi nach an der Ausbildung sinn. Si kommen zum Zuch, virun deejéinegen déi an enger anerer Gemeng eriwier wisselen, awer bei der Klasseverdeelung. Herno bei der Anciennetéit gëtt de Stage net ugerechent genau wéi am Secondaire an dat ass och richtig esou a mengen Aen.

Ouni wëllen op Detailer anzegoe wëll ech déi Punkten opzielen, déi mir gutt fannen an dësem Reglement.

Dat wier éischstens, dass an der Formulierung vun dësem Reglement dat weiblecht Léierpersonal an Erscheinung trëtt. Deen allergréissten Deel vun der Laascht an der Erzéiung an eise Schoule gëtt vu Frae gedroen an dofir ass et méi wéi gerecht, dass dat och an der sproochlecher Formulierung däitlech gëtt.

Zweetens fanne mir gutt, dass d'Anciennetéit nach ëmmer de grondsätzleche Prinzip vun der Posteverdeelung bleift, et ass eppes wat objektiv ze kontrolléieren ass, wou d'Berechtigung och kann novollzu ginn. Jonk Leit gi besser mat Erausforderungen eens, och wann Erfahrung vu grousser Hëllef bei schwierere Klasse ka sinn.

Drëttens ass et gutt, dass eng propper Regelung entsteet fir all déi aner Fäll wou also net reng no der Anciennetéit gekuckt gëtt.

An der Versammlung vun der Schoulkommissioun konnt een den Androck kréien, all Méiglechkeete wieren duerchgespillt ginn, sou dass bei allméigleche Fäll dat neit Reglement ka gräifen.

Dat ass natierlech net de Fall, awer et gëtt dofir eben e véierte positive Punkt, nämlech dass a leschter Instanz de Buergermeeschter decidéiert wann extra Fäll optrieden oder Streidereie sinn, grad esou wéi wann eng Klass während dem Schouljoer laang Zäit opstoe bleift.

Dëst Reglement ass bal integral unanime ugeholl ginn, dat ass schonn en Hiweis drop, dass et gutt duerchduecht ass an och a Richtung Konsens ausgeschafft ginn ass.

Just bei engem Punkt war d'Kommissioun gedeelter Meenung an do ass elo deen Ofsatz vun der Majoritéit zeréckbehalen ginn, deen an der Philosophie vun dësem ganzen Text läit. Et handelt sech dobäi ëm de Fall wou eng Spillschoulsklass géif suppriméiert ginn, wat dann dee ganze Prozess géif op d'Kopp geheien.

Mir sinn der Meenung, dass dat e gudde Kompromëss ass an dass dat zu enger gudder Opdeelung vun de Poste ka féieren, well dee pädagogesche Sujet och besser berücksichtegt gouf, dofir stëmme mir als Gréng hei zou. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci der Madame Goergen fir hir Stellungnahm. Gëtt et nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da gi mir elo op déi verschidde Punkten an. D'Froe si fir den Erni Ferrari an d'Josiane Di Bartolomeo-Ries wëll villäicht och nach eng Kéier d'Wuert ergräifen.



ERNI FERRARI (SCHOULKOMMISSION):

Fir nach eng Kéier op den Artikel 10 zeréckzekommen, wou den Här Buergermeeschter misst eng Decisioun huelen: Säit 2009, wou mir dat Reglement hei hunn, hate mir dat nach net an ech hoffen, dass dat och esou bleift well esou schlecht war dat Reglement ni, dass mir a Schwierigkeete gerode wieren.

Et kann natierlech ëmmer mol sinn, dass effektiv mol e Fall dotëschent geréit, deen net virgesinn ass, mä bis elo si mer nach ëmmer eens ginn.

Zu de Froe vum Michèle Kayser, et ass elo emol esou mam Comité fir d'Bildungshaus Lenkeschléi, do muss een och mol mam Direkter a mam Ministère ofkläre wéi mir dat kënne maachen. Et ass jo esou, dass déi aktuell Comitéen elo nach bis 2019 do sinn, also nach dat Schouljoer wat elo kënnt, an da ginn erëm 2019 an de Schoulen nei Comitée gewielt an déi ernimmen dann och nei Presidenten oder Presidentinnen.

Mir wësse jo och all, dass d'Bildungshaus 2019 nach net steet, dofir musse mir do mam Ministère kucke wéi eng Léisung mir do kënne fannen.

Déi aner Fro ob schonns Demanden do si fir den Däich: Mir kréien elo eréischt no der Ouschtervakanz d'Propositioune vun de Schoulpresidenten a Schoulpresidentinne fir dat nächst Schouljoer. Mir gesinn eis de 24. Abrëll an der Schoulkommission an eréischt da wësse mir wat fir nächst Joer geplangt ass. Dat heescht, fir dat neit Schouljoer hu mer momentan nach weider keng Demanden oder Propositione virleien.

JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP):

Merci, Dir wësst et waren effektiv schwéier Diskussiounen, et war awer och flott a ganz konstruktiv.

Mir hunn dat richteg gutt hikritt an dat Eenzegt wat mir déi nächste Kéier mussen änneren, ass, dass mir d'Reglement mussen éischter hunn. Déi éischte Kéier ass et de 16. Mäerz erakomm an den Erni Ferrari an ech an den Direkter hate ganz intensiv Diskussiounen am Virfeld. Ech si frou, dass Dir et all matstëmmt an dass mir dat sou duerchkréien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane Di Bartolomeo – Ries.

Ech wëll kuerz op d'Bildungshaus agoen, mir hu jo de Moment en Team vun Enseignanten an edukativem

Personal wat ganz beméit an engagéiert ass wat d'Ausschaffe vum Konzept ugeet, an et läit an der Kontinuitéit an an der Iwwerleeung, dass dat selwecht Team dann och an d'Bildungshaus integréiert gëtt.

Et ass och schonns elo déi Decisioun geholl ginn, wat d'Positioun beim Léierpersonal wéi awer och beim edukative Personal ubelaangt, dass sech do déi eng oder aner Persoun erausschiet an dass déi Positioun sech och festegt. Et ass och eng Ouverture do, a mir haten och schonns d'Diskussioun mat der Regionaldirektioun, dass dat och an enger gewëssener Form festgehalen gëtt fir dass een do déi Kontinuitéit kann assuréieren.

Et bestinn Ouverturen, nach wäerte mir dat dote weider diskutéieren fir et och konkret kënne ze festzeelen, well et läit an der Logik vun der Saach, dass déi Leit, déi sech an deem dote Prozess engagéieren, sech och kënne herno am Haus erëmfannen, well se dat Ganzt mat definéiert hunn. Dëst gesot géif ech proposéieren, dass mir ofstëmmen.

Wien ass mat deenen Adaptatioune vum Règlement d'occupation des postes averstanen? Dat ass **unanim**. Merci lech alleguerten an och dem Erni Ferrari fir säi Bäitrag.



2. APPROBATION VON DER PUNKTUELLER MODIFIKATION VUM ALLGEMEINE BEBAUUNGSPLANG (PAG) FIR DE PROJET NEISCHMELZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Beim zweete Punkt vum eisem Gemengerot si mir befaasst mat der Modification ponctuelle vum PAG Neischmelz. Ech begrëssen dofir hei an eiser Ronn d'Sala Makumbundu vum Architektbüro Christian Bauer & Associés Architectes, déi och den 1. Präis 2009 kritt hun bei der Ausléisung vum Concours.

Ech begrëssen awer och d'Chantal Zeyen vum Architektbüro Zeyen & Baumann, dat eis och begleet an den Diskussiounen ronderëm de PAG.

Da vum Oeko-Bureau den Hans-Walter Wonn, deen sech ëm de Volet vum der SUP (strategische Umweltprüfung) bekëmmert huet ronderëm déi Modification ponctuelle vum PAG, ech begrëssen de Mario Schweitzer, Koordinator vum Fonds du Logement, wéi och aus eisem Service technique d'Cathy Mambourg an d'Eva Gottschalk.

Ech géif esou virgoen, dass ech elo direkt uganks e bësse méi e breede Kader setze wat déi Modifikation vum Neischmelz ugeet an da wäerten eis Invitée bei verschidde Punkte méi am Detail drop agoen an da kënnen all d'Partei Stellung huelen, éier mir zum Vote iwwerginn.

E puer generell Consideratiounen wat dësse Projet ugeet. Ech wëll uganks soen, dass wa mir wëllen, da kënne mir haut als Gemengerot zesumme Geschicht schreiwen. De Projet Neischmelz schécke mir haut offiziell an d'Prozedur, et ass en historesche Moment fir Neischmelz awer och en historesche Moment fir

d'Stad Diddeleng. Mir kënnen am Fong haut an der Géigewaart eng Bréck schlëssen tëschent der Vergaangenheet, der industrieller Vergaangenheet vum Diddeleng an der Zukunft vum dëser Stad.

Neischmelz ass fir Diddeleng a fir d'Land e wegweisende Projet, e regelrechte Projet-phare, wat nohaltteg Entwécklung ugeet mat der Bestriewung, dass et jo soll en Eko-Quartier ginn.

Dir wësst et, d'Schmelz huet dës Stad geprägt, et huet sech ganz vill, bal alles ëm d'Schmelz gedréint, si war eise Bols an dat vum 1882 un, mat der Grënnung vum der Société anonyme des Hauts-Fourneaux et Forges de Dudelange.

D'Schmelz awer och iwwert d'Industrialiséierung, huet et erméiglecht, dass Diddeleng sech vum engem Duerf mat engem méi agrare Charakter an eng Stad entwéckelt a mat all den Erausforderungen, déi dat mat sech bruecht huet, d'Migratioun vum Norden an de Süden, Immigratioun, déi heihinner komm ass, also nei Aarbechtskraaft, nei Awunner konfrontéiert als Stad mat prekäre Logementsconditiounen.

Haut schafe mir neie Wunnraum op där selwechter Platz wou déi industriell Entwécklung stattfonnt huet, mee d'Gemeng war och deemools konfrontéiert mat neien ëffentlechen Infrastrukturen, déi se huet misse bauen an och ënnerhalen.

Déi Chance, déi mir zu där Zäit hate wéi d'Schmelz sech hei entwéckelt huet, ass och de Fait, dass mir 1907 den Titel als Stad kritt hunn.

1911 gouf d'ARBED gegrënnt: Aciéries Réunies de Burbach-Eich-Dudelange, Diddeleng als Wéi vum der ARBED.

D'Diddelenger Schmelz huet kloer zum Räichtum vum Lëtzebuerger Land bäigedroen, d'Diddelenger



Schmelz war awer och kloer, dat muss een hei soen, déi éischt, déi konsekutiv vun der Stolkris betraff war.

D'Diddelenger Schmelz, déi iwwer Generatiounen e Reservoir war vun Aarbechtsplazen an och d'soziaalt Liewen hei zu Diddeleng definéiert a geprägt huet, huet an de 70er Joere massiv gelidden a war virun enger ganz Rei Erausforderungen. Aarbechtsplaze goufe massiv ofgebaut an et muss ee soen, dass deemools d'Wäitsicht vun der deemoleger Regierung an dem deemolege Schäfferot, dass déi Wäitsicht deemools et dozou bruecht huet, dass deen Aarbechtsverloscht, dee mer hei haten, opgefaange gouf duerch d'Schafe vun nationalen Industriezonen am Raum Diddeleng – Beetebuerg, dat war och eng eemoleg Chance, déi mir deemools hate fir och als Stad Diddeleng d'Kéier ze kréien.

Als Forge du Sud wësse mir also, wou mir hierkommen an och an der Gestaltung vun der Zukunft vun der Stad Diddeleng huet eis industriell Vergaangeneheet e ganz wichtege Stellewäert. Si gehéiert zu eiser DNA an dee Projet, dee mir haut hei virleien hunn an och zur Ofstëmmung bréngen, heescht net vun ongeféier Neischmelz.

Deemools, wéi d'Schmelz entstanen ass, an och haut hu mir hei zesummen d'Chance fir d'Weiche vun der Stad Diddeleng ze setzen, an et ass och sécherlech e flotten Challenge an deenen nächsten 10 bis 15 Joer en neie Stadvéierel ze plangen.

Et stécht och eng ganz Symbolik dohannert, déi fréier Schmelz ass e "Lieu de mémoire" a "Mémoires des lieux" fléissen och an Neischmelz eran, mir maachen hei am Fong e Wandel vun der Forge du Sud op d'Forge de l'Avenir.

Et ass dat déi Bestriewung, déi mir hei hunn.

Wann een sech den Historique vum Projet selwer ukuckt, ech wollt dat eng Kéier Revue passéiere loosse well och dee Prozess passéiert, dass mir haut hei zesummekommen, fir och dee Projet Neischmelz an d'Prozedur ze schécken.

Am Oktober 2005 gouf den LDD definitiv zouge-
maach, nodeems 2004 am Kader vun der Tripartite d'Regierung ARCELOR an d'Gewerkschaften d'Decisioun geholl hunn, de Site zouzemaachen, awer och mat der Viraussetzung, de Site ze revitaliséieren,

ronderëm de sougenannten Triptique Wunnen, Schaffen a Fräizäitgestaltung.

Am Juli 2006 huet de Staat, respektiv de Fonds du Logement den Droit d'occupation du sol kritt an och den Droit de superficie iwwerdroe kritt, mee de facto ass Arcelor Mittal Proprietär bliwwen an 2007 huet dëse Gemengerot e Reklassement gemaach vum ganzen Areal an eng Zone à étude fir dass mir och kënnen dat heite roueg plangen a roueg ugoe.

Mee awer och schonn 2007 goufen eng Rei Tëschennotzunge geholl wat de Site ugeet well am Kader vum Centenaire vun der Stad Diddeleng, awer och am Kader vum Europäesche Kulturjoer, d'Ausstellung "Retour de Babel" do stattfonnt huet, respektiv och am Kader vum Centenaire eng Rei weider kulturell Aktivitéiten.

Am Januar 2009 gouf de Concours lancéiert, Räumliches Strukturkonzept Schmelz Diddeleng. En nationalen an europäesche Concours, eng Jury gouf zesummege-
sat, 11 Kandidaten hu Projeten agereecht an am September 2009 ass d'Decisioun gefall an den 1. Präis giong un den Architektbüro Bauer et Associés. Am Kader och vun den Decisiounen ronderëm den 1. Präis gouf 2010 d'Ausschaffe vum Masterplang gemaach an déi Iwwerleeungen an déi Initiative ronderëm den Eko-Quartier sinn och an de Masterplang mat agefloss.

Am Fréijoer 2011 hu mir awer och probéiert, déi éischt Connexion ze maachen, wou mir d'Passerell ageweit hunn tëschen dem Quartier Schmelz an dem Quartier Italien, eng Passerell, déi haut nach besteet, a mir hunn och déi éischt Schrëtt gemaach ronderëm d'Biergerbedeelegung, an e Joer duerno, am Dezember 2012 gouf de Masterplang fäerdeg gestallt.

Et gouf natierlech weider dru geschafft an am Joer 2015, dat ass och en Deel vun Ären Dokumenter, huet de Bureau ENECO d'Sanéierungskonzept aus-
geschafft an 2016 gouf dat Sanéierungskonzept och vum Ëmweltministère guttgeheescht an och dat läit an Ären Dokumenter.

En anere wichtege Moment war awer am Juni 2016, en decisive Moment well do ronderëm den Deal vum neie Siège vun ARCELOR an der Stad Lëtzebuerg den Dossier Neischmelz konnt deblockéiert ginn, wou déi aktuell Regierung et fäerdeg bruecht huet, dass de Staat, respektiv de Fonds du Logement Propriétaire



à part entière gëtt an dat huet eis och erméiglecht, kuerz duerno dru weiderzeschaffe fir och dann deen Dossier hei an d'Prozedur ze schécken.

2016 gouf de Masterplang adaptéiert an haut hu mir d'Modification ponctuelle virleien an am Laf vum Joer wäerte mer och de Gemengerot mat den 4 PAp befaasse fir déi an d'Prozedur ze schécken.

Et kann een also soen, dass vun 2005 un dräi Schäferéit aktiv a konsequent konsekutiv dru geschafft hunn, mam Fonds du Logement, mat de Planer, mat den Architekten, mat eise Gemengeservicer, mat de Ministère, mat de staatlechen Administratiounen an dat mat vill Engagement, vill Iwwerzeegung, vill Héichdruck virun allem an deene leschte Méint, mat vill Häerzblutt, muss een awer och soen, an hinne vun dëser Platz aus e grouss Merci soen, well och fir si ass et haut eng grouss Etapp, déi si mat eis zesummen huelen a konsequent duerchzéien.

Och si hunn dorop higeschafft, mee et wäert sécherlech net déi lescht Etapp sinn an dësem Projet mat deem mir eis haut hei befaassen. Et ass och net vun ongeféier, dass mir am Fong annerhalleft Joer no-deems de Fonds du Logement Propriétaire ginn ass, hei och setzen an de Projet an d'Prozedur schécken.

Déi ganz Zäit wou ARCELOR Propriétaire vum Projet war, konnte mir Neischmelz net an d'Prozedur schécken.

Vun 2009 aus un, wou de Concours gelaf ass an den 1. Präis decidéiert gouf, bis am Juli 2016 gouf aktiv déi Period genotzt fir um Projet ze schaffen an en esou gutt wéi méiglech virzebereede fir en och deementspreechend zäitno, an dat ass haut annerhalleft Joer duerno, an d'Prozedur ze schécken.

Mir hunn de Calcul gemaach, vun 2009-2010 bis elo hate mir gutt 150 Sitzunge wou sech zesummesat gouf, engersäits de Comité de coordination mee och déi vereenzelt Sitzunge mat de Ministère, staatlechen Administratiounen, bilateral Sitzunge fir de Projet an déi Sitzungen ze schécken, also ganz ganz vill Aarbecht gouf hei geleescht.

2009 hunn am Kader vum Concours Christian Bauer et Associés a Latz und Partner de Projet zougestane kritt, an ech wëll kuerz hei drop agoe firwat dëse Projet zeréckbehalen gouf. Dat war aus enger Rei Consideratiounen eraus an aus deene Consideratiounen er-

aus ass dat iwwert de Masterplang an d'Modification ponctuelle mat eragefloss, an de Schéma directeur, respektiv, dat spigelt sech do och erëm.

De Projet deemols krut den 1. Präis well d'Jury der Meenung war, dass d'Mëschnotzung am beschte gëlëist war an deem dote Projet: Wunnen, Schaffen, Noversuergung, Déngschtleeschungen, Schoul, Sportsinfrastrukturen a Kultur.

Et war och eng Consideratioun, dass dëse Projet eng kompakt Mëtt huet am Zentrum vun Neischmelz, et war e Projet, deen eng gutt Ubannung hat vum Quartier Italien an de Quartier Schmelz, an awer och mam Zentrum, well mir eis och musse virun Aen halen, dass déi Zäit wéi d'Schmelz do gestanen huet, guer keng Connexion bestanen hunn. Et war e sougenannte Monde clos, vläit och heiansdo e Vase clos, et konnt een nëmmen an dat Areal eragoe wann een do geschafft huet, et war am Fong eng Aart Insel, déi ofgeséichert war, an hei war et wichteg, déi néideg Connexionen ze maachen.

Et war eben och e Projet, deen am Fong d'Opwäertung vun der Gare erausgeholl huet, de Quartier Italien, deen am Fong méi eng Zentralitéit a méi eng grouss Wichtigkeet kritt.

An et war awer och bei wäitem, am Verglach zu deenen aneren zéng Projeten dee Projet, wou am meeschte vum Patrimoine industriel erhalen gouf a valoriséiert gouf, a wou mer och nei Funktiounen kréien, mam Laminier als Bâtiment-phare, also hei keng Approche an dësem Projet par rapport zu deenen aneren, déi mir gewise kruten, an och mol Erfahrungen, déi am Ausland gemaach goufen an der Revalorisation vu Frichen, wou mir hei e Rigel setzen nom Prinzip vum Tabula rasa, hei si mir just am Contraire.

Den Enjeu natierlech fir d'Stad Diddeleng am Kader vum Projet Neischmelz ass natierlech d'Reconversion vun enger Friche am Stadkär. Si läit no beim Zentrum, 40 Hektar, an dat stëmmt natierlech och an där méi genereller Consideratioun vum Plan directeur d'aménagement du territoire, deen am Moment nach besteet, et ass amgaangen en neien ausgeschafft ze ginn, mee do ass kloer de Fokus op der Revalorisation vun de Frichen, déi sech hei am Süde befinnen awer och logesch nom Prinzip wat d'Siedlung an d'Densitéit ugeet, innen vor aussen, och dat ass e wichtige Punkt wou mir och deemols hei am Gemen-



gerot der Meenung waren, dass Neischmelz e Projet d'envergure soll ginn an net de Ribeschpont, dat reit sech och an déi dote Logik an.

Mat der Entwécklung vun Neischmelz gëtt dat heiten och e wichtigen Attraktiounspol fir d'Stad Diddeleng, déi e regionalen an e multifunktionelle Charakter huet, déi Nohaltegkeet ronderëm d'Ekonomie, d'Ekologie an och de soziale Volet, et ass en Eko-Quartier dee mir hei zesumme plangen, dee kee Friemkierper hei an der Stad ass, mee natierlech Connexioune bestinn, den industrielle Patrimoine deen erhalte bleibt an awer och e Quartier, deen hei entsteet mat senger eegener Identitéit.

Mir hunn déi Chance, hei an Diddeleng eng ganz Rei Quartieren ze hunn, déi hir eegen Identitéit hunn. Deen heite Quartier wäert och seng Identitéit kréien, dat gesäit ee ganz kloer u senger Ausriichtung, e reit sech an d'Komplementaritéit vun der Identitéit vun eise Quartieren an, déi och Diddeleng aus maachen, an duerch d'Entwécklung vun deem Quartier och der Stad Diddeleng an och der Region nei Perspektive bidden.

Et ass och e Quartier, dee ganz kloer op sozial Mixitéit setzt an awer och op funktionell Mixitéit setzt. Sozial Mixitéit well verschidde Wunnforme wäerten hei ausprobéiert ginn, an och awer eng funktionell Mixitéit wa mir kucke fir niewent dem Logement och d'Noversuergung, wirtschaftlech Aktivitéiten, Handwierk unzesidelen awer och ëffentlech Infrastrukture wéi och de Volet vun der Kultur.

Ech hat gesot, dass de Projet eis hei déi nächst 10-15 Joer wäert begleeten, à terme 1.000 Wunnunitéiten, dat mécht à terme och bis 2.300 Awner méi, déi d'Stad Diddeleng hei wäert kréien, awer och e Projet, deen op innovativ Konzepter hei fousst.

Deemnächst gi Foragë ronderëm d'Geothermie, d'Solarthermie, Fotovoltaik gemaach, dat sinn Elementer déi an dee Projet afléisse wéi awer och d'Revalorisation vun der Diddelenger Baach an d'Konzepter ronderëm d'Economie circulaire, eben déi Bestriewung en Eko-Quartier, en CO2-neutrale Quartier, dee wann en sech entwéckelt, 1.000 Wunnunitéite kritt awer nach mënschlech Dimensiounen behält.

Dat ass eng Suerg, déi mir hei zu Diddeleng hunn, awer och e Quartier, deen sech an der Proximitéit ofspillt, e Quartier mat kuerze Weeër, e Quartier, deen op Liewensqualitéit setzt, awer och e Quar-

tier, deen net a Konkurrenz trëtt mat eisem aktuelle Centre commercial, dee mir hei hu wou mir jo och d'Bestriewung hunn, deen opzewäerten iwwert eng Rei Investor.

Sécherlech soll do kënnen Noversuergung stattfannen an der Proximitéit déi Noversuergung soll och kënnen spillen, mee an der reeller Chance, déi mir hei hunn, en neie Quartier ze plangen, soll et keng direkt Konkurrenz ginn zum aktuelle Stadkär.

Ech wëll e bësse méi am Detail op de MOPO agoen, e puer Punkten, déi mir wëllen eraushiewen. 2007 sollt dat also als eng Zone à études aklasséiert ginn, aus de Grënn vun enger roueger Planung fir och den Drock erauszehuele vis-à-vis vu Bestriewungen, verschidden Aktivitéiten do unzesidele säitens vum Propriétaire, deen am Moment ganz wibbeleg ginn ass, wou mir och hei als Gemengerot e Rigel gesat hunn, an och eben elo haut d'Modification ponctuelle, wou mir eng ganz Rei Zonen definéieren - d'Chantal Zeyen wäert herno méi am Detail drop agoen.

Op deene 40 Hektar definéiere mir Zonen, wou ee ka wunnen, Zonen, wou eng gewësse Mixitéit ka stattfannen, Zonen, wou méi ëffentlech Infrastrukture sinn, Zone ronderëm de Laminoir an och Zone ronderëm Sport a Kultur.

Mir hunn engersäits d'Modification ponctuelle vum PAG, mir hunn awer och de Schéma directeur, déi kënnen sech zesumme liesen an do huet een en Abléck wéi sech dee Site entwéckelt am Kader vun den 4 PAPen, quitte, dass mir herno am Kader vun de PAPen am Laf vum Joer méi an den Detail waerten goen, mee am Kader vun der Logementsentwécklung wäerte mir hei e gesonde Mix tëschent Locatioun a Verkauf fannen.

D'Bestriewung ass och, déi Terrainen, déi mir hei fannen, déi majoritairement an der Hand si vum Fonds du Logement, respektiv awer de Quartier Italien an der Hand vun der Gemeng ass, dass mir déi och am Kader vun der Entwécklung zur Verfügung stellen iwwert e Bail emphytéotique.

Dat par rapport zu der Modification ponctuelle vum PAG, wat do e feste Bestanddeel ass an och eng Obligatioun ass, dat ass natierlech d'Umwelterheblichkeitsprüfung, wou den Hans-Walter Wonn sécherlech nach op eng Rei Punkte wäert



agoen, mee Dir kënnt erausliesen an deem Dossier, deem Dir kritt hutt, dass mir eng éischt Analys gemaach hunn am Januar 2017, dat war déi 1. Phase, an déi 2. Phase mat enger ganzer Rei vun Detailer am Mäerz 2018 an déi zweet Analyse si Partie intégrante vun der Modification ponctuelle.

Am Kader vun deenen Analysen an och deenen Avisa vum Ëmweltministère hu mir eng ganz Rei Oplage kritt an och eng ganz Rei Moosnamen, déi mir hei mussen huelen, déi natierlech ze léise sinn, sief dat engersäits Biotopen, déi mussen erhale bleiwen awer och dee ganze Volet ronderëm Fauna a Flora, ronderëm awer och Liewewiesen, déi am Moment um Site sinn, sief dat Fliedermais, sief dat awer och de Fräsch, deem an de fréiere Basengen ass, dass mir do awer musse kënne Moosname garantéieren.

An natierlech och en Deel vun der SUP ass dee ganze Sanéierungskonzept awer och dee Volet, dass mir hei an deem heite Projet eng ganz Rei Kompensatiounen mussen huelen an dass mir iwwert déi 1.100 nei Beem, déi mir um Site hei planzen à terme zwee Drëtzel vun de Kompensatiounen schonns kënne maachen.

D'Sanéierungskonzept u sech, do hutt Dir en détailléierte Bericht vun ENECO virleien, dem spezialiséierte Bureau an deenen dote Froen, an natierlech d'Analys an d'Decisioun, den Arrêté vum Ëmweltministère vum 22. August 2016, deem natierlech bindend ass fir d'Sanéierung vum Site, leet eis och herno an deene verschiddenen Ausschreiwungen, déi musse gemaach ginn, och säitens vum Fonds du Logement, wat d'Sanéierung vum Site ugeet.

Graff kann een zeréckbehalen, an dat ass och bekannt, dass do wou Wunnfläch entsteet op ee Meter bis annerhallwe Meter muss opgefëllt ginn, dass am Laminair d'Dall muss versigelt ginn, dass mir am Moment an der Situatioun sinn, wou schonns eng Rei Hotspots vun ARCELOR selwer sanéiert goufen nom Prinzip Pollueur-Payeur, dass mir awer och kënnen an deem Dossier erausliesen, dass den Norde vun deem Projet, also de PAP-Norden hei vir am Crassier am mannste vun der Pollutioun beträff ass. A mir wëssen och, duerch d'Historicitéit an d'Geschicht vum Site, dass natierlech och Asbest benotzt gouf, dat ass och fachgerecht entsuergt ginn.

Wat awer och e gudden Liichtbléck ass am Kader vun der Economie circulaire, dat ass, dass mer dee Bau-

schutt, deem net kontaminéiert ass, um Site notze kënne fir verschidde Plazen opzeschëdden.

Wéi gesot, dat heiten ass e Projet, deem op verschiddenen Elementer fousst, eng Rei Consideratiounen muss Rechnung droen.

Wann een op deem dote Site wunnt, da sinn natierlech och déi Konzepter ronderëm d'Mobilitéit, déi hei am Schéma directeur awer och schonn an der Modification ponctuelle vum PAG sech situéieren an och de Kader setzen.

Ech hat ursprénglech gesot, dass iwwer dee Projet de Quartier an d'Gare vill méi eng grouss Wichtigkeet kréien, mee et sinn och déi Konzepter ronderëm d'Stärkung vum ëffentlechen Transport, déi hei e feste Bestanddeel dovun bleiwen, sief et iwwer nei TICE-Linnen, déi de Quartier wäerten desservéieren, iwwer de Bus à haut niveau de service, mee awer och déi Diskussioun ronderëm d'Optiounen 1 an 2, wëlle mir den Direktzuch, wëlle mir den Tram, och dat begleet dëse Projet.

Awer och d'Iwwerleeung, wa mir hei kollektiv Parkinger maachen, an och déi Bestriewung vun engem Eko-Quartier, deem CO2-neutral soll sinn, da soll den Auto natierlech net méi dee selwechte Stellegäert hu wéi deem, deem en haut huet.

Dofir och déi Idee, dass mir pro Logementsunitéit 0,8 Parkplaze maachen, an net wéi am aktuelle PAG virgesinn 1 Parkplaz, dat heescht mir schrauwen dat erof fir iwwert deem dote Wee engersäits op kollektiv Parkplazen an anersäits méi op den ëffentlechen Transport ze setzen, respektiv op d'Mobilité active, well dat heiten e Quartier gëtt, wou éischter Shared Space ass, d'Vitess op 20 Km d'Stonn limitéiert ass a mer awer och d'Bestriewung vum Eko-Quartier hunn, dass d'Vitess op der Wuelderengerstrooss bis op d'Liberatiounsstrooss zeréckgesat gëtt an dat éischter eng Gemengestrooss gëtt, wat am Moment net de Fall ass, sou wéi och d'Vitess op der Thionvillerstrooss soll zeréckgesat ginn.

An och alleguerten déi Konzepter ronderëm de Car-Sharing a wat sech alles wäert an deenen nächsten 10-15 Joeren entwéckelen an der Technologie, sécherlech wäert dat e feste Bestanddeel ginn, wat de Volet vun der Mobilitéit ugeet, an awer och doriwwer eraus, de Volet vun der Smart City, deem hei wäert afléissen.



Wat och e feste Bestanddeel ass hei am PAG, zu der Modifikatioun vum PAG wollt ech betounen, dass déi Bestriewungen, déi och schonns d'lescht Joer gemaach gi si ronderëm d'Teschennotzung.

Och dat wäert während der Developpementsphase vun deenen 10-15 Joer vum Projet Neischmelz méiglech sinn, déi Opportunitéit wëlle mer eis ginn, well mer wëssen, dass déi Teschennotzung vum Site fir d'Entwécklung wichteg ass, an déi Erfahrungen, déi mir bis elo gemaach hunn, déi si jo och ganz positiv an am Moment hu mir eng ganz Rei Teschennotzungen, sief dat ronderëm eisen Innovatioun Hub, sief dat ronderëm eise Skatepark, sief dat mat dem Streetball-Terrain, deen dohinner kënnt, sief dat am Kënschtlerkollektiv den Atelier, am Hall Fondouq, sief dat mat der Croix Rouge, sief dat mat der Europäescher Kulturhaapstad 2022, dat heescht, dee Site soll kënne mat Liewe befëllt ginn am Kader vun der Teschennotzung an déi huet e feste Bestanddeel hei an der Modification ponctuelle.

An dat gëtt eis och d'Méiglechkeet, dee ganze Prozess ronderëm d'Biergerbedeelegung weiderzedreihen, mir hu jo och eng ganz Rei Aarbechtsgruppen, déi de Moment bestinn, wou mir eis jo och begleet loossen, vun Transition Minette, et ass op alle Fall e politesche Wëlle vun dësem Schäfferot, déi Teschennotzung an d'Biergerbedeelegung weiderzedreihen a weider ze stäerken.

Da géif ech iwwergoen - dat wäert dee leschte Punkt sinn, éier ech d'Wuert weider ginn un d'Sala Makumundu - dat ass dee ganze Volet ronderëm de Patrimoine industriel.

Diddeleng ass d'Wéi vun der ARBED, mir hunn hei e Projet zeréckbehale wou déi meeschte Gebaier erhale bleiwe par rapport zu deenen anere Projeten, déi mir 2009 presentéiert kruten am Kader vun der Selektioun.

Mir baséieren eis - an dorop fousst och d'Modification ponctuelle vum PAG - engersäits op e Kurzinventar 2005, also eng Analyse sommaire, déi opgestallt gouf vum däitsche Bureau fir Industrie-Archeologie, dat am Optrag vu Sites et Monuments, mir hunn hei och e Courier, deen offiziell an Ären Dokumenter war vum 21. Abrëll 2017 vum Kulturministère, deen sech op dee Kurzinventar baséiert, dat heescht déi selwecht Kontinuitéit hei an der Modification ponctuelle vum PAG, wou dat Nidderschrëft fënnt a souwisou déi

nächst Etapp, déi mir müssen entaméieren an do ware mir eis eens ass, dass de Fonds du Logement dat mat der Gemeng zesumme mécht a wa mir hei wëllen eng Rei vu Gebaier op den Inventaire supplémentaire setzen, respektiv der Meenung sinn, dass mir méi wäit wëlle gesinn, musse mir natierlech wéi bei all Projet, wéi dat och scho war hei am Gemengerot - mir kennen d'Demarchen - offiziell de Kulturministère a Sites et Monuments mat enger Demande befaassen.

Dat gouf de Moment net gemaach, mee et ass eng logesch Suite no der Modification ponctuelle vum PAG an et ass eng Demarche, déi de Fonds du Logement mat der Gemeng zesumme wäert maachen an et muss een hei soen, dass 11, respektiv 15 Gebaier hei ënner Protektioun stinn, an ech wëll drop agoen, wéi eng Gebaier dat sinn.

Dat sinn engersäits déi fréier Kläranlagen, déi müssen erhale bleiwe ronderëm de Waassertuerm, an awer och d'Pomhouse, dat klasséiert muss ginn, dat ass et de Moment nach net, dat ass engersäits de Waassertuerm, dee klasséiert ginn ass, also profitéiere mir hei vun der Geleeënheet dat mat eranzehuelen, dat ass de Lokomotivatelier, de Konstruktionsbüro, dat ass de Wagonage-Atelier, dat ass d'Diddelenger Gare-Usine am Quartier Italien, den Ensemble vu 4 Gebaier, et ass awer och den Atelier, et ass dat aalt Direktionsgebai, et ass awer och déi Haaptentrée an der Wuelmerengerstrooss, d'Portal, dat hei soll klasséiert ginn an et ass awer och de Laminoir, dee wierklech exzeptionell ass mat senge 600 Meter, et ass och dat wat de Bâtiment-phare ass an dësem Kontext.

Dann, wat e bësse fir Diskussioun gesuergt huet, dofir well ech deem hei virgräifen, wat och e wichtige Punkt ass am Kader vun der offizieller Saisine ronderëm alleguerten d'Gebaier, déi mir hei wäerte kucken, dass och eng wëssenschaftlech an eng staatlech Analys vun deene Gebaier gemaach gëtt, dat war bis elo nach net de Fall, dat ass am Kader vun deem Kurzinventar nach net gemaach ginn an ech mengen déi wou de Kurzinventar gemaach hunn, hu jo och gesot, dass just eng Analyse sommaire gemaach gouf, dass ee méi wäit muss goen, an et ass och wichteg, dass mir dat ufroen, well wann déi staatlech an déi wëssenschaftlech Analys gemaach gëtt, da kënne mir och mat subventionéiert gi vu Sites et Monuments.

Dat ass och wichteg wann een deene Gebaier och eng nei Funktionalitéit wëll ginn.



Ech gräifen hei vir dass mir dat Gebai, d'Stolwierk, dat och eng wichteg Funktioun huet, well do jo och de Projet nach ëmmer besteet vun der Filmindustrie, vum Projet Box in a Box, wou mir virun e puer Wochen am Kader vun enger Entrevue mam Kulturministère a mat dem Ekonomiesministère an de Leit aus der Filmindustrie zesummesouze fir de Projet weiderzedreiwen, et ass also nach ëmmer eng Aktualitéit fir d'Filmindustrie am Stolwierk unzesidelen, mee fir och d'Méiglechkeet ze ginn, fir sech am Laminor nach weider unzesidelen, wou d'Start-Upe sinn, respektiv och Baussenanlagen, nieft de Büroen, also dee Projet Filmindustrie ass definitiv net gestuerwen, mir schaffe mat ganz vill Héichdruck fir dat op Diddeleng ze kréien, well dat och eng Identitéit ass mam CNA, dee schonns do ass, dat heescht, deen audiovisuelle Volet gehéiert zu der Identitéit vun der Stad Diddeleng. Dat virop gesot, an datt een sech där Diskussioun ronderëm d'Stolwierk net soll verschléissen, wat seng Erhaltung ugeet, respektiv dass een och am Kader vun der wëssenschaftlecher, respektiv staatlecher Analys dat soll mat eranhuelen, fir dat och ze préiwen.

Dat zu den Ausféierungen.

Wat awer d'Wichtigkeet vum Patrimoine industriel ugeet, wat d'Erhale vun deem Patrimoine ugeet, ech hat probéiert, hei dee méi breede Kader ze setzen, wat engersäits d'Ausrichtung vum Projet ugeet, respektiv d'Modification ponctuelle vum PAG Neischmelz an elo wëll ech d'Wuert ginn dem Sala Makubundu, dem Chantal Zeyen, dem Hans-Walter Wonn an dem Fonds du Logement fir op eng ganz Rei aner Aspekter anzegoen. Merci.

SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS ARCHITECTES):

Merci, Här Buergermeeschter, Dire Dammen an Dir Häre vum Schaffen- a Gemengerot, ech freeë mech, am Numm vun der Equipe, déi hei de städtebauleche Projet weider begleet, lech eng kleng Presentatioun vum aktuelle Stand kënnen ze maachen. Mir sinn eben net nëmmen als Urbaniste mat de Paysagisten dobäi, mir hunn och e Bureau d'études fir d'Haustechnik, ee fir d'Infrastruktur dobäi an och e Conseiller fir d'Economie circulaire.

De Buergermeeschter huet et jo scho gutt erkläert, et ass e ganz komplexe Projet an dofir hu mir och eng Equipe, déi vill Kompetenze zesumme ka bündele fir dat méiglechst gutt ze maachen.

Hei emol den Iwwerbléck iwwert den aktuelle Stand, mir sinn elo an der Phase vun der Preparatioun vun de PAPe mat deene 4 Bureauen déi do implizéiert sinn, do wäert et elo nach déi lescht Reunioun mat den Administratiounen ginn, wéi zum Beispill fir d'Gestion de l'eau, fir dat ze finaliséieren.

Déi grouss Ideeë vum Projet si weider erhalen: Verbindung tëschent de Quartiere Schmelz an Italien, mat dem Kristallisatiounspunkt vun der Gare, Entwécklung am nördlechen Deel Richtung Zentrum, dann eng Densifikatioun éischter hei an deem zentralen Deel mee ouni datt mer déi städtebaulech Morphologie, déi Diddeleng huet, verloossen.

Dat heescht, mir bleiwen also hei bei Gebaier mat 3-4 Niveauen, net méi héich ausser op eenzele Punkten. Mir hu weiderhin déi zentral Achs, déi mir Cordofono genannt hunn, wou mir och, wat elo net ugeschwat ginn ass d'Empreintë vun den Héichwien, déi jo schonns méi laang fort sinn, erëm siichtbar maachen.

Wat extrem prägend ass, dat ass d'Element Laminor am Beräich Süden, mat enger Revitaliséierung fir Start-Upen, aner Aktivitéite mee och Wunnen, dass déi Punkten och weider alleguerten ageschafft sinn, an ech ginn do punktuell villäicht op e puer Punkte spezifesch an, déi méi evoluéiert hu par rapport zu deem Stand, deen Dir villäicht kennt.

Als éischt awer eng Illustratioun fir dass een dat besser ka verstoen, Dir gesitt och hei am groen all déi Gebaier, déi gehale ginn, wäiss ass alles dat wat nei ass, hei ass elo de Laminor ugeschnidden, dee vu senger Struktur gehale gëtt, wou mir och den Dach wäerten halen a benotzen am Kader vum Energiekonzept, fir Fotovoltaikspanneauen oder Solarpanneauen, jee no Szenario, well mir nach amgaange si mat 2 Szenarien ze schaffen.

Deen 1. Szenario ass vun der Geothermie, déi amgaangen ass getest ze ginn an deem 2. Szenario wier da Solarthermie, wann d'Geothermie net deem Erfolleg ergëtt, dee mir erwaarden.

Hei hutt Dir nach eng Kéier déi ganz Vue vun e bैसे méi wäit ewech. An och eng Kéier aus där anerer Perspektiv. Dir gesitt, wichteg, den histoireschen Héichpunkt, dee bleift ëmmer den Héichpunkt, mir hunn e puer Accente gesat oder méiglech gemaach am Kader vun der städtebaulecher Planung, mee et ass ëmmer den histoiresche Punkt, deen dominiéiert.



Voilà, dat sinn e puer Impressiounen.

De Bléck Richtung Zentrum, dat ass fir eis an deem heite Projet wierklech e grouss Plus, dass mir net e Quartier maachen iergendwou en bordure de ville, mee dass mir wierklech en neie Quartier kënnen entwéckele bis an de Stadszentrum eran an doduerch eng ideal städtebaulech Verknäppung kënnen kréien, net nëmmen tëschent de Quartiere Schmelz an Italien, mee och par rapport zum Zentrum vun der Stad.

Wat sinn déi grouss Evolutiounen?

Mir hate verschidde Réuniounen, déi huet den Här Buergermeeschter schonns ugeschwat, notament och mat der Plattform vum Ministère de l'Intérieur, wou och déi verschidden Administratioune bedeelegt sinn, déi mussen en Aval gi fir de Projet. An déi grouss Ännerungen am Norde sinn, dass mir contrairement zu deem wat am Ufank virgesi war, elo eng Optioun opgelooos hunn, fir ënnert der Fohrmannplatz kënnen e Parking ze maache fir dass Autoen do kënnen verschwannen an dass mir par rapport zu eisen éischten Approchen am Plan directeur eng Diversifikatioun gemaach hu vun den Typologien. Also hei haaptsächlech Wunntypologien, dass mir net nëmme kollektiv wunnen, dat heescht Appartermenter hunn, mee dass et och ka méiglech ginn, eenzel Haiser unzebidden.

Am Quartier Italien ass déi haaptsächlech Evolutioun vun deem Projet hei am viischte Beräich, uewerhalb vun der Gare, wou et hei e bëssen à l'inverse ass, hei si vill Haiser, gréisstendeels als Reienhaiser virgesinn, an hei vir sinn zwou Typologien bäikomm, éischer en Îlot ze maachen, dee verschidden Typologie vun Appartermenter wäert erlaben an awer och eng Fräiheet ze loosse fir Initiativen aus dem Quartier. Do kënnen Ateliere kommen oder aner Aktivitéiten, wou d'Bierger dat och kënnen mat entwéckelen, wat net nëmme Wunnen ass, sou dass mir och hei eng gewësse Mixitéit hunn, déi ass sécher hei manner wéi an deenen aneren Dealer, mee och hei ass eng Mixitéit méiglech.

Am Zentrum, wou mir déi gréissten Dichte hunn, hu mir 2 Thème geschaf, d'Schoul ass e ganz wichtigen Thema, mir kréien 2 300 Awunner ongeféier an de Quartier, dat bedeit natierlech och eng grouss Unzuel vu Kanner, déi hei eng Primärschoul, eng Maison Relais mat Sportsinfrastruktursméiglechkeete wäerte fannen, an do ass eng intensiv Aarbecht mat de

Servicer hei am Haus gemaach ginn, fir déi Schoul ze dimensionéieren an och esou ze dimensionéieren, dass Erweiterungsmeiglechkeete kënnen méiglech ginn, sou dass hei déi Entwécklung laangfristeg ka stattfannen.

Dat anert, ech hunn et kuerz ugeschwat, mir hunn den Haapthéichpunkt, dat ass de Waassertuerm, mir hunn awer hei an deem zentralen Deel och e städtebaulech Signal gemaach, d'Plattform huet eis mat op de Wee ginn, dat vläit nach e bëssen unzepasse mee de Prinzip ass aquis.

Wa mir méi wäit no Süde ginn, do war elo eng Diskussioun fir ze kucken, dass mir déi Plaz virum Laminoir e bësse méi faassen. Dat war virun, fir déi déi sech erënneren, eng vill méi grouss Platz, wou awer d'Suerg war, dass dat zevill vaste ass, datt dat net genuch à l'échelle humaine ass. Do hu mir eng e bësse méi staark Fassung proposéiert mat den Architekten vum PAP an hei gesitt Dir eppes wat als eng Optioun eng Kéier studéiert gi war, fir de Film. Dat muss een awer kucken, de Buergermeeschter huet dat schonns ugeschwat, ob dat iwwerhaupt Sënn mécht, déi 1. Optioun ass nach ëmmer, den Hall vum Stollwerk ze erhalen an ze benotze fir déi Studioen, an do mussen och elo nach approfondéiert Etüde gemaach ginn aus statescher Hisiicht.

De Süddeel mam Laminoir, hei gesitt Dir et méi am Detail, et sinn nach ëmmer déi Ouverturen an Ost-West-Richtung, déi mir schonns ëmmer proposéiert hunn. Dat huet sech elo e bësse verfäinert, déi Hauptännerung ass am Laminoir, datt mir entgéint dem urspréngleche Konzept, wou gesot ginn ass, et dierf nëmme geschafft ginn am Laminoir, elo och eng Ouverture konnten erreeche mam Ministère de l'Environnement, dass hei an deem zentralen Deel och Wunnenge méiglech sinn, do wou et gutt beliicht ass, fir qualitativ héichwäerteg Wunnengen ze maachen a mir wäerten och, wou dat materiell méiglech ass, kucken, dass mir villäicht e puer Solarpanneauen do hu fir dass méiglechst gutt Beliichtung erakënnt.

Op der Säit vun der Wuelmerengerstrooss war jo nach ëmmer eng Typologie virgesinn, déi sech orientéiert un deem wat hei vis-à-vis schonns ass, éischer eng klengdeeleg Rei um Niveau Struktur, dat bleibt och esou op dëser Säit erhalen, et gouf awer eng Evolutioun vun den Typologien op der Säit vum Laminoir fir nach e besseren Iwwergang ze kréien tëschent der grousser Struktur, wat de Laminoir awer ass,



an deene méi klenge Strukturen hei op der Säit vun der Wuelmerengerstrooss, sou dass mir hei e bësse méi Residencë wäerte kréien, déi dann den Iwwergang kënne maachen op déi Strukturen am Laminoinr.

A wat mir och virgesinn hunn, an dat wäert d'Madame Zeyen och sécher nach eemol soen, ass dass mir am ganz südliche Beräich, deen am Fong schonn ausserhalb vum eigentleche PAP wäert sinn, eng Méiglechkeet virgesinn hu fir e Stockage ze maachen an deem Fall wou d'Geothermie net funktionéiert a mir op d'Solarthermie wiesselen, da brauche mir Méiglechkeete fir eis Energie ze stockéieren an dat kéint dann hei stattfannen.

Ganz kuerz de Paysage, et ass schonns ugeschwat ginn, et ginn iwwer 1100 nei Beem geplantz, notament hei laanscht d'Achs vun der Route de Thionville fir do e grénge Filter ze schafen, an awer och an eisem zentrale Beräich, Cour des Hauts-Fourneaux, mir wäerten hei dee Beräich ëm déi Waasserbassinen éischter als e Park amenagéieren an dat ausbauen, dee Parking, deen haut nach niewent dem CNA ass, dee wäert verschwanne fir datt déi Plätzen an de Park kënnen integréiert ginn, sou dass mir hei zesummenhängend wierklech eng flott Gréngfläch mat de Bassinen an der Baach kënne schafen, sou dass mir herno e Quartier wëllen hunn, deen net nëmmen eng Mixitéit huet, dee vun der Energie hir neutral ass, mee deen och eng gutt Oppenthaltsqualitéit huet an Dobaussflächen a méiglech vill Gréngs. Mir sinn natierlech limitéiert vum Sanéierungskonzept, mir kënnen net alles maachen, mir probéieren awer esouvill wéi méiglech Gréngflächen do ze schafen. Dat nach als Ofschloss, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci dem Sala Makumbundu fir déi Erklärungen an da ginn ech d'Wuert weider un d'Chantal Zeyen.

CHANTAL ZEYEN (ARCHITEKTEBÜRO ZEYEN & BAUER):
Merci de Virriedner, et ass do elo schonns ganz vill gesot ginn, et ass effektiv hei en historiesche Moment, deen sech eigentlech och an déi gesamt Entwécklung, sou wéi mir se och begleet hunn an der Gemeng an déi PDUen, déi an den 80er gemaach an uganks den 2000er Joren aktualiséiert gouf, wou et kloer war, dass et eng Rei potential Entwécklung gëf ginn, mee dass awer och hei ënnen de Süde vum Zentrum, dass dat sollt de Centre élargi ginn, dass deen sech do optimal dran integréiert an dass och

iwwert déi Méiglechkeet de Lien wier vun deenen 2 Quartieren, Italien a Schmelz, déi dach do staark getrennt waren, dass dat domat géif realiséiert ginn.

Dat war och an deem Sënn wichteg, dass et villäicht haut, wann een haut un d'Plan-sectoriellen denkt, déi elo wäerte kommen, dass dëse Quartier als eng ehemoleg Friche, éischter e Projet d'envergure ginn ass an net de Projet hei uewe, Ribeschpont, dee vill méi wäit ewech läit.

Ech mengen an dem Sënn ass dat heiten eng Ëmsetzung, sou wéi mir d'Landesplanung verstinn, an esou wéi se och an engem Centre de développement central ëmgesat gëtt an et ass jo vill besser bannen dran ze entwéckelen, en Terrain, dee schonns genotzt gouf ëmzenotzen, wéi an déi fräi Landschaft ze goen.

Wat awer och an deem Plang ëmmer erëm geschwat gouf, dat war fir eenzel Identitéiten an de Quartieren ze halen a fir déi och mateneen ze verknäppen, do war et eis och do scho wichteg, ebe fir déi Platz virun der Gemeng ze soen, dat ass eng zentral Platz déi hei ugeduecht war, an och fir d'Niddeschgaass e Réseau d'ambiance opzebauen, deemools war de Projet Am Duerf, deen sech och dodraner gehaangen huet, dat ass an der Tëschenzäit realiséiert ginn an elo geet et dorëms, an dofir ass et eis och wichteg, dass déi Plaz hei eng oppe Platz bleift, fir datt deen natierleche Réseau, deen hei ugeduecht ass, dass deen sech hei kann optimal iwwert d'Fohrmannsplaz, laanscht de Centre commercial, erof laanscht d'Diddelenger Baach kann entwéckelen.

Hei gesäit een och, dass dat ugeduecht ass, aus dem Zentrum vun Diddeleng hei erofzekommen, an do huet een ëmmer erëm e puer Ëffnungen, urbanistesches gesinn, wou een dann dat anescht ersieht, engersäits méi eng gréng Plaz, e Park, dann d'Place centrale, d'Place du Laminoinr iwwert d'Waasserplatz bis ganz erof op dee Park, deen eben och iwwert dee Roseau deen hei laanscht d'Baach hei kënnt, deen sech do an dee ganze Konzept esou areit.

Richtig war et an am Nachhinein gesäit een dass et richtig a wichteg war, fir deemools 2007 ze soen, mir klasséieren dat als Gemeng ëm fir eis do déi Zäit ze loosse an awer och fir d'Matsproocherecht ze kréien, well et ass jo wichteg, dass de Quartier als dat konnt ginn, an dass d'Gemeng do konnt matschwätzen an do kann ee soen, dass dat optimal gaangen ass, an



dass dat eng flott Situatioun ass, an dass dat wat eben all déi Joere virbereet gouf, dass dat elo haut kann iwwert déi Modification ponctuelle ëmgesat ginn.

Wat ass an där Modification ponctuelle? Fir d'éischt ass emol ze soen dass mir so hei emol de System ugewannt hunn no deem neie Gesetz vum PAG, wat méi eng modern Aart a Weis ass fir en neie Quartier unzegoen, mir ginn net vu bestehende Prescriptiounen aus, 3 Meter vun der Säit an esouvill Meter vun hannen, mee mir ginn eis hei déi Méiglechkeet fir vun enger Prescriptioun Nouveau Quartier fir do iwwer Koeffizienten, déi baséieren op déi Etüden déi virdru leien, dat och kënnen ëmzesetze wat do ass.

Dat heescht mir hunn hei an deem Sënn net déi Restriktiounen, sou wéi se elo sinn, wann ech elo un en anert Haus ubauen, un eng Baulück, mee mir kënnen hei déi nei Iwwerleeungen, déi fir dee Projet-phare, fir och deen nohaltege Quartier kënnen ze maachen.

Hei gesäit een och déi Faarwen, déi jo och landeswäit definéiert goufen, dass mir déi hei kënnen uwennen, dass mir déi Mixitéit och hei hunn, déi sech do aus deene verschiddene Quartieren erëmspigel, e Quartier mixte, deen zentral ass, Quartieren, wou ëffentlech Besoinen dra sinn, Erhuelungsflächen an déi Zone spéciale, dee mir eis hei speziell ausgeduecht hu fir ebe kënnen déi Mixitéit am Laminoir ze erméiglechen.

Da kuerz erkläert, wéi dat herno funktionéiert: Do komme Koeffizienten drop, an dofir huet dat och eng Zäit gebraucht, déi och baséiert hunn um Plan directeur, awer och schonns op de Viraarbechten, déi fir d'PApe gemaach goufen, dass dat do koordinéiert gouf an och ofgestëmmt gouf, dass déi Wäerter, déi dodra stinn, dass dat och herno wäert funktionéieren. Do stinn also 4 Wäerter dran, engersäits de CES, de Coefficient d'emprise au Sol, dat ass de Footprint, deen herno vum Gebai op den Terrain kënnt, de CUS, de Coefficient d'utilisation du sol, dee seet wéivill Quadratmeter kann ech herno do bauen, dat ergëtt sech herno aus dem Footprint mol d'Héicht, do ass de CSS, de Coefficient de scellement du sol, deen ugeduecht ass fir e bësselchen enger Versigelung virzebeugen, deen natierlech an deem Fall net wierkt well hei ass deen einfach 1,0 well et aus deene Grënn, déi mir schonn all elo gesot hunn, net kann eng optimal Versickerung sinn, well dee Site eben ass wéi en ass, mee dat gëtt awer kompenséiert doduerch, datt jo e konsequent d'Landschaftskonzept, e Gréngkonzept hei ass, dass iwwert déi Versigelung do Gréngstrukturen awer kënnen

ne kommen, mee dat ass eben an deem Fall 1,0 an d'Densité de Logement, déi seet, wat sinn déi Wunnengen, déi do geschaf ginn, niewent deene Fläche fir Wunnengen oder Aktivitéiten, déi do dra sinn.

Dann hu mir eng Rei Zone-superposéeeen, dat heescht d'Basis vum PAG ass esou wéi deen neie Gedanke vum PAG ass, hie setzt de Kader, hie seet wou ass wat, wou sinn d'Affektatiounen, an dann ass et iwwert déi Zone-superposéeeen, déi soe wéi an deem Fall, dass mir do eng Zone soumise à un plan d'aménagement particulier hunn, déi kann herno als Ganzt, mee hei ass ugeduecht dat als véier PAPen ëmzesetzen, dat ass hei definéiert an dobäi kommen dann eng Rei Servituten, déi eis Servitudes d'urbanisation sinn, déi hei dat Element duerstelle wou an deem Moment déi strategesch Ëmweltprüfung déi jo eng Fachetüd ass, déi parallel zum PAG leeft an och muss lafen, déi och herno an der Genehmigungsprozedur dobäi ass, déi och herno an der Genehmigungsprozedur vum Environnement dobäi ass, déi awer selwer keng juristesche Valeur huet, déi iwwer dës Punkten ënner anere ëmgesat gëtt, dat heescht, dass hei ebe kloer gesot gëtt, wou sinn Elementer, déi ze hale sinn, wou sinn déi Bassinen, déi solle gehale ginn, wou si Gréngstrukturen, déi solle si fir un deen Aarteschutz, deen do detektéiert gouf, ze kommen.

Dann nach e ganz wichtegen Deel, deen hei soll kommen, de Secteur protégé de type environnement construit, der Gemeng war et wichteg fir do net mussen drop ze waarde bis dat national geschützt gëtt, mee fir dat elo schonn am PAG festzehalen, dee Secteur ze kreéiere gëtt, fir déi eenzel Gebaier, déi musse geschützt ginn, déi oppe Strukturen, de Waasserbassin, de Bassin protégé, also déi eenzel Bassinen an och Ensemblé vun eenzele Strukturen, Maueren an Agangsportail fir dat hei ze definéieren an och dee Moment mat an deem Schutz ze hunn.

Da sinn als Indication complémentaire Biotopen déi repertoriéiert goufen a bestëmmte Gebidder wou Habitater festgeluecht goufen, wou herno den Här Wonn wäert drop agoen, déi och hei agedroe sinn, dat heescht, dat gëtt net vergiess, de PAG huet eng Hellewull un Informatiounen, wou all Mënsch awer och weess, op deem Punkt wou ech do eppes wëll bauen, dass dat net vergiess gëtt, an dann ebe gekuckt gëtt, wat dann do ze maachen ass.

Den ieweschten Deel, ech ginn dann direkt op déi Saache wou mir dann niewentenee gestallt hunn, en-



gersäits de Plan directeur, dee jo méi déi Gebailechkeeten duerstellt, de PAG baséiert sech dorop, mee hien hält dat dann a Surface fest, mat de Koeffizienten, Dir gesitt hei, de CSS ass iwwerall 1,0 mee d'Densité de logement an dee CUS ass eben ëmmer d'Verhältnis vun de Logementer zu der Bruttofläch, déi dat dann erginn, an déi variéieren och ëmmer jee nodeem wéi grouss déi Bruttofläch dann ass.

Mee Dir gesitt, dass eben hei déi Ouverture garantiert ass, dat Gebai wäert hei där Platz méi eng Heemlechkeet ginn, si wäert se faassen awer si léisst awer déi Ouverture do sinn. Wat herno eng Kéier mat deem Vis-à-vis geschitt, dat städtebaulech an och architektonesch nach eng Kéier iwwerplangt muss ginn, ech denken dat wäert herno an engem PAG-Projet ugeduecht sinn, dat ass am Hannerkapp, mee dat ass awer elo net de Bestanddeel, de Bestanddeel vun der Modifikatioun ass ëmmer déi rout Limit, do gesitt Dir genau wat dat heescht.

Déi wäiss Bande hei, do gesitt Dir, dass do déi nei Strooss kennt, dass déi jo dann elo och verluecht gëtt, dass mir elo hei éischter déi Mixitéit hunn, ëffentlech Infrastrukturen, an dat ass hei eben den HAB 2, wat ebe méi eng dense Bebauung ass, wou awer och ëmmer nach eenzel Servicer dra sinn, mee déi ëffentlech Struktur ass éischter méi an déi Zone mixte, Dir gesitt et hei ënne lusse wou den Zentrum ass, wou dann och nach eng Kéier déi Mixitéit ronderëm déi Platz ass.

Mir gesinn dann och hei déi verschidden Zorten, déi mir gewielt hu fir de Bâtiment et Équipement public ze definéieren, mir hunn emol e BP hannendru gesat, oder en EQ fir ze ënnerscheeden zwëschent deem, wou gréisser Gebaier kommen, an do wäert Dir herno gesi wou och en ëffentleche Besoin ass, mee wou awer d'Gebaier méi an den Hannergrond trieden.

Mir hunn dann hei dat Element wat herno wäert gréng sinn, wat hei Zone de récréation genannt ass, ebe well et ka verplangt ginn, well et e Stéck ass vun der Struktur Natur an net an deem Sënn eng Gréngzon, déi ausserhalb vun der Bebauung läit, vum Perimeter, sou wéi Dir et och gewinnt sidd ze soen. Dann ass deen zentrale Beräich och nach eng Kéier hei ronderëm déi Plaz hei. Hei gesitt Dir dann och déi Gebaier, déi indiquiert si mat de bloe Konture mat de Schraffuren, déi sinn als Bâtiments conservés klasséiert, oder déi Alignementer.

Dir gesitt awer och, dass déi nach en Zousaz hunn, dat kennt dann och nach dobäi an och hei den Artikel 17 an déi Punkten an dat doten, dat dat wat gesot gëtt, do ass detektiert ginn ass, dass do Elementer oder Fläche sinn, déi an enger Form, wann se net kennen ënnerhale ginn, mussen kompenséiert ginn, et ass scho vun deene ville Beem geschwat ginn, déi herno kommen, dat ass dann net dat eenzegt oder dass den Hiweis ass, dass déi Strukture mussen genau analyséiert ginn, dass wann sech do e Liewewiesen nach weist, dass dat da securiséiert gëtt an op eng aner Platz bruecht gëtt, fir dass dann do awer eng Notzung ka kommen.

Dann hu mir och hei nach eng Kéier e Parking. Dir wësst, dass de Site jo ugeduecht ass fir dass net Parkingen an den Haiser selwer sinn, mir brauchen also en Zentralparking, dat ass och eng zentral Forderung fir ze soen, dass déi ëffentlech Mobilitéit hei, déi mat dem zentrale Standuert vun der Gare, deen och hei ugebonnen ass mat deene Bussystemer, dass dat gewährleescht ass, an dass awer de Wee fir bei sän Auto, bei dat Individuellt, dass dat awer op d'mannst esou wäit ass wéi fir op den Zuch oder Busarrêt ze goen, dass dat och dee Moment hei ass an dass do och all déi Parkplazen, déi do gebraucht ginn, do assuréiert ginn.

Dann hu mir dee Beräich hei, dee Quartier Italien, deen och hei mat senger Fläch, déi herno bebaut wäert kënnen ginn, dat baséiert sech och op deenen Iwwerleeungen hei, Dir gesitt hei ass eng Prioritéit gesot ginn, eng Majoritéit vu méi Eefamilljenhaiser, dat weist sech dann hei erëm mam HAB 1, wou prioritär Eefamilljenhaiser sinn, awer ëmmer och eng Mixitéit ass mat Méifamiljenhaiser an dann deesen Deel, wou méi eng Diversitéit huet, deen ass als HAB 2 uginn.

Dir gesitt, mir hunn eis d'Méi gemaach fir op déi Diversitéiten anzegoe fir dass wat sech virgeholl gouf, dass dat herno säi reglementareschen Nidderschlag huet an dass an där Zäit, wou dat dann ëmgesat gëtt, och esou wäert bleiwen. Dee südlechen Deel, och hei mam Plan directeur doniewent, ech knäppen dann direkt drun un, och hei ass deen HAB 1, deen ass elo grad ugeschwat gi bei der Wuelperengerstrooss, dass mir do op déi Strukturen an op déi Typologie, déi vis-à-vis ass, dass mer do ustrécken an dass mer dann iwwer den HAB 2 op déi Zone spéciale Laminoir hei kommen, déi dann ebe méi eng intensiv Bebauung fënnt. Do kann een sech dat esou virstellen, dass déi



Struktur, déi soll erhale ginn, dass do esou e Genre wéi Schungkëschtchen dragestach ginn, wou Plazen oppe bleiwen, wou och Liicht kann erakommen a wou dann awer och do, wou et méiglech ass, och Wunnenge kënnen erakommen, dofir hu mer a mir gesinn et herno am Text eng Zone spéciale gewielt fir déi Mixitéit do kennen ze hunn. Mir gesinn och dee bloe Liseret, deen eis seet, dass déi Struktur ze halen ass.

Dann hu mer am südlechen Deel, do wou och gesot ginn ass, do dierf net gebaut ginn, dat hu mer dann och als Zone récréation définiert, wat zwar och be-
deit dass dat e Park gëtt, mee dass mir dat net als Gréngzon ausweisen, mee als Zone de récréation, dass et awer fir all déi Saache ka genotzt ginn. Dir gesitt och hei, dass mer do beispillsweis Strukture laanscht d'Säit hunn, déi solle gehale ginn, no Méiglechkeet sollt ee jo awer déi Saachen halen, déi de Charakter ausmaachen, dat ass souwuel bei de Gebaier wéi och bei de Gréngstrukturen, dass een dat no Méiglechkeet mécht. Hei ass sech jo och Detailaarbecht gemaach ginn an hei ass zwar och den Artikel 17, dee seet, do sinn elo zum Deel Strukturen, déi wäerten awer net an hirer Entitéit kënnen gehale ginn, mee do muss dann och nach eng Kéier gekuckt ginn a wéi enger Form déi kënnen op eng aner Platz kommen.

An dann, last but not least, op deem südlechen Eck hei de PEQ, dat heescht Equipement, dat ass do wou mer déi Méiglechkeet hu fir kënnen dee Solarkollekter hincsetzen, dat gëtt eng relativ héich Struktur, déi ass och als solch définiert ginn, an och am Text wäert Dir et gesinn, do ass och Plaz wou, wann et sech ergëtt, fir d'Waasserversuergung e Waasserschlass muss dohinner kommen, dass dat dann och méiglech ass. Et ass haut net gesot, dass dat muss sinn, mee datt dat da méiglech ass. All déi Saachen, déi ech gesot hunn, déi sinn am Text verfaasst.

Dat ass dann den HAB 1, dat ass dat wou mir gesot hunn, dat ass prioritär Wunnen, mir soen awer, et ass awer kee Quartier een doudege Quartier, deen nëmme fir ze wunnen ass, mir soen, dass do och eng Profession libérale méiglech ass, mee dass do awer net déi gréisser Structure sinn, déi mir dann eventuell undenken, bis zu 200 Quadratmeter an den HAB 2, an et ass do gesot ginn, dëse Quartier soll jo e Centre élargi sinn, et soll keng Konkurrenz gi fir den Zentrum selwer mee et soll awer och e liewege Quartier sinn, dat heescht, dass do Quartiersfunktione solle kënnen kommen, awer net eben iwwergeuerdnet Zent-

ralfunktioneen. Et ass och ëmmer hei Mixitéit festge-
hale ginn, dass een och dat ëmmer behält.

Hei ass d'Zone mixed urbaine, déi Gebaier kënnen schonns méi grouss sinn, mee dat sinn awer och nach kleng Strukturen, Akafsstrukturen, dat sinn net déi Grouss, wéi mir se kennen. Wéi gesot, dass dat eben och méiglech ass.

De PAG deen erméiglecht alles, dee setzt de Kader an et ass herno iwwert d'PAPen, déi dat nach mus-
sen an hirer Partie graphique präziséieren.

Hei gesi mir dann och den Équipement public, just fir nach eng Kéier dorop anzegoen, d'Parzell ass hei ge-
nau genannt, dass mir do de Stockage d'Energies re-
nouables méiglech maachen, mir hunn hei dann och eng Héicht dragesat, dat ass net kleng, dass dat dann och herno wäert méiglech sinn.

Dann hu mir de Laminoir, wou mir eis geduecht hunn, wéi kënnen mir dat définieren, do hu mir eis geduecht, dat ass eng Zone mixte, eng Zon iwwer Land, déi nëmme hei virkënnt, dofir hu mir dat als Zone spé-
ciale geholl. Eng Zone mixte soll et sinn et soll awer och fir d'Economie durable sinn, fir d'Economie cir-
culaire, et sollen Aktivitéite kënnen sinn, och mat en-
ger gewëssener Surface. Och do soll net eng Grande
surface hkommen, mee et sollen awer alles Saachen
an Aktivitéiten, déi ronderëm de Film dréinen, och
an deenen dote Structure méiglech sinn. Selbstver-
ständlech soll och do fir lessen a Gedréinks gesuergt
sinn, et ass jo dat wat de Quartier och lieweg mécht.

Dann ass d'Gare définiert ginn, d'Gare ass jo haut
net nëmme eng Gare mee do soll och d'Méiglechkeet
sinn, mol e klenge Bréitchen oder eng Zeitung ze ka-
fen, och dat ass hei mat définiert.

Dann eis Zone de sports et de loisirs, déi eis soen,
dass dat Infrastrukturen oder Installatioune kënnen
sinn, dass do awer och kënnen Weeër dra komme fir
d'Mobilité active, fir Espaces de rétention, awer och
op deem ënneschten Deel kënnt do e relativ grouse
Bassin hin, deen déi nei Diddelenger Baach soll ali-
mentéieren, wou och d'Reewaasser opgefaange gëtt,
all déi Saache sollen do méiglech sinn.

Dann ass hei d'Basis eben, dass no deem neie Gesetz den
Nouveau Quartier funktionéiert mat deenen eenzelnen
COSen, dass dat hei nach eemol drageschriwwen gëtt.



Och hei ass drageschriwwen ginn, déi Secteurs protégés d'intérêt communal de type environnement construit C, dass dat historesch ass an de Charakter vun Diddeleng ausmécht, dass dat zum Deel och Gebaier sinn, déi duerchaus en nationale Charakter hunn, wéi se dann och am Plang definéiert sinn, mat deene bloe Strukturen an deenen eenzelnen Elementer, wat dat duerstellt, sou wéi se definéiert sinn an dass eben do sécherlech kann dru geschafft ginn awer ëmmer an deem Sënn, dass den Originalwäert soll a muss erhalen ginn, och dat ass hei de Moment festgehalen ginn.

Da kommen déi ganz Servituten, déi eben hei de Kader hunn, déi och herno ëmmer rëm wäerte mussen an de PAPe präziséiert ginn.

Dann hei dann nach eng Kéier dat wat ech ugeschwat hunn, dass déi Eléments naturels solle gekuckt ginn, dass déi och definéiert ginn, an dass déi net vergiess ginn, an herno am PAP selwer präziséiert ginn an och do nach eng Kéier lokaliséiert ginn.

Och d'Coulée verte, déi wichteg ass och fir déi Vernetzung duerstellen, och beispillsweis zwëschent Italien an dem neie Quartier Italien oder awer och déi Struktur, déi duerch d'Gebitt geet, selbstverständlech ass och do wou d'Diddelenger Baach nach an hirem natierleche Laf ass, dass do och op all Säit hiren natierleche Laf soll erhalen ginn, dass dat op kee Fall ka verbaut ginn, datt et soll eng natierlech Struktur sinn, och dat ass hei definéiert.

An dann d'Bassengen dass wann do geschafft gëtt, dass een do ganz gutt muss oppassen dass de Raum net vergiess gëtt, hei geet et also net drëm fir déi iwwerméisseg ze sanéieren, do muss ee ganz gutt oppassen, dass dee Liewensraum vum klengen Fräsch och respektéiert gëtt.

An da war schonn ugeschwat ginn, dass während där Zäit wou dee Phasage soll kommen, dass et hei och méiglech ass, Provisorien duerstellen an dass dat Ganz natierlech ënnert dem Konzept Assainissement leeft an dass dat dann och respektéiert gëtt.

Dann hu mir natierlech och Parkplazen, déi elo hei am allgemengen Deel vun Diddeleng anerer sinn, mir hunn also déi nei Kritären, mir hunn hei e Maximum definéiert, mir hu gesot, pro Logement ass 0,8, dat heescht, dass een och hei net insistéiert Parkplazen ze maachen, mee dass déi an zentrale Parkhaier

ass, dass dat erofgebrach ass op all déi eenzel Infrastrukturen, dass do aner Wäerter sinn, dofir ass och gesot ginn, dat ass hei fir de Quartier Neischmelz, dat ass do wierksam.

Mir hunn eis och hei nach e Provisoire oder eng Iwwergangszäit dragesat, dass ee seet, wann et sech elo stellt, dass an enger Iwwergangszäit awer elo e Besoin do ass, dass een do ka bis zu 5% vun dem Gesamte wat méiglech ass, dass een do déi Méiglechkeet huet. Provisoire ass dat wat et ass, et ka jo och ewech geholl ginn, et kann och verlängert ginn, et soll eben e bëssen déi Flexibilitéit ginn, dass een sech herno awer net vläit eng Situatioun gëtt, déi net méiglech ass.

Selbstverständlech konnten déi Saache jo elo net ausser de Parkhaier lokaliséiert ginn, do sinn an de PAPe selwer eenzel Saachen ugeduecht, wou een dann och hei seet, an de PAPe selwer ginn déi Plazen, wou iwwer en natierlecht Gefäll villäicht duerchaus an engem ëffentlechen Raum och mol e puer Parkplaze kënne kommen, an och herno fir de Vëlo, dat ass dann am PAP wou dat präziséiert muss ginn, wou déi Plaze sinn a wéi se dann och do accessibel sinn.

Hei ass et dann och eben am Sënn vum nohaltege Quartier, dass de Vëlo net vergiess gëtt, dass och hei ganz eendeiteg Prescriptiounen si fir de Vëlo, engersäits dann och erëm pro Wunneng, fir déi eenzel Aktivitéiten, fir déi ëffentlech Saachen, fir d'Maison Relais, fir d'Schoulen, an och hei nach eng Kéier, dass dat dann eben och nach eng Kéier am PAP muss präziséiert ginn. Dat sinn Elementer, déi eben sech an dat Ganz erafügen an et ass am Rouden, well et sech distinguéiert par rapport zu deenen Texter déi do sinn.

De Schéma directeur ass e Bestanddeel vum PAG, deen dat nach eng Kéier visualiséiert an e bësselche méi duerstellt wou och nach eng Kéier kënnen drop kommen, wat ech gesot hat, déi Coulée-verten, déi mir hunn, déi hei agedroe sinn, déi Coulée-verten, déi hei tëschent dem Quartier Italien, deen Talus, dee gewuess ass, fir hei iwwer déi gréng Strukturen erop laanscht d'Diddelenger Baach op d'Plaz hei uewe soll garantéiert sinn, awer och d'Querverbindungen, déi wichteg si engersäits vis—vis vun der Haard oder hei vun deem doten Areal, wou dat Ganz jo agebett ass, dass do deen Dialog an deen Austausch an déi Frëschloftschneise méiglech sinn, an awer och fir den Awiner, deen herno do ass, dass dat méiglech ass ëmmer direkt dohinner ze goen an awer och fir de



Visiteur, fir dat ze maachen.

An dann dee südleche Beräich, dass deen een oppene Beräich wäert bleiwen, dass do och nach eng Kéier eng ganz wichteg Struktur ass, fir déi oppen ze halen.

Da gesäit een och hei, et ass schonns ugeschwat ginn, dass och hei ugeduecht ass wéi déi Stroossen hei wäerte sinn, dass dat éischter Wunnstroosse sinn, datt dat Wunnstroossecharacter huet, dat sinn déi Saachen, déi hei schonns domat virgi sinn.

Zu deem ganzen Dossier Schéma directeur gehéieren och déi Elementer wéi héich et wäert sinn, déi Eckwäerter wou dann herno déi eenzel PAPen sech drop baséieren.

Hei gesi mir dat nach eng Kéier méi am Detail, och déi Mixitéit, wou mir eben déi rout Strukture vun den Aktivitéiten, Commerce iwwert dem Wunnen hunn, déi dat nach eng Kéier markéieren, déi eenzel Elementer, déi ze hale sinn, an och nach eng Kéier méi den ënneschten Deel, wou mir hei gesinn, dass mir och do d'Iwwerlagerung hu vun Aktivitéitsfaarf mat Wunnen, oder och hei déi eenzel Faarwen, déi dat dann och nach eng Kéier do präziséieren.

Voilà, ech weess net, et ass näischt zur Prozedur gesot ginn, da soen ech dat nach kuerz. Et ass jo haut am Fong de Moment wou d'Saisine ass, dat heescht, dass de Gemengerot domat d'accord ass, dass den Dossier an d'Prozedur kënnt, vu dass elo déi Vakanz ass, gëtt d'Publikatioun, wou eigentlech definitiv déi 4 Méint ufänke wou de Ministère de l'Intérieur an de Ministère de l'Environnement Zäit hu fir Avisen ze schreiwen a wou d'Leit ee Mount Zäit hu fir hir schrëftlech Objektiounen oder Suggestiounen zum PAG, respektiv 45 Deeg Zäit hunn, zesummen eranzeginn, dat ass ebe bedéngt duerch déi Vakanz déi elo ass, do ass dat e bëssen zeréckgesat, do leeft dee Mount un, an duerno lafen déi ënnerschiddlech Delaien, bis dann d'Dokumente do sinn, dann op Grond vun deene Suggestiounen gëtt dat an d'Modifikatioun agebaut an dann an ongeféier 7-8 Méint wäert et dann hei am Gemengerot wahrscheinlech zum Vote kommen, zu engem geännerte Plang oder deem selwechten, dat hänkt dann of wéi de Schäfferot lech dat wäert proposéieren. Dat zu der Modifikatioun, ech soen lech Merci an ech ginn d'Wuert da weider un den Här Wonn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och dem Chantal Zeyen fir seng Presentatioun, si ass nach e bësse méi an den Detail agaangen, wat déi verschidden Zonen ugeet, an ech wollt nach bäifügen am Kader vun der Prozedur, déi do erkläert gouf, an ech hat dat och am viregte Gemengerot gesot, dass dann den Dönschen, de 17. Abrëll déi obligatoresch Informatiounsversammlung ass, am Kader vun der Modification ponctuelle vum PAG, de 17. Abrëll um 19:00 Auer am Centre culturel. Do gëtt och nach an d'Diddelenger Haushalter en toutes boîtes gemaach an och d'Press iwwert de kllassesche Wee informéiert, sou dass och déi Diddelenger kënnen op déi Informatiounsversammlung kommen, sou wéi dat virgesinn ass.

Voilà, den Hans-Walter Wonn ass prett, da kann hien d'SUP iwwerhuelen.

HANS-WALTER WONN (OEKO-BUREAU):

Vielen Dank, der letzte Vortrag beschäftigt sich mit der strategischen Umweltprüfung, die ist ein Element wie der Name schon sagt, zur Prüfung von Programmen und Plänen.

Ich möchte kurz dazu noch erläutern, sie kennen vielleicht diese normalen Umweltverträglichkeitsprüfungen oder Impaktstudien hier auch genannt, die man erstellen musste, wenn man verschiedene Projekte führen wollte, zum Beispiel ein Straßenbau- oder Schienenbauprojekt oder eine Fabrikhalle. Man hat aber da am Anfang der 2000er Jahre überlegt und hat gesagt, es wäre ja wesentlich sinnvoller, Umweltprüfungen schon in einem Stadium vorher zu machen, nämlich in einem Stadium wo Programme und Pläne programmiert werden, die erst solche späteren Projekte ermöglichen.

Die Strategische Umweltprüfung hat eine gesetzliche Grundlage hier in Luxemburg, das ist ein Gesetz vom 22. Mai 2008, es war eine Übernahme einer Europäischen Direktive und diese Strategische Umweltprüfung beschäftigt sich mit Programmen und Plänen, die schon Umweltauswirkungen haben können.

Es ist jetzt so, dass diese strategische Umweltprüfung sich in 2 verschiedene Phasen aufteilt.

Die Phase 1 ist die sogenannte Umwelterheblichkeitsprüfung und die Phase 2 ist die sogenannte Detail- und Ergänzungsprüfung.



Dies ist das, was ich ihnen hier im Moment in diesem Forum etwas näher erläutern möchte. Die gesamte Strategische Umweltprüfung, das ist schon angesprochen worden, läuft parallel ab zur punktuellen PAG-Modifikation, das ist ein interaktiver Prozess zwischen den beiden Planungswerken, wobei aber nur die punktuelle PAG-Modifikation eine Rechtsverbindlichkeit hat, die Strategische Umweltprüfung nicht. Die Rechtsverbindlichkeit der Dinge, die in der strategischen Umweltprüfung vorgeschlagen werden, fließen aber in die punktuelle PAG-Modifikation mit ein und erlangen dann dadurch Rechtsgültigkeit.

In der strategischen Umweltprüfung, das muss ich noch vorausschicken, wird geprüft auf Schutzgüter, und diese Prüfung auf verschiedene Schutzgüter hin ist nicht etwas, was sich jedes Studienbüro so für sich überlegt, sondern es gibt einen Leitfaden vom Ministerium für nachhaltige Entwicklung und in diesem Leitfaden sind diese Schutzgüter, die hier aufgeführt sind, auch dargelegt. Das sind die Prüfgegenstände der strategischen Umweltprüfung und es handelt sich dabei um Bevölkerung, der menschlichen Gesundheit, Pflanzen, Tiere, biologische Vielfalt, Boden, Wasser, Klima, Luft, Landschaft, Kultur und Sachgüter.

Ein Klick zurück auf diese Umwelterheblichkeitsprüfung, das ist diese 1. Phase der strategischen Umweltprüfung.

In dieser Umwelterheblichkeitsprüfung wird geschaut ob für die verschiedenen Schutzgüter, also wie der Grad der Auswirkungen auf die verschiedenen Schutzgüter ist. Das geht von „keine Betroffenheit“ über gering, mittel hoch bis sehr hoch, und wenn bei einem Schutzgut die Auswirkungen als hoch oder sehr hoch eingestuft werden, dann bedeutet das automatisch, dass die 2. Phase, also diese Detail- und Ergänzungsprüfung umgesetzt werden muss. Würden bei allen Schutzgütern diese 3 ersten Kategorien nur auftreten, also keine Betroffenheit, gering oder mittel, wäre die strategische Umweltprüfung nach der 1. Phase beendet und man müsste die 2. Phase nicht machen, das kann ich ihnen aber schon mal vorweg sagen, das war in diesem Fall hier nicht gegeben.

Ein Blick zum Prozess der strategischen Umweltprüfung für das Projekt Neischmelz: Die Prüfung der Umwelterheblichkeit, diese Phase 1, die datiert aus dem Jahr 2017, also im Januar 2017 wurde dieses

Dokument fertiggestellt und dieses Dokument muss da Pour avis zum Ministerium für nachhaltige Entwicklung geschickt werden. Das geschah im Februar 2017 und dann im Juni 2017 kam das Avis des Ministeriums für nachhaltige Entwicklung und in diesem Avis wurde grundsätzlich den Aussagen der Umwelterheblichkeitsprüfung gefolgt und es wurde ein 2. Teil der Ergänzung für notwendig erachtet und das speziell für die Schutzgüter Mensch, biologische Vielfalt und Wasser.

Sie sehen da unten noch so einen gelben Block FFH-Screening, das ist ein spezieller Fall, solche Prüfungen müssen durchgeführt werden, wenn Pläne oder Projekte innerhalb oder in der Nähe von Europäischen Schutzzonen liegen und das ist natürlich hier bei dem Gebiet Neischmelz der Fall.

Wir haben auf der westlichen Seite ein Habitatgebiet mit der Haard die auch Vogelschutzgebiet ist auf europäischer Ebene und auf der anderen Seite im östlichen Teil den Ginzebiert, wir haben hier also 3 verschiedene Natura2000-Zonen, die geprüft werden mussten aber bei den FFH Screenings hat sich herausgestellt dass für die Schutz- und Erhaltungsziele dieser 3 Europäischen Schutzzonen keine erheblichen Beeinträchtigungen zu erwarten sind.

Kommen wir nun zu den verschiedenen Schutzgütern.

Das Schutzgut Bevölkerung, dazu muss ich sagen, normalerweise prüft man in der strategischen Umweltprüfung einfach eine Umklassierung einer Fläche, ohne dass man vorher weiß, was dahin kommt, man weiß nur, es wird eine Zone d'habitation 1 oder es wird eine Zone für öffentliche Bauten.

Hier hat man natürlich schon die Arbeiten, die geleistet worden sind, sehr viel mehr Informationen darüber was auf der Fläche letztendlich passiert, so dass beim Schutzpunkt Mensch die Kriterien Lärm und Altlasten eigentlich schon sehr gut abgedeckt sind durch die ganzen Voruntersuchungen, die gemacht worden sind. Da hat die strategische Umweltprüfung dann nicht mehr sehr viel Input geben können, wenn man die Maßnahmen umsetzt, da sind für dieses Schutzgut Bevölkerung keine erheblichen Auswirkungen zu erwarten.

Kommen wir zum Schutzgut Pflanzen, Tiere, biologische Vielfalt, da möchte ich nur kurz auf zwei Artikel aus dem luxemburgischen Naturschutzgesetz hinweisen. Das ist der Artikel 17, da sind verschiedene Bio-



tope aufgeführt und auch, dass diese Biotope eigentlich nicht zerstört werden dürfen, und wir haben einen Artikel 20, der bezieht sich auf den Artenschutz. Beide haben wie gesagt ein Zerstörungs- und Beeinträchtigungsverbot zur Folge und wenn man gegen dieses Zerstörungs- und Beeinträchtigungsverbot verstößt, dann muss man entsprechend kompensieren.

Verschiedene Artikel 17-Biotopie hier auf der Fläche, das ist der nördliche Teil, das sind die Baumreihen hier am Place Fohrmann, das ist insbesondere der offenliegende Teil des Düdelinger Bachs im nördlichen Teil und das sind sogenannte Sukzessionswälder. Also, wir haben es zwar hier mit einer Industriebrache zu tun, die aber schon relativ lange ungenutzt da liegt und da haben sich mittlerweile Biotopie eingestellt und flächenmäßig die größten sind diese Sukzessionswälder, das sind Wälder, die sich frei entwickeln auf nicht mehr genutzten Flächen.

Andere wichtige oder Artikel 17-Lebensräume sind diese Wasserbecken, da komme ich beim Artenschutz nochmal darauf zurück, Einzelbäume oder auch hier noch mal eine Sukzessionsfläche wie bei dem mittleren Teil.

Ein ganz wichtiges Element unter dem Aspekt des Biotopschutzes ist dieser Bereich Langefeld auf der anderen Seite der Eisenbahn, dort wo die alte Elektrozentrale war, da haben wir wie auf der Haard auch - dafür ist die Haard ja auch berühmt und als Naturschutzgebiet ausgewiesen worden - diese sogenannten Trockenrasen mit einem hohen Anteil von Orchideen, und wir haben auch noch auf dem ganzen Gebiet verstreut auf den ehemaligen Schotterflächen so Roderalfuren, die auch einen hohen ökologischen Wert haben.

Kommen wir zum Artenschutz.

Da sind insbesondere 3 Artengruppen, die hier eine Rolle spielen. In den Wasserbassins lebt der kleine Wasserfrosch, eine geschützte Art, in den alten nicht mehr genutzten oder zum Teil benutzten Gebäuden leben Fledermäuse wobei es keine sehr hochwertigen Arten sind sondern so Allerweltsarten aber die auch geschützt sind und wir haben am Rande des Gebiets, im Bereich Frankenloch, die Mauereidechse, die auf diese Schotterfläche lebt.

Zum Schluss die Maßnahmen, die wir aus den ganzen Ermittlungen, die wir getätigt haben, gezogen haben: Wir haben eine Übersichtskarte gemacht mit verschiedenen Maßnahmen, das sind zum Teil Erhaltungsmaßnahmen für Biotopie, die sind auch dann auf

dem Plan gekennzeichnet und auch in der punktuellen PAG-Modifikation übernommen werden.

Wir haben artenrechtliche Maßnahmen, das heißt, wir erhalten Lebensräume von Amphibien und Fledermäusen und wir haben sonstige artenschutzrechtliche Maßnahmen, das heißt, wir müssen verschiedene Gebäude vor Abriss überprüfen, um zu sehen, wie der Bestand da drin ist.

Wir haben weitere Darstellungen für den PAG, das sind die Artikel 17-Biotopie wie sie da sind, wir haben Artikel 17-Biotopie als Lebensräume für Arten und wir haben auch auf der Karte markiert, welche Artikel 17-Biotopie verloren gehen und wie man den da kompensieren muss.

Das ist dann hier für die einzelnen Teile, Norden, Zentrum und Süden nochmal dargestellt, also alles was rot schraffiert ist, das sind Biotopie die nicht erhalten werden können, die kompensiert werden müssen und das da unten sind aber Flächen, die alle erhalten werden, dazu gehören insbesondere der offenliegende Teil des Düdelinger Bachs und der ganze Bereich der Wasserbassins, die werden also auch erhalten bleiben.

Was ganz wichtig ist, ist dieser Teil, wo wir eben die Orchideen gesehen haben, da ist vorgeschlagen worden, den komplett aus dem Gebiet herauszunehmen und die punktuelle PAG-Modifikation hat sich auch daran orientiert, also dieser ganze Bereich, der hier so gelb schraffiert ist, ist jetzt nicht mehr im Gebiet mit drin, zum Schutz der Trockenrasen und der Orchideen.

Im Süden haben wir relativ wenige Maßnahmen, da steht noch Artikel 17, der ganze Bereich, das können Sie sich vorstellen, links ist Wald, rechts ist Wald, ist natürlich ein wichtiger Korridor, insbesondere auch für Fledermäuse, die von rechts nach links und von links nach rechts fliegen, deswegen müssen auch hier offene Flächen erhalten bleiben. Es gibt ja auch die Planung in dem oberen Teil, der Bereich ist dann damit abgedeckt.

Das hatte ich schon angesprochen, die Rechtsverbindlichkeit der Servituten, die wir hier vorschlagen, geschieht über die Übernahme in der PAG-Modifikation. Noch kurz ein paar Worte zu den kumulativen Auswirkungen: Das sind Auswirkungen, die man beschreibt, wenn verschiedene Projekte zusammen auf ein Schutzgut wirken, das ist zum Beispiel beim Artenschutz der Fall, die 1. Priorität ist die Erhaltung, die 2. ist die Kompensation.



Wir haben mal eine Kompensationsbedarfsrechnung gemacht, das läuft dann so: Wir haben zum Beispiel eine Baumreihe als geschütztes Biotop, 4 Bäume, ein Baum hat einen Biotopwert von 20, dann wird das multipliziert miteinander, dann hat man Ökopunkte für jedes Biotop und dann kommen wir - wenn wir das in der Summe hochrechnen - auf einen Kompensationsbedarf von ungefähr 950.000 Ökopunkten, die man kompensieren muss, und das ist auch schon mal angesprochen worden, ein großer Teil der Gehölzstrukturen, die am Standort verloren gehen, kann man auch wieder dann am Standort kompensieren.

Klassischer Fall, kumulativ ist die Abwasserentsorgung: Die kommunale Kläranlage in Peppingen hat eine Kapazität von 95.000 Einwohnern, damit ist die Erschließung bei der Kapazitätsberechnung dieser Anlage bei Neischmelz eingerechnet worden.

Ganz am Schluss der strategischen Umweltprüfung wird ein Monitoring durchgeführt, das Monitoring erlaubt festzustellen ob die in der SUP zugrunde gelegten Annahmen auch wirklich zutreffen, ob die empfohlenen Maßnahmen durchgeführt wurden und ob mit den Maßnahmen auch die Ziele, die man erreichen wollte, umgesetzt worden sind. Wenn das nicht der Fall ist, muss man nochmal nachjustieren.

Nichttechnische Zusammenfassung: Ganz am Schluss werden alle Ergebnisse noch einmal kurz zusammengefasst und es wird ein Steckbrief erarbeitet, da sind noch einmal die ganzen Beschreibungen plus Bewertungen plus die Maßnahmen in kurzer Form aufgeführt und da steht ganz am Schluss Gesamtbewertung mit Vermeidungs- und Kompensationsmaßnahmen, das ist eigentlich so das Fazit an der strategischen Umweltprüfung da steht dann drin, dass unter der Voraussetzung, dass die vorgeschlagenen Maßnahmen umgesetzt werden, eine Bebauung der Fläche realisiert werden kann.

Es gibt jetzt aus Umweltsicht keine Gründe, die sagen würden, eine Bebauung der Fläche kann nicht durchgeführt werden. Damit möchte ich mich dann auch für ihre Aufmerksamkeit bedanken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER):
Merci dem Hans Walter Wonn für die Ausführungen iwwert d'SUP. Domat wiere mir och zum Schluss ukomm vun der Presentatioun an elo ass de Moment wou déi verschidde Fraktiounen kënnen Stellungnahme dozou huelen.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ze behaupten, dësen Dossier hätt mech, meng Fraktioun an d'Sektioun vun deene Grénge méi op d'Palm bruecht wéi munch aneren Dossier am Beräich vun der Stadentwécklung oder vun der Landesplanung, wier villäicht iwwerdriwwen.

Mee während menger laanger Aktivitéitszäit esou Projete mat vill Héichten an Déiften ugeschwämmt ginn, mat ville kontradiktoire Wourecht an Onwourecht geschmückt a schliisslech realiséiert oder abandonéiert ginn. Ech wëll dat awer dem Projet Neischmelz net wënschen.

Trotzdem, hei sinn e puer Saache passéiert, déi och engem alen ofgebréiten Hues d'Oueren zum Wackele bruecht hunn, an ech hu missen e Weekend am Gaart schaffen fir mech ze berouegen an haut net domm a frech ze ginn.

Ech wollt dowéinst fir d'éischt eis Grondhaltung zu dësem Projet duerleeën, déi huet sech zwëschen 2011 an 2018 vu staarker Euphorie zu liichter Desillusion gewandelt.

Do wëll ech spezifesch un de Volet Industriedenkmalschutz, bezéiungsweise Aushielegung vun deem Schutz agoen. Och fir net dat ze widderhuele wat Vir- oder Noriedener wäerten zu aner Aspekter soen oder gesot hunn.

Méi speziell wäert ech och ob Kakophonie vun Erklärungen agoen, mat deenen ech ofgespeist gouf, wann ech Froe gestallt hunn, woubäi ech wäert vermeiden, datt verschwörungstheoretisch Adjektiver wéi Ligen an de Mond ze huelen, wat engem heiansdo ze séier iwwert d'Lëpse kënnt.

Méi speziell wäert ech och op déi sougenannt Biergerbedeelegung agoen, déi dës Schantje wéi eng Art Mythologiesong iwwert all déi Joere begleet a beweihräuchert huet.

Um Enn vu menger Interventioun wäert ech e puer Froen oder Opfuerungen zu der Zukunft vun Initiativen am Biergerbedeelegungsprozess opwäerfen.

Fir d'éischt eis prinzipiell Haltung zum Quartier Neischmelz: Ech zitëiere ganz kuerz dräi Sätz aus eisem Walprogramm 2011: "Der vorgestellte Entwurf wird den seit jeher von den Grünen angestrebten Rahmenbedingungen weitgehend gerecht. Das Konzept bietet



einen ausgewogenen Mix aus Wohnungen, Gewerbeflächen, Grünzonen und Freizeit- und Kulturangeboten. Die signifikantesten Zeugnisse der Eisenhüttenindustrie, einzelne historische Gebäude, die Stahlwerkshalle, die 2007 für die große Ausstellung „Retour de Babel“ genutzt wurde, die Metallstruktur der riesigen Walzwerkshalle werden der Nachwelt erhalten. Schließlich eine breite Palette von öffentlichem Transport, Bus, Zug zu sanfter Mobilität, Fuß, Fahrrad stellt eine Alternative zur Alleinherrschaft des PKW dar. Der vorliegende Entwurf wird den seit jeher von den Grünen angestrebten Rahmenbedingungen weitgehend gerecht.“

An eisem Wahlprogramm 2017 kénnt dann eng zousätzlech Proposition: „Wir schlagen in diesem Zusammenhang den vollständigen Erhalt der Hall Fondouq vor. Laut Masterplan soll nur etwa ein Viertel der Halle erhalten werden. Die Halle bietet nämlich ein erhebliches kulturelles und wirtschaftliches Potential. Der dadurch bedingte Verlust an Wohnfläche könnte durch einen konsequenteren Bau in die Höhe an den ohnehin schon für höhere Bauten vorgesehenen Stellen kompensiert werden. Ein kreatives Zentrum für schöpferisch besetzte junge Leute und solche, die sich noch so fühlen, ist mit den geeigneten Möglichkeiten so auszustatten, dass die jungen Menschen ihre Bildung und Freizeit weitgehend eigenständig gestalten können.“

Dat waren eis Propositionen, déi sech bëssen adaptéiert hunn am Joer 2017.

Eis Haltung bis zum informelle Gemengerot vum 17. Mäerz huet sech also säit Ufank un net grundsätzlich geännert ausser vläit am Aspekt Fondouq.

Well et jo engersäits garantéiert geschéngt huet, datt aner emblematesch Komponente vum Site wéi Géisschal an d'Walzwierk iwwerraschenderweis sollten erhalen bleiwen. An anerersäits, well et och nach kee gescheit Konzept fir d'Notzung vum dem Gebai gouf déi Zäit 2011, éier eis d'Artiste vum D-Kollektiv d'Attraktivitéit an d'Zweckméissegkeet vum dem Zweckbau erëm an Erënnerung bruecht hunn.

Eis Haltung huet also tëschent engem Joer wéinst dem global positive Charakter vum dem Projet an enger Enthaltung wéinst der Hall Fondouq geschwankt.

Wou natierlech, nodeems de Szenario B vum der Zerstéierung vum der Stalzwierkshale a leschter Minutt obgetaucht ass, déi sougenannt Kaz aus dem

Sak déi mer och elo hei op de Biller erëmgesinn hunn, déi Informatioun huet fir eis d'Donnéeë geännert. Elo steet den erfaasste Szenario alle Beschwichtegung vum der Gemeng an de Promoteuren zum Trotz elo op alle Graphiquen a Biller alleng do. Dovun hu mir den Androck, datt den Denkmalschutz alt erëm vum den ekonomeschen Interesse gebiischt gouf. Aus deem Grond musse mir dann a Richtung Enthaltung basculéieren, wat eis natierlech e bësse leed deet.

Déi Enthaltung erlaabt eis nichtsdestotrotz eng lucid Aschätzung vum Projet an dem Discours vum der post-industrieller Traditionsdynamik, déi hei op Neischmelz hätt kënnen eng éischte Kéier zu Lëtzebuerg spillen. Dat no den Desastere Kirchbierg, Belval a Ban de Gasperich, wou elo d'Chance verpasst gëtt, eppes Real-innovatives an d'Weeër ze leeden.

En zweete Punkt ass dat berühmte Hoer an der Zopp, d'Zerstéierung vum wäertvoller an notzbarer Substanz un Industriebauten.

An engem Dokument aus dem Joer 2005 intituléiert „Eisen und Stahlwerk Dudelange - Kurzinventar“ ginn déi Gebaier, déi no der Zerstörungswut vum der ARBED an de 70er an 80er Joere vum der Schmelz Diddeleng iwwereg bliwwen sinn, alleguerten eenzel opgeléicht, interessanterweis ouni dat gréisst vum hinnen, nämlech de Greisendall an et gëtt fir jidder Gebai eng Dokumentatioun an e sougenannte Bewertungsvorschlag zimlech kurz und bündig formuléiert.

E puer Froen erginn sech aus dem Dokument, dat d'Gemengeréit net méi fréi wéi 10 Deeg virun dësem Gemengerot zougeschéckt kruten.

Déi éischt ass d'Fro firwat dat doten Dokument säit 2005 am Tirang vu Sites et Monuments bezéiungsweis am Dossier vum de Promoteuren an Architekten louch an eréischt mat Krämpes obgetaucht ass, wéi e Conseiller duerno gefrot huet, bezéiungsweis dräimol nogefrot huet. Firwat louch dat Dokument net bei de sëllege Workshops vir, wou sech Bierger a Biergerinnen de Mond fusseleg mat Dreem an Utopië geriet hunn, während d'normativ Kraaft vum Fakteschonns längst am Tirang vum enger Administratioun léich.

Déi zweet Fro betrëfft d'Kriterien no deenen déi Spezialiste bei de Bewäertungsvirschléi virgaange sinn, net dass déi Leit vum Bureau für Industriearchäologie net kompetent wieren, bien au contraire, mee et huet een den Androck, dass hei an der Hetz e



Kurzinventar mat wéineg Text a ville Biller dohinner geknätscht gouf fir iergend eppes an der Hand ze hunn, wann d'Feilschen um Immobilienbasar op den Industriefrichen da géif lass goen.

Interessant sinn aus dem Kurzinventar e puer Saa-chen erauszesträichen: D'Textbäitréig reduzéiere sech op e strikte Minimum, d'Beschreibung ass kuerz an expeditiv, d'Recommandatioune mat engem Saz motivéiert, vill Biller, wéineg Substanz. "Die schlechten ins Kröpfchen, die guten ins Töpfchen", ass de Motto. Et gëtt e manifesten Ënnerscheed gemaach zwëschent Gebaier aus der Fräizäit vun der Industrie, déi oft e pittoreske Charakter hunn, mat rouden Zillen, rural geprägtem Gespäer, wéi eng Scheier, ronne Fënsteren engersäits, an op der anerer Säit deenen, déi wéi et heescht "reine Zweckbauten" waren, oft aus den 50er Joere mat vill Stol a Glas a wéineg folkloristeschen rout Zillen.

Als Laie muss een sech froen, ob déi Gebaier déi 2005 50 Joer al waren, an als zweckméisseg agestuuft goufen, par rapport zu deenen, déi virun 100 Joer zweckméisseg waren, an den nächste 50 Joer net och als zweckméisseg an awer als erhalenswäert ageschätzt wäerte ginn. Oder gëtt et en ästheteschen Dogma, deen de Wäert vu Gebaier eréischt erkennt wann se iwwer 100 Joer al sinn, oder carrément ofgerappt sinn?

Komescherweis feelen an där Wull vu faarwegem Fotomaterial Bannenusiichte vu just enger Hal nämlech dem Stalwierk. D'Beschreibung limitéiert sech dann och op folgend dräi Sätz: "Die Stahlwerkshalle ist eine geschweißte Stahlrahmenkonstruktion mit flachen Dächern, mit Lüftungslaternen, die Trapezblechverkleidung ist beige und braun lackiert (interessant). Der Baukörper des Stahlwerkes ist geprägt durch die absolute und rationale Zweckarchitektur neuerer Industriebauten, die keinen Denkmalwert beanspruchen kann."

Fazit fir mech an deem Dokument:

1. Déi doten Aschätzung entbiert jeglecher wëssenschaftlecher Relevanz.
2. Déi Spezialiste ware wahrscheinlech iwwerhaupt net an d'Hal eragaangen, soss hätten se sécher mindestens eng Foto vum interessanten Interieur bäigeluegt an
3. Abstraction faite vum Denkmalschutz beäntwert

dat jo och net d'Fro ob dat Gebai net och ouni Denkmalschutz wéinst sengem utilitaristeschen Notzen ze erhale wier.

Bref, den Avis vu Sites et Monuments vun 2005 kann op kee Gebai bezunn als Argument fir oder géint d'Erhaltung an d'Feld gefouert ginn.

Ech weess elo och net ob et niewent dem Kurzinventar och e Langinventar gëtt, wou déi historesch Gebaier manner lapidar an expeditiv duerchgeholl ginn.

Ech zitieren den Artikel vum Nicolas Anen am Lëtzebuerger Wort vum 21 Mäerz 2018, do posaunt den Direkter vu Mites et Sediments, Pardon, vu Sites et Monuments mat fachmännischer Sécherheet, ech zitieren "Außer seinem Volumen habe die Halle architektonisch gesehen nichts Besonderes zu bieten. Es war ein reiner Zweckbau, sagte er."

Soit dit en passant, dass wahrscheinlech all Gebaier vun ARBED Diddeleng Zweckbauten waren, inklusiv dem denkmalgeschützte Waassertuerm.

Weider am Artikel: "Diese Schlussfolgerungen fußen auf einer Analyse eines deutschen Experten, die bereits 2005, also zur Zeit der Werksschließung getätigt wurde. Eine Analyse, die vor einigen Monaten aktualisiert wurde."

Nodeems ech dat dote gelies hunn, hunn ech beim Gemengesekretariat nogefrot, wou dann déi Aktualisierung an eise Dossier ze fanne wier. De Gemengesekretär huet sech dunn d'Méi gemaach fir bei Sites et Monuments nozefroen a krut gesot, sou eng Aktualisatioun géif et net ginn.

Aha! Ouni dat Five-letter-word Ligen ze benotzen, kann een sech awer froen ob entweder de Journalist falsch gehéiert hat, den Direkter liicht am Niwwel war, oder einfach iergendswellechen Niwwel verspreecht gëtt, fir onbequem Froen am Usaz ze erstécken. An engem sinn ech mir op jidder Fall sécher, an ech beruffe mech ob déi Iwwerleeungen, déi de Bureau Industriearchäologie am Kontext vun architekturel vläit net esou interessante Gebaier gefouert huet.

Wann de Bureau säi Kurzinventar net 2005 mee no 2007 oder souguer vläit nodeems den Fondouq kontinuierlech bespillt gouf, gemaach hätt, de Bewertungsvorschlag souwuel fir d'Hall Fondouq wéi och



fir d'Stolwierk hätt sécherlech kënnen esou kléngen: Konstruktionen und Architektur folgende Prinzipien die in der Phase des Wiederaufbaus und des Werkausbaus in den 50er Jahren befolgt wurden. Da auch eine adäquate Nutzung vorhanden ist, beziehungsweise im Zusammenhang der Neunutzung der Walzwerkhalle weitergeführt werden kann, ist die Erhaltung als Bauteil im historischen Nordbereich des Werkes zu prüfen.“

Eng flott Aschätzung, déi leider awer net op de Fondouq oder op d'Stolwierk, mee op d' "Lokwerkstatt" ugewannt gouf. Déi "Lokwerkstatt", déi dann elo soll erhalte ginn.

Deux Poids, deux mesures, dont acte.

Ech kommen dann op d'Kackophonien, déi an deem Prozess hei opgetaucht sinn, ze schwätzen.

Souwäit ech mech erënneren, war ech bei de wesentlechen Etappe vum Konsultatiounsprozess dobäi, sief et Workshops, Informatiounsversammlungen oder Begehungen um Terrain. Dat war alles flott an agréabel, mee un engem Beispill wëll ech déi Kakophonie vun der Transparenz däitlech maachen.

Ech krut op verschidden Nofroen natierlech mindestens 5 Erklärungen firwat d'Hall Fondouq ofgerappt muss ginn.

A) Wéinst enger Stéchstrooss, déi an anerem Fall misst e Bou ronderëm d'Hal maachen. Dat ass natierlech Blödsinn well et éischters eng Hellewull aner Verbindungsweeër am neie Quartier gëtt an zweetens jo de Verkéier keng Roll soll spillen, well et sech jo ëm en Ekoquartier mat Mobilité douce handele soll. Wer's glaubt, zahle im Autostaat Lützelburg einen Benzintaler.

B) Marod Struktur. Dat ass och Kabes well de Fondouq ass déi eenzeg, déi niewent der Stolwierkshal iwwerhaupt e Kommodo huet, ass also de Moment net marod, zumindest net méi wéi déi aner, déi sollen elo erëm a Schoss gesat ginn.

C) Budgetär Constraintë vum Fonds du Logement, do komme mir natierlech der Saach scho méi no. Bei der leschter Begehung am Summer hunn ech dann nogehaakt a bei enger vun de Persounen, déi en charge vum Dossier sinn, krut ech dann als drëtt Erklärung, dass de Gesamtbudget vum Fonds du Logement fir d'Erschlësse vum Site gewësse

Limiten hätt, dowéinst wiere Recommandatioune gemaach ginn, nëmmen an enger bestëmmte Rumm selektiv Gebaier erhalen ze loossen. An dofir wier eben de Fondouq net op der Lëscht gewiescht. Dat ass och net wierklech richtig, ech wäert spéider drop zeréckkommen.

D) Déi 4. Erklärung ergëtt sech aus deem zitéierte Kurzinventar a schwätzt Bänn iwwert d'Seriositéit vum Denkmalschutz zu Lëtzebuerg, deem a genau acht Wieder d'Hall Fondouq zum Dout veruerteelt. Ech zitieren: "Die umgebenden neueren Bauteile sind von geringerem Wert."

An d'Erklärung déi ech krut Nummer E) déi leschten a wahrscheinlech beschten Erklärung fir d'Ofrappwut um Neischmelz krut ech virun enger Woch an engem Artikel vun engem neie Presseorgan geliwwert. Dat ass de Reporter.lu vun dissidente Journalisten aus deem mëttlerweile befriedete Lëtzebuurger Wort. Well sécherlech net jiddereen heibannen dorop abonnéiert ass, wëll ech e puer Informatiounen aus dem Artikel vum Laurence Bervard zitieren, wou et heescht "Wohnungsbauprojekt Neischmelz, der verhängnisvolle 1€ Deal".

Ech zitieren genüsslich: "Für die heutige Regierung erweist sich der Handschlag 2004 als vergiftetes Geschenk. Finanziell betrachtet ist das Projekt Neischmelz ein Fiasko. Der von der Stahlproduktion mit Schadstoffen belastete Boden muss auf einem potentiellen Wohngelände viel tiefgründiger saniert werden als es die einstigen Schätzungen vorsahen. Laut aktuellem Stand belaufen sie sich auf insgesamt 27 Millionen Euro, die der Staat zu 100% übernehmen wird. Die Milchmädchenrechnung, dass der Staat auf der Industriebranche günstig hunderte Sozialwohnungen bauen könnte und die falsche Schätzung der Instandsetzungsarbeiten kennt heute mehrere Verlierer. Ausbaden müssen dies neben dem Steuerzahler der Fonds du Logement, der als örtlicher Bauträger mit der Geländerehabilitierung beauftragt wurde."

Weider an deem Artikel: "Um die Preise zu senken, könnte das historische Stahlwerk weichen. Laut Robert Garcia, Gemeinderat von Déi Gréng in Düdelingen werde mittlerweile ein Szenario B erwogen, in dem die beeindruckende Stahlkonstruktion einem Neubau weichen soll. Dies verneint der Düdeler Bürgermeister Dan Biancalana (LSAP) ausdrücklich."



Dat ass jo ganz fein, mee villäicht muss hien dat nach iwwerdenken, well d'Tatsaach, dass um grouse Plang, dee mir jo ausgedeelt kruten an den och gewise ginn ass, d'Stolwierkshal scho quasi verschwonnen ass, kéint jo schonn dorops en Hiweis ginn. Hei ass nämlech deen Terrain niewendrun, deen der Filmindustrie zousätzlech zu der Hal fir Aussenopname versprach gi war, zugonschte vu weideren Appartementshaiser geaffert ginn.

Dofir ass um Plang dann d'Hal och quasi verschwonnen an de schappege Recht vun der Fondouq-Hal, also déi mat de berühmte rouden Zillen, gëtt un eng nei Konstruktioun fir d'Filmindustrie ugedockt, sou dass een se mol net méi gesäit.

Soit dit en passant, déi Filmindustrie, vun där hei souvill geschwat gëtt, ass eigentlech eng nei Schmelz, well dat gëtt jo en Areal dee wéi fréier d'Schmelz net méi zougänglech ass fir d'Leit an ech weess nach, dass mir 2007 mat der Filmindustrie diskutéiert hu fir d'Hall Fondouq ze notze fir e Lien ze maachen tëschent der Aussewelt vun Diddeleng an deem Espace clos oder clôturé vun der Neier Schmelz fir de Film.

Dofir kommentéiert d'Autorin vum Artikel och schonns bal zynesch an ech zitieren nees: "Finanziell betrachtet wär der Abriss allerdings eine vernünftige Lösung. Durch die Demolierung des Stahlwerks können zusätzliche Wohnungen auf dem Areal geplant werden, so dass der Wohnungsbau pro Quadratmeter wesentlich günstiger ausfallen würde. Die Kosten-Nutzenrechnung wäre somit für den Staat eine ganz andere."

Fazit aus all deenen Zitater, d'ARCELOR huet dem Staat de Cadeau empoisonné fir e Judastaler verhökert a spuert domat 27 Milliounen Euro un Dekontaminationskäschten. Et geet also hei manner ëm industriearchäologesch Romantik oder städtebaulech Vernunft a planeresch Innovatioun mee et geet ëm de Fric. De Fric, deem jo mëttlerweil alles an deem räichste Land vun der Welt ënnergeuerdnet gëtt.

D'Lektioun fir de Staat Lëtzebuerger a seng BiergerInnen ass batter. Fir d'éischt hunn d'Sacrificë vun de Stolaarbechter an d'Solidaritéitssteuer vun alle Lëtzebuerger an de 70er Joere gehollef d'ARBED ze retten, an duerno dem Multi-MITTAL zum Frass dohinner ze geheien an elo sollen déi selwecht Steierzueler och nach fir d'Depollutioun opkommen, just well deemools vergiess ginn ass, Terraine vun der ARBED

als Echange fir dës Rettungsmaassnahmen dem Staat an der Gemeng zouzeféieren.

Um Enn wäerten dann d'Mieter oder d'Proprietären am Quartier Neischmelz d'Rechnung berappe well se hir Wunnengen zu engem ze deiere Präis missten erwerben. Zitat nach eng Kéier aus dem Artikel: "Im Schnitt soll der Bau einer bezugsfähigen 90-Quadratmeter-Wohnung den Staat bis zu 500.000 Euro kosten."

Et muss een also d'PAPen ofwaarde fir ze kucken ob dem Buergermeeschter seng Deklaratiounen just waarm Héichueweloft sinn oder ob hie versicht, nach dat Beschts aus der Kontradiktioun zwëschent Fric a Wuelbefanne vu senger Gemeng erauszehuelen. Well net nëmmen Hall Fondouq a Stalwierk stinn zu Dispositioun mee och d'Walzwierk woubäi et do jo nëmmen ëm e Gerüst geet.

Ech zitieren den Artikel, deen net dementéiert gouf: "Ich weiß, dass der Fonds du Logement die Anzahl der Wohnungen erhöhen möchte. Wir wehren uns allerdings gegen einen möglichen Abriss des Walzwerkes", unterstreicht Bürgermeister Dan Biancalana. „Auch der Abriss des Stahlwerks steht für uns nicht zur Debatte, es ist weiterhin geplant, dass dort die Filmindustrie unterkommen soll. Die Zustimmung des Teilbebauungsplans PAP, den der Bauträger Fonds du Logement noch vor dem Sommer einreichen will, ist bekanntlich Gemeindekompetenz, dasselbe gilt für eine potenzielle Demolierung.“

Dozou ass näischt méi ze soen a mir waarden nach drop, ob et zu Diddeleng nach Männer a Fraen aus Stol an Eise gëtt oder ob eis Gemeng deem Chantage mat bëllege Wunnengen an der Rendit vum Staatsmonopolkapitalismus nogëtt. Et gëtt also nach Hoffnung an deem därege Dossier, wéi et heescht, affaire à suivre.

Ech kommen dann an engem 4. Volet ob déi "Bürgerbeteiligung auf Düdelinger Art" ze schwätzen. Grundsätzlech ass den Usaz natierlech ze begrësse fir bei esou engem Megaprojekt eng net nëmme punktuell Abannung vun der Populatioun mat an d'Boot ze huelen.

Et huet een am Ufank vum Prozess an de Workshops oder Presentatiounen gemierkt, dass signifikant méi Bierger wéi soss sech üblech fir déi Joerhonert-Chantieren interesséiert hunn, a monter matgeduecht an diskutéiert hunn. All Aspekter goufen opgeworf an an enger konstruktiver Atmosphär dis-



kutéiert. Et gesäit een an de Rapporten, dass den Erhalt vun Industriebauten net staark en Thema war, wahrscheinlech well duerch deen iwwerraschenden Erhalt vum Walz- a Stolwierk sech eng gewësse Satisfaktioun bei deenen dofir sensibele Matbierger breetgemaach huet. Duerch d'Initiativ vun der Transition-Bewegung an hirer Consultingzell CELL fir kuerz virun de Gemengewalen um Terrain Neischmelz mat der Gemeng aktiv ze ginn, koom scho bal eppes wéi Euphorie op, wéi et am Lëtzebuerger Wort vum 23. Januar dëst Joer housch.

Ech zitieren: "Die Einwohner sollen sich den Standort aneignen" erklärt Bürgermeister Dan Biancalana und fügt hinzu, "in Dödelingen reden wir nicht über Bürgerbeteiligung, wir machen die."

Den Norry Schneider vum CELL leet nach eng Schöpp bäi, "Norry Schneider bescheinigt ihm, dass das Stichwort Bürgerbeteiligung in Dödelingen kein Alibiwort sei, er wünscht sich, dass andere Städte diesem Beispiel folgen würden, Industriebrachen gäbe es im Süden ja noch einige."

Naja, dreemt weider Transition People, dat ass alles ze schéi fir wouer ze sinn, et muss een sech bei esou partizipative Prozesser nämlech zwou wichteg Froen stellen:

1. Louchen all d'Elementer fir en dialekteschen, partizipative Prozess um Dësch oder net? Well wann déi bedeelegt Bierger a Biergerinnen net iwwer déi selwecht Informatiounsneveau wéi déi Responsabel verfügen, oder Accès dozou hunn, da kënnen si sech liicht vun deenen iwwert den Dësch zéie loos-sen. An ech mengen, ech hunn an deem Abschnitt virdru gewisen, dass zumindest zum Aspekt den Denkmalschutz an de finanzielle Constraints dat net de Fall war.

Oder awer d'Gemeng wusst och net méi wéi hir BiergerInnen, an deem Fall wier dat éischter grenzwälleg an ech gleewen awer net dodrunn.

2. Wichteg ass net wat do geschwat an diskutéiert gouf mee virun allem, fir en Zitat vum Helmut Kohl ze beméien: "Was hinten rauskommt." Dozou vläit zwee Elementer, déi dës Fro hëllefen ze beäntweren.

Ech hu beim leschten informelle Gemengerot d'Urbaniste gefrot, wat fir baulech Verännerungen

am Projet Neischmelz par rapport vun 2012 opgrond vun de sëllege Konsultatiounsetappen zeréckbehale gi sinn. Si hu missen äntwere wéi et ass, nämlech näischt. Oder villäicht bis op déi mobil Héichbeeter an d'Demolitioun vum Stolwierk wat jo nei ass. Da kann ech just soe Bravo fir all déi partizipativ Verrenkungen.

Zweet Element, wat huet de Biergerforum an hir Aarbechtsgruppen dovun, wann se mol keng Spillwiss méi hu fir hir sëllege Projeten um Terrain duerchzuféiere well alles ofgerappt oder net accessibel ass? Si an den D-Kollektiv kënnen sech jo da beim ale Steichen senge Landwirtschaftsfotoen um Waassertuerm versammelen oder esouguer do schaffen.

An effektiv, wann d'nächst Joer d'Baggeren an de Hall Fondouq arécken, da muss de CELL an den D-Kollektiv op Schëffleng pilgere fir déi nächst Hal a Beschlag ze huelen éier déi dann och ofgerappt gëtt. Dozou nach e këscht Zitat aus dem Wortartikel vum 23. Januar: "Wie Mario Schweizer vom Fonds du Logement erklärte, sei geplant, diese Transition-Initiativen in den Bauplänen zu berücksichtigen. Wenn etwas sich gut entwickelt, fahren wir nicht mit dem Bagger dadurch." Fin de citation.

Ech wëll dem Här jo net ze no trieden dee souwisou vum 1. Mee un net méi beim Fonds du Logement wäert schaffen, mee alles wat ech virdru ausgeféiert hunn, steet jo diamétralement opposé zu deem Statement.

Fir d'Biergerbedeelegung bleift vun dem was hinten rauskommt, just nach de Prinzip Hoffnung. Nach eng Kéier d'Zitat aus dem Artikel, "Entsprechend bleibt dem Bürgerforum noch viel Spielraum für weitere Transitionsinitiativen".

Da wënschen ech der Transitionsbewegung zu Diddeleng weiderhi vill Gléck.

Lo kënnt awer dee positiven Deel vu mengem Exposé: Wéi geet et weider?

Mir bleiwe bei eiser grondsätzlecher Aschätzung, dass hei eng Chance verpasst gëtt, fir dat ze ereeche wat grousspuereg an den Introduktiounen zu allen Dokumenter verkündet gëtt.

Mir müssen eis och bewusst ginn, dass d'Zilpublikum vum Fonds du Logement fir déi Haiser an Apparte-



menter jo net Sozialfäll oder Flüchtlingsheimclinten an och keng alternativ Gesundheitssandalenträger sinn, mä ganz normal jonk klengbiergerlech Famillen, déi sech am Géigesaz vu virun 30 Joer kaum nach Eefamilljenhaiser kënne leschten, an op e schnellen a rationellen Finissage vu kondenséiert gebaute Wunnraim waarden a sécherlech wéineg mat alternative Wunnformen, Pop-up Gemeinschaftsgäert a kreativ an artistesch Start-upen um Hutt hunn, wéi an trendy Stied wéi Berlin oder Kopenhagen.

Wéi gesot, dat ass elo net en negatiivt Uerteel iwwer dee Groupe cible, mä et stellt ee fest, dass de soziologeschen Ënnerscheed zwëschent engem Transitionsquartier an engem zwar flotten a sympathesche mä konventionelle Projet wéi Neischmelz soll dättelech gemaach ginn.

Firwat mir awer net d'Bengele bei d'Tromm wëlle geheien an dëse PAG an déi drop folgend net einfach resignativ als ARBED-gewollt wëllen acceptéieren, ass och de Modellcharakter vun dëser Geschichte vum Site Neischmelz fir aner Siten, besonnesch am Süden.

Erhale vun Industriekultur, nei Wunnkonzepter, Mobilité douce, Energieautarchie, Proximitéit vu Wunnen a Schaffen, all déi Phraseologie trëfft och fir aner Erschléissungsgebitter zou, vu Kierchbierg Reloaded, wou een elo héieren huet, iwwer de Grujel-Quartier Ban de Gasperich, bis hin zu Belval, Schëffleng, Terre Rouge an aner Fricchen hei am Süden an och anerwäerts, déi nach op de Leescht vun den Destructeurs constructeurs gesat ginn.

Wann een elo schonns héiert, wéi liichtfankeg op Terre Rouge oder op ARBED Schëffleng behaupt gëtt, et wieren net vill erhalenswäert Gebaier do, an déi déi nach do sinn, wiere baufällig, da léisst sech do nach Schlimmeres erahne wéi hei zu Diddeleng.

Iwwer déi generell Konsultatiounen eraus stellen sech awer elo nach villäicht dräi kuerzfristeg méi praktesch Froen.

1. Wat maache mir 2019, wann déi mat engem Kräiz markéiert Gebaier sollen an der éischter Phase oder an der Phase 0 ofgerappt ginn, mat eise Jungs a Mädels vum D-Kollektiv, déi et jo d'lescht Joer op alleguerten d'Walprogrammer vun den Diddelenger Parteie gepackt haten.

2. Idem dee sougenannte partizipative Biergerprozess. Mobil Héichbeeter a schleefend Poterronnen am kale Pomhouse, das kann doch nicht alles gewesen sein. A schliisslech kënnt jo och nach e Kulturhauptstadjoer 2022 op eis duer, wou jo och ugeduecht war, op der Friche Neischmelz eppes Substantielles ze organiséieren. Wou soll dat alles hin? Ech zitieren aus dem Plan directeur Neischmelz: Phase 0 2019 "Démolition des infrastructures et bâtiments qui ne seront plus utilisés et qui ne seront pas intégrés dans le futur projet."

Phase 1 no 2020 " Des structures existantes comme le hall destiné aux studios de film pourront être utilisées de façon provisoire dans cette phase."

Phase 2 no 2022 " La réhabilitation du hall pour l'industrie des films est à prévoir pour la deuxième phase du développement."

Am Kloertext heescht dat dass d'Hall Fondouq nach bis Enn des Joers genotzt ka ginn, well dann 2019 an der Phase 0 ofgerappt ginn.

Dat selwecht gëllt fir d'Stolwierkshal wann se mat ofgerappt gëtt, wéi se jo schonns um Plang gezechent ass. Wann dat alles net esou ass, dann huet se nach eng Galgenfrist bis d'Phase 2, also eventuell bis d'Kulturjoer 2022.

Villäicht sollt den Atelier D elo schonns froen fir an dat oppent Schëff vun der Stolzwerkshal oder an de Box in the Box vun der Gemeng ze plënnere.

Villäicht sollt d'Gemeng sech selwer froen fir hir Aktivitéiten 2022 och an déi Hal dierfen ze plangen, domat hätte mir nämlech zwou Mécke mat enger Klapp.

Fir deene Spekulationen en Enn ze setzen an endlech Kloecheit an deem kulturellen Dossier ze kréien, hu mir eng Motioun virbereet an ech hoffen, dass déi Motioun hei e positiven Accueil ka fannen, ech wäert se dann och elo ausdeelen.

Déi Motioun seet, de Gemengerot vun Diddeleng begréisst, dass de Buergermeeschter a Schäfferot sech fir den Erhalt vun enger gréisstméiglecher Zuel vun historiesche Bauten aus der Industriekultur um Site Neischmelz wëllt asetzen. En erënnert drun, dass den Ament eng vun deenen Hale fir artistesch a soziokulturell Aktivitéite genotzt gëtt, an dass déi



eventuell vum nächste Joer un net méi zur Verfügung steet. De Gemengerot ass besuergt, dass déi Aktivitéiten och no 2018 um Site vun der Neischmelz kënnen weidergoen, considéiert, dass de Site Neischmelz och den idealen Terrain fir e gréissere Projet an der Gemeng am Kader vum Kulturjoer 2022 wéi schonns 2007 kéint sinn, a fuerdert dowéinst de Buergermeeschter a Schäfferot op, éischstens sech mat den Acteuren um Terrain, Biergerforum, D-Kollektiv a weideren Interessenten, Leit aus de Quartiere ronderëm, Kulturjoer 2022, zesummenzesetze fir elo Léisungen ze fanne fir dass Aktivitéiten och no 2018 kënnen weidergefouert ginn an am Híbléck op 2022 an engem Projet-phare fir Diddeleng am Kulturjoer kënnen zesummegefouert ginn. E fuerdert och de Buergermeeschter an de Schäfferot op, sech mat de Promoteure vun Neischmelz op Siten eens ze gi, fir déi Aktivitéiten onofhängeg vum Schantche weider kënnen ze féieren a bis 2022 auszubauen, an e fuerdert de Schäfferot op, am Kader vun de kommende PAPen op Neischmelz dem Gemengerot konkret Propositionen ze ënnerbreeden. Ech soe Merci fir Är Opmierksamkeet.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV):

Merci, ech wëll am Virfeld ëm Nosicht bidden wann elo vill Saachen hei nach eng Kéier gesot ginn. Wann een Texter separat virbereet, da kënnt et mol vir, dass Saache sech iwwerschneiden.

Mir sinn also beruff fir hei eisen allgemenge Bebauungsplang emzeännere fir eise Projet-phare Neischmelz, deen eis, wéi eis den Här Buergermeeschter scho sot, déi nächst 15-20 Joer beschäftege wäert.

Hei soll e ganz neie Quartier entstoën, nohalteg mat engem ganz eegene Charakter, deen zousätzleche Wunnraum awer och e groussen Deel vun neien Aktivitéite bidde wäert.

Et soll een neien dynamesche Quartier ginn, deen dobäi och nach CO2-neutral geplangt ass. E läit direkt um Stadzentrum a soll eng nei Verbindung tëschent zwee Quartieren, Italien a Schmelz, herstellen, nodeems d'Schmelz an duerno d'Frichen déi zwee Quartiere bis elo jo radikal getrennt hunn. Ausserdeem soll et eng markant Agangspaar fir de südlechen Deel vun Diddeleng duerstellen; och dat war zum Beispill eng Suggestioun aus de Biergerforumer. Wichtig ass och den Aspekt, dass mir hei d'Geleeënheet kréien, Diddeleng ze vergréisseren, ouni dass mir iwwert d'Grenz vun eise

Bauperimeter erausginn, mee andeems mir bannent de Grenze Fläche valoriséieren, déi brooch leien.

Den Individualverkéier soll erof- an den ëffentlechen Transport eropgesat ginn. An net zulescht soll och dat éischter moroost Bild, dat ee bei der Afaart vun Diddeleng vum Süden erbäi kritt, verbessert ginn.

De Moment fanne mir do nämlech d'Frichë vun enger industrieller Aktivitéit, déi um Zerfale sinn, deelweis verknascht sinn an tëschent zwee Quartieren an tëschent zwee Naturschutzgebieder leien.

Éischstens emol fanne mir hei déi lescht Iwwerreschter vun engem Hüttewierk, dat iwwer 100 Joer laang eng ganz bedeitend Roll gespillt huet an e groussen historesche Wäert huet. Hei stoung no erwisene prähistoreschen Aktivitéiten eng vun deenen éischte Schmelzen am Land.

1879 hunn d'Häre Sidney Thomas a Percy Carlyle Gilchrist d'Patent vum Thomasverfahre fir Stol ze fabrizéieren deposéiert. 3 Wochen drop sinn d'Häre Metz a Meyer op London gefuer fir sech als éischt d'Rechter un deem Patent ze sécheren. Dofir koum et zu Diddeleng zu der éischter industrieller Applikatioun vun deem Verfahren, dat vun 1886-1976, also 90 Joer laang ugewannt gouf.

Zu Diddeleng stoung awer och dat éischt Stolwierk an dat éischt Walzwierk.

Diddeleng gëllt als d'Wéi vun der ARBED, déi 1911 gegrënnt gouf, an hei gouf och dat neit Stolverfahren LDAC als éischt agesat. Déi ganz industriell Entwécklung huet Diddeleng vun engem Bauerenduerf vu 1600 Awunner tëschent 1882 an 2005 an déi véiertgréisst Stad vum Land verwandelt an huet eiser Stad, awer och eise Land, enorme Wuelstand bruecht.

Et ass also net verwonnerlech, dass mir op dëser Platz wëllen a mussen d'Erënnerung un deen industrielle Patrimoine oprecht erhalen. Sou baséiert de Plan directeur an zwee vun deene véier PAPen, déi zur Debatt stinn, op der Valoriséierung vun de bestoenden Zeie vun der leschter industrieller Aktivitéit. Am PAP Zentrum fanne mir als Denkmäler de Waaserturm, d'Killbasengen, Kläranlagen, d'Schwämm, d'Pomhouse, d'Vestiairen, de Lokomotivatelier, de Wagonsatelier an d'elektresch Zentral.



Am PAP Süden steet déi imposant Hal vum Walzwierk, déi et an dëser Form am ganze Land net méi gëtt, an donievent fanne mir och d'Stolwierk, dat fréiert Direktiounsgebaai Maison Rouge, den Zentralatelier mat deem alen an deem neien Deel, de Walzenatelier an d'Hauptportal.

Am PAP Gare hu mir d'Gare Usine, déi erhalenswäert ass.

Wa mir dann d'Ausféierunge vu Site et Monuments analyséieren, da gesi mir, wat fir Gebaier vun hinnen als erhalenswäert agestuuft ginn, a wéi eng net. 80% vun den historesche Gebaier ginn erhalen. Net erhalenswäert wieren de Konstruktionsbureau, den Héichuewenatelier, d'Verwaltungsgebaier an den Hall Fondouq vum Zentralatelier, do leeft herno eng Strooss duerch.

Wann een dann déi éischt Versioun vum Plan directeur mat där leschter vergläicht, da fält engem op, dass och d'Stolwierkshal condemnéiert soll sinn. Et gesäit esou aus, wéi wa fir déi ominéis Filmindustrie, déi sech do installéiere soll, d'Stolwierk soll ofgerappt an en Neibau soll opgeriicht ginn. Mee et ass nach näischt sécher, seet eisen Här Buergermeeschter dozou.

Ech hu mir d'Méi gemaach, den Architektheconcours vun 2009, deen als Grondlag vum Plan directeur gëllt, emol duerchzekucken.

Ech muss soen, dass de Jury deemools dee richtege Choix getraff huet. Deen aktuellen Architektengrupp hat dee flottste Projet fir Neischmelz gemaach. Mee do waren aner Projeten - an den Här Buergermeeschter huet et schonn uklänge gelooss - déi hatten e groussen Deel, wann net souguer alleguerten déi historesch Gebaier ewechradéiert.

Da kënne mir soen, mat deem heite Projet si mir nach wierklech gutt zervéiert ginn. Dat wonnert een zwar, well den Inventaire mat de schützenswäerte Gebaier ass schonn 2005 opgestallt ginn. Et wonnert een sech do, dass déi Leit, déi Projeten eraginn hunn, alles radéiert haben.

Mee kucke mir eis emol déi nei Bestëmmunge fir déi erhalenswäert Gebaier un: de Waassertuerm an d'Pomhouse hunn hir nei Bestëmmung jo schonn zanter e puer Joer kritt. De Vestiaire hannert dem Waassertuerm soll herno zu engem Hotel ginn, wat ugesiicht dem historeschen a kulturelle Wäert vun deem Deel vun Neischmelz eng gutt Iddi ass. Deen alen Zillebau vum Zentralatelier gëtt an de Beräich vun der

Filmindustrie abruecht an an d'Walzwierk solle Gebaier oder Container komme mat Klengbetriber a Wunnen, mat Handels-, Dingscht- a Kulturbetriber.

Och de Skaterpark soll dohi kommen; dat war iwwerhaupt och eng Fuerderung vun der CSV am Walzprogramm, dass dee soll iwwerdeckt ginn. Och den Innovation Hub vun de Startup-Entreprise, dee jo de Moment nach laanscht d'Wuelmerengerstrooss geplangt ass, kënnt dohin.

D'Diddelenger Baach soll duerch d'Walzwierkhal geleet a fräigeluegt ginn.

Dat alles versprécht e flotten Deel ze ginn.

Fir déi aner historesch Gebaier hunn ech keng konkret Ausso fonnt, mee déi si jo och fir d'Modifikatioun vun engem PAG net zwéngend noutwenneg. Et wier awer wünschenswäert, dass déi Gebaier no hirer Restauratioun och zäitgeméis Verwennunge géife kréien, déi deen Dynamismus vun der Verwandlung vun deem alen Industriedeel an deen neien zukunftsweisende Quartier ausdrécke kéinten.

Da misst anerersäits awer och iwwerluecht ginn, ob een an esou historesche Gebaier och vläit misst Zäitzeie vun der industrieller Vergaangenheet museal presentéieren, ähnlech dem Humpen op der Haard. Wann anscheinend eng Nationalstruktur an d'Gebléishal zu Esch kennt, sou dierft zu Diddeleng dee lokalen Aspekt awer net ganz vernoléisst ginn. Ech denken do un al Maschinnen, soufern se nach erhalen sinn, oder un dee leschten erhalene Thomas-Konverter, an deem d'LDAC-Verfahre getest gouf an deen elo am Wolkeschdahl steet, grad esou wéi dat Walzgerëscht, wat och am Wolkeschdahl steet. A firwat net och déi fréier Lokomotive vun ARBED Diddeleng? D'elektresch Lokomotiv Nr. 5 steet als Denkmal zu Esch-Lalleng, an d'elektresch Lokomotiven E3 an E6, grad esou wéi d'Dampspäicherlokomotiven 12 a 14, waarden am Fond-de-Gras op hir Restauratioun. D'MAK-Diesellok 319 ass de Moment bei CFL-Cargo am Asaz a wäert demnächst ausrangéiert ginn, an och e puer al Wagone missten opzedreiwe sinn. Wou mir awer elo bei Strukture sinn, déi verschwonne sollen, do stelle mir eis folgend Froen:

1. Wat geschitt mat der Flüchtlingsstruktur op der Wuelmerengerstrooss? Och déi läit um Terrain vun de Studioen.
2. Wat geschitt mat där Foussgängerbréck, déi vun



Italien erbäi op d'Diddenewenerstrooss kënnt, gëtt déi ofgerappt?

3. Wat geschitt mat der ausgewisener Camionnet-
tëparkplaz beim jëtzege Skaterpark? Mir hate jo
scho Krämpes, mat deem neie Camionnetteregle-
ment gëeegent Plazen ze fannen, wouhinner sollen
déi dann auswäichen?

Dat selwecht gëllt fir déi ausgewise Camionnet-
tëparkplaz bei der Eligiuskapell (woubäi ech wëll be-
merken, dass do vun enger "Place de l'église" rieds
geet, wat kéint fir Confusioun suerge par rapport zu
eiser richteger Place de l'église hei am Zentrum). Wéi
gesot, wat geschitt mat deene Camionnettëparkpla-
zen? Wou sollen déi Camionnetten hin?

Am PAP Italien, am Brucheschdall, ass e Parkhaus
geplangt op där Plaz, wou elo d'Opfänkstatioun fir
Mobilhomer steet. Déi Plaz gëtt a ganz Europa an
der Caravanning- a Mobilhomeszeen opgefouert a ge-
lueft, si ass vill besicht, an och do froe mir eis, wou
kënnt déi duerno hin?

Mir haten och schonn emol d'Fro opgeworf awéifern
d'ännerféierung ënnert de Gleiser bei der Diddenue-
wenerstrooss nach praktikabel bleift, wann déi Stro-
oss soll méi no bei d'Eisebunn verluegt ginn.

Mir stellen dann och fest, dass déi metalle Fouss-
gängerpasserell, déi mir virun e puer Joer installé-
iert hunn, fir ebe grad déi zwee Quartieren Italien a
Schmelz ze verbannen, ewechfält, well am PAP kënnt
do eng Verbindungsstrooss hin, mä dat mécht jo
dann als Verbindung vun deenen zwee Quartieren de-
eselwechte Sënn.

An et ass och kloer dass déi Loge vun der Hüttepö-
lei ewechfält.

D'Haaptausriichtung vun deem ganze Quartier Nei-
schmelz ass de Wunnraum. Dee mécht 50% vun der
Fläch vun deem ganzen Areal aus an ass also den
Haaptmotor: Diddeleng als CDA-Gemeng ass gefuer-
dert fir Wunnraum am grouse Stil ze schafen. Am
Pacte Logement ware mir eise gestachene Zil bis
elo net nokomm. Et war geplangt, zwëschent 2007 an
2017 15% méi Awunner ze kréie mee laut enger STA-
TEC-Publikatioun vu virun engem Mount, hu mir et just
op 11,6% gepackt, do ass also nach Nachholbedarf.
An dann dierf een och net vergiessen, dass de Staat

fir dat Areal e ganz héije Präis bezuelt huet, mir
hunn et schonn héieren, alleng d'Sanéierung gëtt op
27 Milliounen Euro geschat, duerno kommen nach
d'Zouschëss fir de bezuelbare Wunnraum dobäi, da
versteet een, dass e Maximum vu Wunnraum néideg
ass fir eppes anzebréngen.

50% vun deenen 1.000 Wunnenge ginn als Sozial-
wunnenge verlount an déi aner 50% ginn als subven-
tionéierte bezuelbare Wunnraum verkaf.

An der Zone mixte urbaine am PAG Zentrum steet
an der Partie écrite souguer, dass de Rapport vu 50
Wunnenge pro Fläch nach kéint par dérogation erof-
gesat ginn, falls déi ominéis Filmindustrie sech do géif
implantéieren.

Niewebäi gesot froe mir eis dann esou lues, a wéi dré-
chenen Dicher de Projet Filmindustrie dann ass? Wann
deen an engem Staddeel esou grouss Aschnëtter en-
gersäits an de Wunnraum an andersäits an d'Erhale vun
historescher Bausubstanz bréngen kann, da wiere mir
schon interesséiert, gewuer ze ginn, wou mir elo dru
sinn. Handelt et sech dann nach ëmmer just ëm en
abstrakte Projet, ëm e Verspreechen, oder gëtt et hei
scho Garantien, vun deene mir nach näischt wëssen?

Wat d'Zesummesetzung vun den Zonen ugeet, an de-
nen d'Wunnenge gebaut ginn, do begrësse mer expli-
zit déi virgesinne Mixitéit. Souwuel déi sozial Mixitéit
mat verschidden Typologien vun Haiser, mat Logement-
intégréen an hoffentlech och Generatiounshaiser, wéi
och d'Struktur vun de Quartiere mat Commerce,
Proximitéitsservicer, kulturellen Institutiounen, me-
dizineschen a paramedizinesche Strukturen an esou
weider. Dat alles wäert maachen, dass do e liewege
Quartier entstoe soll, dee liewenswäert wäert sinn.
Ausserdeem bréngt dat kuerz Weeër mat sech an
eng Reduktioun vum Transport.

En anert Haaptzil vun deem Zil wäert sinn, dass déi
Leit, déi an de Betriber vun deem Quartier schafen,
och do wunne kënnen. Och dat setzt den Individu-
alverkier an d'Loftverschmutzung erof, d'Autoe gi
gréisstendeels aus dem Wunnkär erausgehale an
an extra Parkzonen, Parkhaiser a Parkplaze verwisen.
Just d'Betriber kréien eng gewëssen Zuel vu Park-
plazen erméiglecht. De Stellplazeschlüssel aus ei-
sem bestehende PAG ass dofir extra erofgesat ginn.
Pro Wunnunitéit muss een elo net méi 1,5 Stell-
plaze schafen, mä just nach 0,8. D'Bewunner vum



Quartier kréien eng fest Plaz an de Parkstrukturen zougewisen. A grad do gesi mir e gréissere Problem: Fir 1.000 Wunnenge schafe mir nëmmen 800 Parkplazen. Et ass richtig, dass wahrscheinlech eng gewëssen Zuel eeler Leit dohinner wunne kommen, déi keen Auto hunn, an och an de Sozialwunnenge wäert net jiddereen en Auto hunn. De Moment gesäit eist Bautereglement jo zum Beispill vir, dass bei Chambre-meubléeë keng extra Stellplaze musse geschaf ginn, well een dovunner ausgeet, dass déi Bewunner an der Majoritéit keen Auto hunn.

Mä realistescheweis wäerten déi 500 Sozialwunnengen hei awer net all Chambre-meubléeë ginn.

Wéi manage mir dat dann, dass d'office 200 Parkplazen net genuch geplangt sinn? Wéi erkläre mir dat de Bewunner, déi keng méi kréien, nodeems déi éischt 800 besat sinn? Schafe mir do net eng sozial Diskrepanz?

Dovunner ofgesinn, leien déi Parkhaiser och net esou zentral wéi et am Plan Directeur gesot gëtt. Bei deem kleng PAP Italie leien der direkt zwee well se de Parkplazemangel am Quartier Italien ausgläiche sollen, an dat am wäitste südlech ass méi wéi 300 Meter vun de Logementen HAB-1 op der Wuelmerengerstrooss ewech.

Dës beengte Situatioun kënnt einfach dohier, dass mir engersäits net dierfen an de Buedem, well dee verseucht ass, an anerersäits hu mir eis déi maximal Héicht vun de Gebaier selwer gesat, an déi ass dee Moment kleng gehalen.

Flächeméisseg si mir souwiso limitéiert well mer pro Meter carré Fläch jo éischter Wunnraum wëlle schafe wéi Parkraum.

Mir mengen, dass dat Parkkonzept net zefriddestellend ass a froen eis dofir: Gëtt et villäicht konkret Beispiller vu Stied am Ausland, wou dat dote funktionéiert?

Et gëtt dann och am Plan directeur argumentéiert, dass d'Bewunner vun Neischmelz sollen dozou ugeleet ginn, fir engersäits ze Fouss oder mam Vélo an den Zentrum ze kommen an anerersäits den ëffentlechen Transport méi ze notzen. Dat si sécher nobel Zieler, mee et dierf een och do kritesch nofroen ob d'Leit hir Gewunnechten ofleeën an dat do och an deem Mooss matmaachen.

An do kristalliséiert sech fir eis en anere Problem eraus an zwar de Verkéiersproblem, net nëmme fir de Quartier Schmelz, deen an engem Cul de sac läit, mä fir ganz Diddeleng. Wa mir dovunner ausginn, dass net all Mënsch, deen an Neischmelz wunnt, do och eng Aarbechtsplaz fënnt, da sinn awer nach all Moie ganz vill Autoen, déi sech mussen zesummen op de Wee maachen a Richtung Autobunn fir auswäerts vun Diddeleng schaffen ze fueren. Déi fueren dann all Richtung Zentrum an op d'Lëtzebuergerstrooss oder op d'Zoufftgerstrooss.

Och wann de Schäfferot eis verséichert huet, dass an der Rue du Commerce, déi geschwënn an zwou Richtunge ka befuer ginn, déi zousätzlech Kapazitéite mat agerechent wieren, da si mir do awer skeptesch.

Spéitstens uewen am Rondpoint um Kräizbiereg treffen se dann op déi puer honnert Autoen, déi sech grad aus der Lenkeschlei eraus op de Wee maache Richtung Autobunn, an dann ass de Chaos perfekt. Zemoools wann um Echangeur Diddeleng Est oder op der drëtter Spuer vun der A3 geschafft gëtt. An owes deeselwechte Szenario.

Dann ass et scho richtig, dass der Gare-Usine do en extrae Status zoukënnt an dass den ëffentlechen Transport ganz vill vun dem erhéichten Individualverkéier muss opfänken: Dat ass de Citybus, deen an de Quartier Schmelz erakënnt, dat ass dee geplangte Bus à haut Niveau de service, an dat ass den Zuch. Bis elo ass deen Zuch hei zu Diddeleng awer nach net kapabel, déi Erwaardungen ze erfëllen. Vill Direktverbindungen an d'Stad si gestrach ginn, an duerch dee lästige Problem mat de Barrière kristalliséiert sech ëmmer méi d'Noutwennegkeet vun engem tramähnleche Gefier eraus, wat de Barrièreproblem léist ouni gréisser urbanisteschen Aschnëtter ze tätigen.

Ausserdeem, wéi soll een d'Foussgängerverbindung zwëschent der Gare-Usine an Neischmelz iwwert d'Gleise vum Zuch realiséieren? Mat engem Tram wier dat nach méiglech. Deen Tram fënnt een dann och op e puer Plazen am Plan directeur an an den Aussoe vum Här Buergermeeschter erëm. Et géif esouguer en zousätzlechen Halt méi wäit uewen op der Héicht vum Walzwierk erméiglechen.

Den Aspekt Tram spillt an eisen Aen eng kruzial Roll fir d'Ëmsetzung vun engem valabele Mobilitéitskonzept vun an zum Quartier Neischmelz.



Dofir misste mir eis zesummesetze mat Spezialisten a Bierger fir do Neel mat Käpp ze maachen. Wann den Tram bis op Beetebuerg fiert, da mussen d'Leit do awer op den Zuch ëmklammen, an esoulaang d'Beetebuerger Gare net fäerdeg ass, bleibt dat eng Corvée. Wa mir den Zuch bäibehalen an den Takt erhiewen, da gëtt de Barrièreproblem ni geléist, ofgesinn dovunner, dass d'CFL vläit léiwer gréisser Aschnëtter an eiser urbanistescher Bausubstanz hätt wéi déi aner Léisung. Ausserdem ass d'CFL net begeeschtert vum Tram, ënner anerem wéinst de Sécherheetsnormen, well zum Beispill zu Biereng eng Zuchstross gekräizt gëtt, déi an d'Industriegebitt Wolser eraféiert. Et ginn esouguer Leit, déi soen, d'CFL wier verbruert, well se d'Maintenance vum Luxtram net kritt huet...

D'CSV hätt do eng Kompromëssléisung am Hannerkapp: En Tram vu Wuelmereng bis Bireng bei en zweete Quai, doduerch falen d'Barrièren ouni gréisser urbanistescher Moosnamen ewech. An da vu Biereng aus en Direktzuch vun der CFL bis an d'Stad. Dat géif just eemol ëmsteige bedeuten awer ënner besserer Konditiounen wéi zu Beetebuerg.

D'Sécherheetsnorme bleiwen erhalen a jidderee wier zefridden. Erlaabt mer dee klengen Exkurs, awer ech hu fonnt, dass dee Volet Tram e wesentleche Facteur vun der Reussite vum deem Quartier Neischmelz ass.

Wéi gesot, wann Neischmelz net soll e Matbegrënner vun engem gréisseren Diddelenger Transportproblem ginn, da misste mer dee Problem mat Zäiten upaken.

Wat d'Stroossennetz am Quartier ugeet, sou ass ze begrëssen, dass et gréisstendeels am Shared Space Konzept soll ausgefouert ginn, an dass et soll un d'Vëlosnetz ugeboune ginn.

Speziell begrësse mir och déi vill Vëlosstellplazen, déi geplangt sinn. An der Wuelmerenger- an an der Diddenuerwenerstrooss soll eng Verkëiersberouegung duerch eng Ëmklasséierung an duerch Vitessreduktiounen erméiglecht sinn. Haaptsächlech gëtt d'Belaaschtung duerch de Kaméidi, déi elo schonn um Limit ass, erofgesat. Et ass zwar verwonnerlech, dass eng Staatsstrooss, déi bis elo als Contournement fungéiert an ouni Vitessbeschränkung funktionéiert huet, op eemol esou einfach soll kënnen reklasséiert ginn, mee ech loosse mech awer do gären enges Bessere beléieren. E Gewinn fir d'Anrainer

ass et op alle Fall. An dee Quartier huet vill Gréngs an déi grouss Zuel vun 1100 Beem dréit natierlech wesentlich zur Liewensqualitéit vum deem Quartier bäi. Dobäi si mir beim ekologesche Volet vun Neischmelz:

D'strategesch Umweltprüfung huet alles opgezielt, op dat an deem Quartier muss opgepasst ginn, och dem MDDI seng Remarquë goufe berücksichtegt, sou dass elo e Konzept virläit, dat an eisen Ae Sënn mécht.

Fir en CO2-neutrale Quartier ze schafen huet een sech d'Lat scho ganz héich geluet, dofir hu mir mat Begeeschterung d'Virstellung vun enger méiglecher Geothermieléisung verfollegt a mir hoffen, dass déi éischt Proufbuerungen, déi elo sollten amgaang sinn (mee anscheinend nach net amgaange sinn, wann ech dat richteg verstanen hunn... ?) och dat erwaarte Resultat wäerte bréngen. Wann net, bleibt eis nach ëmmer d'Solarthermie, déi zesumme mat der Fotovoltaik vun deene risegen Dachflächen op deenen historesche Gebaier wäert profitéieren.

Eng kleng Onkloerheet hunn ech allerdéngs wat deen Energiespäicher ënnen um Süde vum Areal duerstellt: Et ass elo gesot ginn, dee kéim nëmmen a Fro als Stockage vun der Energie am Fall wou d'Geothermie géif zeréckbehale ginn. Ech hat effektiv verstane wéi wann een esouguer bei Solarthermie och esou e Stockage bräicht fir d'Energie, sou dass an deenen zwee Fäll dat Lokal do bedéngt wier: Ech géif dann do gären Detailer froen.

Allerdéngs war ech verwonnert iwwert e Schema an der Umwelterheblichkeitsprüfung, dat eng gréisser Zon mat engem roude Punkt ugëtt, an där Buerunge verbuede wieren. Paradoxalerweis läit déi Zon genau um Schwaarze Wee, genau do wou d'Buerungen zur Geothermologie grad gemaach solle ginn. Wéi ass dat ze erklären, dass dat soll an där Zon leien, wou d'Buerunge verbuede wieren?

D'Schmotzwaasser kritt eng Pompel, d'Reewaasser dierf net versickere gelooss ginn, mä well dee ganze Buedem versigelt gëtt an a Retentiounsbecken opgefaangen an dann der Diddelenger Baach zougefouert gëtt, hu mir eis gefrot: Sinn déi Retentiounsbecken, déi een um Schema vum Plan directeur gesäit, och dofir genügend grouss?

Eng aner Fro, déi beim Liese vun der Partie écrite opkomm ass, ass déi heiten: An den Habitatszonen 1 an 2, an der Zone mixte urbaine an an der Spezialzon Lami-



noir steet iwwerall, dass Tankstellen do verbuede sinn. Iwwerall gëtt dat ausdrécklech ausgefouert ausser an den Zone Gare, Récréation a Bâtiments et équipements publics. Wisou gëtt do net emol mentionéiert? Et wäert jo wuel kaum an deenen doten Zonen erlaabt ginn? Firwat net einfach schreiwen, dass Tankstellen um ganzen Areal Neischmelz ausnamslos verbuede sinn? Wann Dir mer do nach déi Fro kéint beäntweren.

Fir de Rescht begréisst mir déi Iwwergangszonen tëschent deenen zwee ugrenzenden Naturschutzgebitter duerch déi sougenannte Coulée verte.

Wat den Altlasten-Problem ugeet, do muss ech zouginn, dass déi extrem komplex a schwéier ze verstoe sinn. Och wann een sech duerch dee ganzen Dossier mühsam doduerch geknat huet, dann ass een herno net vill méi schlau, dofir erlaben ech mer, folgend Verständnesfroen ze stellen:

1. Ass dat esou, dass um ganzen Areal 1 Meter Buedem muss ofgedroe ginn, an dass duerno erëm Buedem opgeschott gëtt, 40 cm bei Gréngflächen an 1 - 1,5 Meter an de Wunnberäicher? Oder ass et esou, dass einfach opgeschott gëtt op dee Buedem deen do ass?
2. Wat geschitt mat de Galerien a Kabelschächt op deem ganzen Areal? Ginn déi deelweis benotzt fir nei Leitungen ze leeën oder ginn se all zougeschott? A falls se zougeschott ginn an et befënnt sech do ënnen dra Sickerwaasser, dat belaascht ass, wouhinne gëtt dann dat Waasser nom Opfelle verdrängt? Riskéiert et da keng Gefor fir d'Grondwaasser ze ginn?

Ech géif dann zum Fazit kommen: Alles an allem ass eise Pilotprojet hei gutt duerchduecht ginn, och wann nach Froen opstoe bleiwen. Et gesäit aus wéi wann dat hei e ganz dynameschen, liewenswäerte Schaff- a Wunnquartier géif ginn, an deem d'Liewensqualitéit groussgeschriwwen gëtt. Et gi Wunnengen an Aarbechtsplaze geschaf, Plaze fir sech ze begéien a broochleend Land gëtt sënnvoll verwäert. Souwäit mir elo um Niveau vum PAG Afloss op eng gutt Realisatioun kënnen hunn, fënnt dës Projet eis Zoustëmmung. Ech soen lech Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP):

Merci, erlaabt mir hei och nach kuerz vu Säite vum der LSAP eiser grousser Satisfaktioun Ausdrock ze ginn,

dass mir elo endlech no laanger intensiver awer och gewëssenhafter Planungszäit elo op de Punkt komm si fir iwwert d'Pläng vum neie Quartier Neischmelz ofzestëmmen an déi domat verbonne Modifikatioun vum PAG ze vollzéien.

E kuerze Réckbléck ass villäicht ubruecht, mä och ech wëll hei soen, dass scho ganz vill gesot ginn ass, an et gëtt ëmmer méi schwéier hei nach nei Elementer mat eranzebréngen. Mä trotzdem och vu mir e kleng Réckbléck well säit der Schléissung vum der ARBED hei zu Diddeleng am Joer 2005 vill geschitt ass an esouguer mir als Diddelenger eis net méi ëmmer méi kënnen un all Detail erënneren.

Besonnenesch eis nei Bierger, mëttlerweil hu mir jo de Cap vun den 20.000 Awunner ageholl a wuessen och nach weider, hu mat der Virgeschicht bis elo vläit net vill um Hutt gehat.

Nodeems also 2005 de Laminor zougemaach hat an d'ARBED bereet war, déi Terrainen ofzetrieden, sinn intensiv Gespréicher ugaangen.

Déi éischte Kéier souguer ass heiriwwer diskutéiert ginn am Kader vum enger Tripartite, wou d'ARBED bereet war, Terrainen ze offrëieren als Géigepart zur staatlecher Bedeelegung un de Präpensioun vum Personal.

Weder deemools nach haut souzen do Romantiker um Dësch, et goung ganz kloer hei ëm Schadensbegrenzung, wéi wäit dat méiglech ass, wann ee mat ganz kloere Kapitalisten un engem Dësch setzt.

Eigentlech haten déi Terrainen awer en negative Wäert well si ware gréisstendeels polluëiert. D'ARBED ass awer net dolaanscht komm fir déi Terrainen ze sanéieren, zumindest bei deene sougenannten Hotspots, deene punktuell staark verschmotzte Plazen um Site, dat haaptsächlech duerch Uelech, deen an de Buedem gelaf ass.

Net vergiessen dierf een dann hei och, dass d'ARBED Diddeleng kee Kaddo gemaach huet, well se einfach och geméiss dem Prinzip vum Verursacher vum Verschmutzung fir d'Instandsetzung vum Terrain verantwortlech ass.

Am Joer 2007 ass deen Areal vum ëmmerhin 39 Hektar, deen sech vum Greisendall bis op d'Fohrmannsplaz erstreckt, reklasséiert ginn an eng Zone de terrain à



étude. Dëst huet erlaabt, eng kohärent Gesamtplanung ze maachen a verhënnert, dass Drock op eng schnell oder ze schnell Notzung vun Deeler vum Areal entsteet. Dee ganze Site ass du genee ënnert d'Lupp geholl ginn, wéi mir hei jo och konnte feststelle vun deene villen Experten, déi un dësem Dossier geschafft hu bis elo. Wéinst senger Gréisst, senger zentraler Lag, senger Ubannung un d'Schinnennetz war deen Terrain fir déi zukünftég Entwécklung vun Diddeleng vun enormer Bedeitung an hat all Potential an all Méiglechkeete fir hei en innovativen an nohaltege Quartier ze entwéckelen.

D'Chancë mä awer och d'Restriktiounen vum Terrain hunn hei misse benannt gi fir esou e Potential, deen dëse Quartier huet, ze definéieren.

Wunnen, Schaffen a Fräizäit. Déi 3 Funktiounen sollte berücksichtegt ginn, woubäi d'Schafe vun neiem Wunraum schnell prioritär ginn ass. Ëmsou méi wichteg huet et eis geschéngt fir näischt iwwert de Knéi ze brieche, mä flexibel a gewëssenhaft virzegoen. Besonnesch am Hëlblick vun ënnert anerem der Sanéierung vum polluëierten Terrain, d'Erhale vu wäertvoller Bausubstanz an de Respekt vun der Natur, Kompensatiounsmesuren, déi domat verbonne sinn, mä awer och d'Fräileeë vun der Diddelenger Baach, oder och nach e Mobilitéitskonzept.

An der Zesummenaarbecht mam Fonds du Logement gouf dann do am Joer 2009 vun der virleschter Majoritéit den Architektenconcours lancéiert, dee vum Bureau Christian Bauer et Associés a Latz und Partner gewonne gouf, fir deene villen Oplage gerecht ze ginn. D'Erausfuereunge waren enorm an de Kader, dee vun de Verantwortleche vun der Gemeng Diddeleng gestart gi war, war ambitiéis.

Deen neie Quartier sollt un de Kritäre vun der Nohaltegkeet ëmgewandelt ginn, eng Nohaltegkeet, déi op dräi Piliere baséiert. E soziologeschen, en ökologeschen an en ekonomeschen Piler. Dës dräi Piliere sollte mat integréiert an och gläichrangeg behandelt ginn. Eis war et wichteg, dass hei e Quartier entsteet wou Wunnen, Schaffen a Fräizäit vernetzt kënnen ginn, wou de Mënsch an net den Auto am Mëttelpunkt steet a wou och endlech d'Quartiere Schmelz an Italie matenee verbonne ginn. Ausserdeem ass e grouss Wäert drop geluecht gi fir an dësem moderne Quartier d'Offer vun de Logementer esou ze gestallten, dass souwuel am Locatif wéi och a méi oder manner grouss Eigentumswunnengen investéiert gëtt fir esou eng

grouss Mixitéit vun den Awunner ze erreechen. Vun engem 1-Persoun-Appartement bis hin zu engem Logement fir eng Groussfamill ass alles virgesinn. Dës Approche huet zum Zil, Mënsche mat verschiddenen Originen a familiäre Situatiounen ze mëschen. Dat an och, dass verschidde Generatiounen niewentenee liewen, gemëscht mat kulturellen, ekonomeschen a sozialen Aoriichtungen, favoriséiert e liewegen a multikulturelle Quartier.

Eng Etude beschäftegt sech am Moment nach mam Amenagement vum neie Schoulareal mat Maison Relais an der domat verbonnerer potentialer Unzuel vu Schüler, déi hei wäerten an d'Schoul goen.

Hei sief och nach eng Kéier ernimmt, dass dee neie Quartier konzipéiert ass fir am Total eng ronn 1.000 nei Logementer mat ongeféier 2.300 Awunner.

Eng Modifikatioun vum PAG elo an d'Aklasséierung an eng Zone de servitude urbanisation erlaabt eis, den natierleche Patrimoine, wéi zum Beispill d'Biotopen um Site Neischmelz ze schützen. Ausserdeem ass eng Revalorisatioun vun der Diddelenger Baach geplangt, e Konzept wouduerch déi verschidde Reserve-naturellen déi ronderëm de Site Neischmelz leien, du-erch Biodiversitéit matenee verbonne ginn.

Et war selbstverständlech, dass esou e groussen Agrëff an d'Natur wéi de Bau vum Quartier Neischmelz Kompensatiounsmeasure musse mat sech bréngen, déi awer och kënnen eng Chance bedeiten an eng Plus-value fir deen neie Quartier. Nach ni ass esou eng grouss Bestandesopnam gemaach ginn, wat d'Flora an d'Fauna an a ronderëm Diddeleng ugeet, an nach ni sinn esou vill Mesurë geholl gi fir si ze schützen.

Gläichzäiteg mat dëser Modifikatioun vum PAG gëtt de Gemengerot och säin Accord fir eng strategesch Ëmweltelevaluatioun, genannt SUP Phase 2 ze maachen, déi dann d'Detailer wäert festleeë vun dëse Kompensatiounsmesuren.

Elo schonns kann een awer festhalen, dass ronn 1.100 Beem wäerte geplangt ginn. Mir leeën natierlech Wäert drop, dass dës Mesurë wäerten direkt um Site gemaach ginn oder zumindest zu Diddeleng.

Ausserdeem ass och op d'Sanéierung vum Site Neischmelz aussergewéinlech vill Wäert geluecht ginn, net nëmmen am Hëlblick op déi kommend Awun-



ner mä och fir nohalteg déi bestméiglechst Léisung ze fannen no Jorzéngte Schwéierindustrie op dësem Areal. Et ass e Kadaster erstallt gi vun de Plazen, déi fir Wunnengen a Fro kommen. Sou sinn zum Beispill d'Oplage fir eng Sanéierung wesentlech méi héich wann do Spillplazen oder Wunnenge geplangt sinn, wéi op Plazen, wou herno soll eng Gewerbezon hikommen. An der Planung vum Site gëtt deem selbstverständlech Rechnung gedroen.

An deene fir Wunnen a Spille virgesinne Fläche gëtt séchergestallt, dass keen direkte Kontakt mam Ënnergrond méi méiglech ass. Hei gëtt de Buedem ofgedroen a mat gëeegentem Ënnerbaumaterial wéi zum Beispill Lehm opgefëllt fir da mat waasserondurchlässigem Asphalt versigelt ze ginn. All dës Mesurë sinn um leschte Stand vun der Technik a garantéieren eng nohalteg Léisung fir Mënsch an Ëmwelt.

En héichmodernt Energiekonzept ass entwéckelt ginn, wou mat Geothermie geschafft gëtt, an oder mat Fotovoltaik. Hei sinn d'Etüden och nach net ofgeschloss, mä egal wéi läit d'Konzept ganz kloer a Richtung erneierbar Energien.

Houfreg kënne mir och sinn, dass deen neie Quartier d'Prinzipie vun der sougenannter Économie circulaire respektéiere wëll. Dat heescht, dass probéiert gëtt, dass all Service an all Produit, deen an Zukunft am Quartier geleescht gëtt, kritesch gepréift gëtt op säin Impakt op d'Ëmwelt, sief et am Beräich Produktion wéi och am Beräich Recyclage.

De Projet Neischmelz an déi domat verbonne Modifikation vum PAG erlaabt eis esou, verschidden al Gebaier vun der Diddelenger Schmelz ze erhalen an ze schützen, Reliquie vun enger wichteger Epoch fir eis Stad an de Süden an de Grondsteen vun eisem Wuelstand. Dank der Aklässierung Secteur et élément protégé de type environnement construit kënne Gebaier wéi zum Beispill d'Struktur vum Walzwierk, de Waassertuerm, d'Basengen oder verschidde Maueren erhalen ginn, a jo, och d'Hall Fondouq gëtt nach gepréift. Wat fir Gebaier nach wäerte kënnen erhalen ginn a wéi wäit muss zesumme mat der Administration des Sites et Monuments diskutéiert an definéiert ginn a wäert eis och nach an Zukunft weider beschäftegen.

Datt elo endlech och d'Quartiere Schmelz an Italie verbonne ginn, freet eis besonnesch. Et sinn déi zwee eelste Quartieren. Hei waren d'Aarbechter doheim,

déi op der Schmelz geschafft hunn a mat hiren Hänn d'Wéi geluecht hu fir eise Wuelstand.

D'Schmelz ass Vergaangenheet. De Quartier Neischmelz ass d'Zukunft an esou ginn si och matenee verbonnen. E schéint Symbol dofir, dass Diddeleng ni stoe bleift an sech ëmmer rëm nei erfënnt. Wichteg an néideg fir och deenen nächste Generatiounen déi beschte Liewenskonditiounen ze bidden.

Deen neie Quartier dierf net zu enger Insel, wéi de Buergermeeschter scho virdru gesot huet, zu engem Friemkierper an der Stadstruktur ginn. E muss Verbindungen zu de Quartiere ronderëm schafen. De Quartier Neischmelz ass trotz senger Modernitéit net en neien oder en zweeten Zentrum vun Diddeleng. Den Zentrum bleift d'Duerf mat senger Geschäfte an öffentleche Gebaier.

Och d'Tatsaach, dass den Terrain elo phaseweis eréischt erschloss gëtt, ass am Intérêt vun Diddeleng a senger Leit. Etappeweis gëtt hei geschafft an zesummegehuert, ugefange mat der Zon ronderëm d'Fohrmannsplaz an duerno lues a lues mat deenen Zonen, déi Richtung Süde leien.

D'Noperschaft vum Centre culturel an dem CNA an och zum Waassertuerm bréngt, dass an deem neie Quartier och d'Potential soll genotzt gi fir e staarke Magnét fir Kulturtourismus ze schafen. D'Schafe vu Filmstudioe wier an där Hisiicht besonnesch wichtig. Da géifen och weider wirtschaftlech Aktivitéiten ugezu ginn. Diddeleng als Stad vun der Fotografie a vum Film, dat wier en excellent Leitbild fir d'Weiderentwécklung vun eiser Stad.

Eng Erausforderung bleift d'Mobilitéitskonzept.

Am neie Quartier huet den Auto nëmmen eng ënnergeuerdnet Roll, sou wéi dat an Zukunft iwwerall de Fall wäert sinn. D'Mobilitéitsproblemer vun der Zukunft wäerte sécher net mam Auto geléist gi mä mat engem gutt funktionéierenden öffentlichen Transport. De Fait, dass de Quartier Neischmelz iwwer eng direkt Ubannung un d'CFL-Schinnennetz verfügt, ass eng grouss Chance an en Atout fir dee Quartier, mä awer och eng Erausforderung. Zugläich ass et eng Fuerderung, besonnesch un déi Responsabel vun der CFL an déi an den nationale Ministère fir hei mat der Gemeng Diddeleng un engem Strang ze zéie fir e modernen an zuverlässigen öffentlichen Transport



ze garantéieren. Mir als LSAP wäerten hei och net labber loossen an den Diskussiounen, déi op deem Niveau wäerte geholl ginn.

D'LSAP ënnerstëtzt dëse Projet voll a ganz a felicitéiert de politesche Responsabele vun dëser an deenen zwou viregte Majoritéite fir hire Courage, hir Visioun an hir Wäitsicht, wéi awer och deene Leit, déi duerch hir Funktioun un dësem Projet bedeelegt waren, Architekten, Ingenieuren an de Fonds du Logement an esou weider, fir hir Aarbecht an hiren Engagement. Vergiesse wëll ech awer och net all déi Bierger, déi sech abruucht hu bis elo an dat weiderhi wäerte maachen am Biergerforum oder an Aarbechtsgruppen an hinne Merci soe fir hir Mataarbecht an hir konstruktiv Impulser: Merci.

YVES JADIN (DÉI LÉNK):

Villmools Merci. Also, fir direkt d'Spannung ze huelen, wëll de Mouvement déi Léng lech matdeelen, dass mir de Projet Neischmelz zum Deel wäerte matdroen.

Leider ass et mir onméiglech, just eenzel Punkte vun der Modification ponctuelle vum PAG mat Jo oder Nee ze stëmmen. Dofir bieden ech lech, lech eis Kritikpunkten zu Häerz ze huelen an déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen. Hei geet et op kee Fall dorëms, de Projet schlechtzemaachen, well dat ass en net, an et geet och net dorëms, déi geleeschten Aarbecht ze kritiséieren.

Mir begréissen et als déi Léng natierlech, dass de Lëtzebuurger Staat iwwer de Fonds du Logement 1.000 Wunnengen wëll schafen. Vill vun deene kommen herno dem Locatiounsmarché zegutt. An den aktuelle Statistike vum Fonds du Logement gëtt vun 3.000 Demandeure geschwat, déi am Moment op enger Waardelëscht stinn. Am groussen Ganzen ass et eng Drëps op de waarme Steen, mä 1.000 Wunnengen ass nach ëmmer besser wéi näischt.

Hei géif et eis interesséieren, zu wat fir Kritären de Fonds du Logement herno gedenkt, dës Wunnengen ze verlounen oder ze verkafen. Huet d'Diddelenger Gemeng d'Recht matzeschwätzen, wie wat fir eng Wunneng oder e Lokal ka lounen oder kafen? Jonk Diddelenger Koppele mat Kanner, Leit déi zu Diddeleng schaffen, wat och natierlech manner Trafik géif generéieren.

Natierlech entbënnt de Projet Neischmelz d'Diddelenger Gemeng net vun hirer Responsabilitéit, selwer Wunnraum ze schafen, an et soll een sech och net hannert dësem Projet verstoppen. De Schäfferot

huet op dëse Kritikpunkt schonns reagéiert, mir waarden nach just op eng Lëscht vun den Terrainen, wou der Diddelenger Gemeng gehéieren a si gespannt, wat mat deene geschitt.

Ech verweise gären op e Projet vun der Gemeng Tressange hei vir am Frankräich. Tressange, eng kleng Gemeng, schafft aktiv am Wunnengsbau zum Wuel vun hire Bierger.

De Projet-phare Neischmelz baut op erneierbar Energie op, eng Initiativ vum Fonds du Logement, wou och wann dat mat der Geothermie näischt gëtt, e Plang B am Tirang läit. Begréissenswäert an zukunftsorientéiert. U sech den eenzege Wee.

An der Theorie sollt deen neie Quartier esou gutt wéi et geet verkéiersfräi ginn a bleiwen. Fir déi Léng en absolute Must. Dat verlaangt natierlech eng adequat Ubannung un den ëffentlechen Transport, virun allem un d'Schinnennetz vun der CFL. Wann een awer den Aussoen aus dem Gemengerot an aus där leschter Informatiounsversammlung ka gleewen, da bougéiert eis CFL kee Meter. Mir wëssen awer, dass de Schäfferot e puer Reuniounen mat de Responsabele vun der CFL hat, an oft genuch präziséiert huet, wat den Diddelenger Bierger brauch. An dëser Saach hutt Dir als Majoritéit déi 100% Ënnerstëtzung vun Déi Léng. Villläicht muss een all Diddelenger waakreg rëselen, mobiliséieren fir datt se bei den Här Bausch trëppelen, mir wësse jo all, et sti Wale virun der Dier. Iwwer de Koeffizient vun 0,8 gëtt eng gewëssen Unzuel vu Parkplazen am neie Quartier generéiert.

Huele mir elo mol déi 1.000 Wunnengen, dat mécht 800 Autoen. Plus natierlech Plazen, déi no engem gewësse Schlëssel fir déi ëffentlech Plazen a Geschäfte gebaut ginn. Wa mir eis 1.000 Wunnengen huelen, a just - wat bei wäitem net der Moyenne entsprécht - all Stot een Auto huet, mécht dat 1.000 Gefierer, déi herno sollen am Quartier Plaz fannen. Wou gi mir mat deem Surplus vun 200 Autoen hin? An déi Quartieren niewendrun? De Quartier Italien, de Quartier Schmelz, déi kréien elo schonns mat engem massive Parkproblem ze kämpfen. Dir hutt an der Informatiounsversammlung gesot, dass d'Fohrmannsplaz esou ëmgebaut oder ëmmodeléiert gëtt, dass herno kéint e Souterrain do gebaut ginn. Meng Fro, wéini kennt dëse Souterrain? Direkt an enger éischter Phase oder gëtt gewaart bis dee Parking wierklech richteg gebraucht gëtt? Wie baut dëse Parking, wien



ass de Proprietär? D'Autoe sinn net nëmmen do fir schéin ze maachen a ginn herno och benotzt.

Hei komme mir zu engem weidere Kritikpunkt.

Et besteet kee Verkéierskonzept fir de Quartier Neischmelz. Sécherlech hu mir am Kader vum Shared Space en neit Verkéierskonzept fir d'Commerce- an d'Liberatiounsstrooss virgestallt kritt, hei schwätze mir vun zwou Stroossen an Diddeleng an et feelt un engem Gesamtkonzept fir déi ganz Diddelenger Gemeng. Menger Meenung no huet et keen Zweck, eng Analys ze maachen, déi nach op Chiffere vun 2012 baséiert an déi just e puer Stroossen englobéiert.

Mir bräuchten eng global Vue vun der Diddelenger Verkéiersproblematik. Sécherlech keen einfache Sujet, mä sou wéi et am Moment leeft, komme mir net op e grénge Zweig. An der Hoffnung, dass e groussen Deel vun de Leit am Quartier Neischmelz op hiren Auto verzicht an op Mobilité douce an den ëffentlechen Transport zeréckgräift, biede mir d'Diddelenger Gemeng nach eemol e Gesamtkonzept auszuschaffen. Et huet zum Beispill keen Zweck, e seriöse séchere Vëloswee vu 500 Meter ze maachen, deen duerno einfach ophält oder liewensgeféierlech gëtt.

An der Zeitung ass vill geschriwwen ginn iwwer Buedemverschmutzung an ech selwer hu schonn e puermol déi Informatiounen gefrot. Net wäit ewech ass e ganz Gebai an enger Nacht- und Nebelaktioun ofgerappt gi mat der Begrënnung, dass alles, och d'Gebai, verseucht ass. Eng illegal Demolitioun, wou zu kengem Moment eng Autorisatioun vum Buergermeeschter virloucht.

Wéi steet et da mat de Gebaier op Neischmelz am Bezug op Verseuchung a Stabilitéit? Wann ech dat virdru richteg verstanen hunn, ginn déi Analyse vu Stabilitéit a Verseuchung elo eréischt gemaach. An der Preparatiounsversammlung ass och e Plang gefrot ginn, wou mir eng grafesch Projektioun kréie vun de Gebaier wou sollen erhale ginn. Et wier gutt wann déi Dokumenter géifen nokommen.

D'Entsuergung vum Buedem gëtt méi deier wéi am Ufank geduecht. Ech mengen net, dass ee muss Chemiker si fir ze wëssen, wat hei zu Diddeleng fir eng Sauerei am Buedem läit. Fréier war net alles besser an d'Leit hunn sech iwwer Verschmutzung keng Suerge gemaach, ware frou, eng Aarbecht ze hunn, a sinn natierlech och frou gewiescht fir all Dreck, wou

fort war. Déi Geschichten, wou wat higelippt gouf, géife gutt an engem Krimi stoen. Leider ass et esou, dass déi Generatiounen duerno mat deem Problem geplot sinn. Iwwert 25 Milliounen Euro si virgesi fir d'Entsuergung a mir kënnen net iwwerall nëmmen en Deckel dropsetzen a soen, et ass vergiess. Verschidde Fläche mussen ausgebagert ginn, fir ze vermeiden, dass d'Grondwaasser dat auswäscht. Besteet do en detailléierte Plang vun all deene Plazen, wou dëst wäert de Fall sinn an de Fall ass?

De Begrëff Hotspot, wou ausseet, dass eng iwwerméisseg Verschmutzung vum Buedem virläit, gëtt oft gebraucht. Gëtt et heizou och en detailléierte Plang? A wat bedeit dat genau? Ass op där Plaz extrem vill Belaaschtung am Buedem gemooss ginn oder ass et esou, dass just gekuckt gëtt, wat fréier do stoung, wéi den Héichuewenatelier an esou weider? Well den Dreck, dat kann all Mënsch lech soen, deen do geschafft huet, ass iwwerall an de Buedem gelaf. A sécher net just bei den Hotspots.

Dann hu mir nach eng Fro: Besteet och e Plang mat deene sëllege Kanäl, déi ënnert der Schmelz erduerchlaufen? Dat si Waasserkänäl wou Baachen, Quellen opgefaange ginn, well ech selwer hu mir schonn e Bild dovunner gemaach, an ech sinn erstaunt gewiescht, wéivill Waasser do nach duerchleef a virun allem dee Knascht, deen nach dodranner läit. Dat geet heiansdo bis nach en halwe Meter an de Bulli eran.

Komme mir nach eng Kéier op déi normal Buedemverschmutzung zeréck.

Wier et net och ubruecht, eng Informatioun a verständige Wierder erauszeginn, iwwer de Service de Protection de l'environnement et du développement durable vun der Diddelenger Gemeng, deen de Bierger informéiert, wat fir Schuedstoff am Buedem sinn? Genre, mir hu jo scho gesot kritt, Schwéiermetaller. Mä wat heescht dat genau fir d'Gesondheet vum Mënsch a wat sinn d'Konsequenze fir d'Ëmwelt a fir d'Déieren, wat sinn d'Mesuren, déi geholl gi fir dëse Problem an de Grëff ze kréien? Transparenz an Informatioun fir de Bierger sollen an dësem Punkt eng absolut Prioritéit sinn.

Dee ganzen Terrain huet just 1 Euro kascht. Wat u Steiergelder gespuert gouf, wäert elo gebraucht gi fir den Dreck ze entsuergen. Mä sou wéi ech dat schonns an der Budgetsdebat gesot hunn, de Wun-



nengsproblem am Land verlaangt no onkonventionelle Mëttelen. A wou hu mir an nächster Zäit nach eng Kéier d'Chance fir 40 Hektar Bauland ze kréien, ouni dass mir zevill müssen an d'Natur agräifen?

An der Press ass op eemol och geschwat gi vu privaten Investisseuren, fir déi mat an d'Boot ze huelen. Fir Déi Lénk de verkéierte Wee an en absoluten No go, well herno ginn alleguerten déi Fraisen un de Keefer weider verrechent an da wäert de Wunnraum onbezuelbar gi fir vill Leit.

Erschreckend fannen ech och d'Behauptung aus der Press, dass zum Beispill d'Stolwierk a sëllec aner Gebaier, déi sécherlech Zeien aus där Zäit sinn, kéinten ewechgerappt ginn.

Dee berühmte Szenario B aus dem Reporter.lu seet, dass dat géif erlaben, méi wirtschaftlech Wunnengen ze bauen, mä bei dësem Ofraffe gëtt onweigerlech e grousst Stéck vun der Diddelenger Geschicht ewech radéiert.

Sollt de Fonds du Logement net kucke fir op aner Gebaier méi Etagen drop ze setzen an domat méi Wunnengen ze schafen? Mä et ass e Cercle vicieux. Méi Wunnenge bedeit méi Leit, méi Leit bedeit méi Verkéier an do wou kee Gesamtkonzept besteet, kënnt och méi Chaos op.

Wat bedeiten esou Changementer wann esou eppes géif ewechgerappt gi wéi d'Stolwierk an esou wéi dee Concours ausgeschriwwen ginn ass? Do huet sech jo en Architekt Gedanke gemaach an e Konzept ausgeschafft. Wou komme mir dohin?

Des weidere weist sech, wéi schlecht de Fonds du Logement virun e puer Joer geschafft huet. D'Madame Diane Dupont, déi nei Presidentin vum Fonds du Logement, huet der Press bestätegt, dass de ganze Projet nach eemol enger Kosten-Nutzenanalys ënnerzu gëtt. Ech gi sécherlech net an den Detail vun esou enger Ausso an, mä ech stelle mir just d'Fro: Firwat elo eréischt? A mär hoffen, dass den aktuellen Elan vum Fonds du Logement unhält.

Da stelle mir eis d'Fro, wat huet d'Diddelenger Gemeng an deem Projet nach ze soen, ausser herno d'PAPen ze stëmmen an de Buergermeeschter stellt déi eng oder aner Autorisatioun aus fir ze bauen oder ofzerappen. Wat fir e Matsproocherecht huet d'Gemeng, nodeems mir déi Modification ponctuelle

gestëmmt hunn? Ass dat kontraktuell festgehalen a garantéiert e Matsproocherecht vun Diddeleng?

Erlaabt mir nach zum Schluss eng privat Bemierkung ze maache Richtung Press. Fannt Dir et esou schlëmm, dass elo 25 Milliounen Euro müssen ausgi gi fir déi Entsuerung vu Schuedstoffer? Well op där anerer Säit verzicht de Lëtzebuerger Staat op iwwer 200 Milliounen Euro u Steiergelder vu verschidde Firmen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Yves Jadin fir seng Stellungnahm. Mir hate jo hei am Gemengerot festgehalen, dass déi verschidde Fraktiounspriecher, respektiv Leit, déi sech ëm den Dossier bekëmmern, jo 40 Minutte kréien. Wann elo nach aner Conseillere wëllen eppes dozou soen, hate mir jo festgehalen, dass een an deem Kader nach 2 Minutten huet esou datt, wann hei sollen Interventiounen kënne stattfannen, soll dat natierlech an deem Kader gemaach a respektéiert ginn.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV):

Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Härn aus dem Schaffen- a Gemengerot, erlaabt mir op en Deelaspekt anzugeen nodeems mäi Fraktiounskolleg Jemp Gangler eng excellent Analys hei gemaach huet vun der Modifikatioun vum PAG, déi mir haut virhuelen.

An zwar wäert ech op dee Volet vun der Filmindustrie agoen.

Virun allem deen Zick-Zack-Kurs, deen an dësem Dossier gefuer gëtt, an och dee laange Bart, deen dee Projet schonn huet, well e geet op 2008 zeréck, wou rieds war, dass am Hall Fondouq Filmstudioe sollten arrangéiert ginn, an deemools hat och de Gemengerot en Accord de principe gi fir eng Finanziéierung vun 1,5 Milliounen Euro. Dee Financement sollt sech deemools gedeelt ginn, gedréttelt mam Staat a mat deem anere Partner, also zu engem Total vu 6,6 Milliounen Euro.

2013 ass dee Projet geplatzt nodeems déi betraffe Firma sech eng aner Plaz gesicht huet, wou mir eis gefrot hunn ob deen Dossier net verschlof gouf.

Elo hu mir hei d'Modification ponctuelle vum PAG, wou mir héieren hunn oder gesinn hunn an den Dokumenter, dass den Hall Fondouq ewechkommen, soll respektiv d'Walz- oder d'Stolwierk och deelweis, sou datt sech och déi Fro do stellt, wéi ass et hei mat der Klassifikatioun a mam Erhale vun den Industriege-



baier, déi sech awer net just fir Diddeleng stellt mee och fir aner Siten, wéi dat scho gesot gouf am Kader och vum Kulturjoer 2022, dat mir hei am Süde kréien.

Dobäi feelt jo engersäits déi statesch Analys, mä och, muss ee soen, Site et Monuments huet do net ëmmer eng equivoque Approche fir déi Begutachtung vun deenen eenzelne Gebaier, ech brauch just un en aktuellen Dossier vun der Gebléishal zu Esch kuerz ze verweisen.

Wat ech awer elo wëll hannerfroen, ech verweisen do op eng Question parlementaire, déi ech am Abrëll 2017 gestallt hunn, notamment wou et ëm d'Sanierungskäschte geet, a wat do mat abegraff ass. Do hu mir engersäits déi industriell Sanierung, déi am Fong sollt haaptsächlech der ARCELOR zoufallen, a wou an deem Kontext 6,5 Milliounen Euro virgesi waren. Awer an deem Montant sollt eben d'Ofrappe vum Stolwierk mat dra sinn, an eng Versigelung vun deem Buedem, grad sou wéi ee vun deene berüchtigten Hotspots, déi jo nach vill méi polluëiert sinn och do sollt sanéiert ginn. Dat sinn also déi Reschtkäschten, déi der ARCELOR MITTAL zoufale sollen. Or, et ass awer an där Äntwert gesot ginn, déi géifen elo net gebraucht ginn, well d'Stolwierk net géif ofgerappt ginn.

En contrepartie, fir dass dann d'ARCELOR guer keng Käschte misst hunn, hunn se en Echange gemaach vun zwee Terrainen, dat kann ee sougenannte Filets-stücke betruechten, déi si sech nach selwer gehalen hatten an déi se awer dunn an deem Kontext erausgeréckt hunn, wann ech dat esou salopp dierf hei soen, dat waren dat fréiert Direktiounsgebai an dat neit Direktiounsgebai, dat ass en Areal vun 91 Ar, respektiv 96 Ar, sou dass dat deen industrielle Sanierungsvolet ass, awer fir de Volet vum Wunnengsraum si jo nach aner Saache virgesinn, a wéi gesot, wann een dee Volet dobäi zitt komme mer op e Maximum vu 27,3 Milliounen Euro.

Dofir elo meng Fro, wat d'Filmindustrie ubelaangt, wat do op deem Areal virgesinn ass: Wat gëtt do präzis gemaach? Ass nach en Zentrum fir Medien-erzéiung dran? Kënnt do en Atelier, Schräinerei, Stockage? Kommen déi Filmstudioen?

Wéi gesot, dat sinn déi Froen, déi sech hei stellen, an huet d'Regierung hir Meenung an deem Dossier geännert wat d'Ofrappen ubelaangt. Merci.

EMILIA OLIVEIRA (LSAP):

Merci, ech hu just e perséinlecht klengt Wuert dobäisesoen, ech wollt deen interessante Projet Neischmelz begrëssen, well ech hu jo schonns laang, wéi all Mënsch weess, op der Schmelz gewunnt a sinn doduerch deem Quartier besonnesch verbonden. Ech hunn do schéin Zäiten a manner schéin Zäite matgemaach. Déi manner schéin, wou no an no alles zougemaach ginn ass, a lues a lues alles verfall ass.

Viru Joeren ass dësse Projet vun eise Virgänger an d'Liewe geruff ginn an e gëtt elo vun eis ëmgesat. Als Schmelzer Meedchen erlaben ech mir dat ze soen, kann ech dësse Projet nëmmen approuvéieren. Wéi schéin dat Ganz eemol gëtt, kënnt Dir aus de Pläng erausliesen.

Ech vu menger Säit si frou, dass endlech emol erëm Liewen op deem Site entsteet, an dobäi nach dräi Quartiere matenee kënnen verbounne ginn. Dat Ganz, wann et fäerdeg ass, wäert dozou bäidroen, dass Diddeleng weider zesummewiisst. Et ass eng liebenswäert Stad a mir kënnen mat Stolz soen: On dirait le Sud! Merci.

JEAN PAUL FRIEDRICH (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, mir begrësse ganz ausschliisslech, dass wierklech de Sport och an deem neie Quartier Neischmelz mat héich ugerechent gëtt, ech mengen och zum Beispill Streetball ass elo schonn zum Deel do verankert a mir hoffen och, dass en duerno wäert seng Plaz do fannen, wann och vläit net op der selwechter Plaz. A wéi gesot, déi sportlech Infrastrukturen déi och räichlech do sinn, wéi och déi Plaz beim CNA wou een sech sportlech ka betätigen, dat si sécher flott Momenter wou d'Leit sech kënnen do sportlech betätigen.

Dann en Thema, wat mir ëmmer um Häerz läit, och fir déi behënnert Leit, mir wësse jo, dass do och Leit vun der Fondation Kräizbierg wunne kommen. Et wier flott wann och e groussen deel op d'mannst behënnertefrëndlech wier fir datt och déi Leit, eventuell och mat hire Moniteuren, sech an deem Quartier zerechtfannen, also dass dee Quartier behënnertegerecht wier. Well ech mengen, och déi Leit hunn d'Recht sech an esou engem Quartier wuelzevillen an et ass och ze kucken, dass et sou wäit wéi méiglech behënnertegerecht ass, dat ass eppes, dat mir a menger Fraktioun um Häerz läit, a mir wiere frou wann dee Wonsch géif respektéiert ginn. Villmools Merci.



CLAUDE MARTINI (CSV):

Merci fir d'Wuert. Ech wollt lech just drop opmierksam maachen, dass dee Parking um Fohrmann, deen Dir wëllt als Souterrain maachen, do musst Dir och eng genau Etüd driwwer maache well do hutt Dir grouss Problemer mam Grondwaasser, wat mir gesinn hunn, wéi d'Seniorenheem gebaut gouf, do sinn e puer Firmaen dru faillite gaangen duerch dee Problem mam Grondwaasser. Et wier jo schuet, wa mir net aus Feeler aus der Vergaangenheet géinge léieren, an eis do nach eng Kéier Problemer siche géinge goen.

An da géif ech mir wierklech wënschen, dass mir e flotte Verkéierskonzept géifen opstelle fir Neischmelz.

Wat ech och schonns e puermol gesot hunn, ech brauch net méi dorop anzegoen, et ass oft genuch ugeschwat ginn, mam Vélo, mam ëffentlechen Transport, mam Zuch awer och mam Car-sharing. Wann dat alles richteg leeft an attraktiv ass, da verzichte villäicht och eng Rei Leit op den Auto an net nëmmen déi Leit, déi vum Kräizbiereg dohinner wunne ginn, déi souwisou keen Auto fueren oder déi aus de Seniorensiedlungen, déi och keen Auto méi brauchen.

Wann den ëffentlechen Transport gutt funktionéiert, da kéinten se iwwert dee Wee och Sue spueren andems se keng Fraisen hu fir en Auto a villäicht kéinte mir deene Leit, déi keen Auto méi fueren, esouguer finanziell entgéint komme beim Kaf oder Verlounen vun der Wunneng, wat déi Saach nach méi attraktiv kéint maachen.

Fir de Rescht freeën ech mech op dee Projet, ech sinn och frou, dass mir e bësse Patrimoine dovun erhalen, vläicht net esouvill wéi sech munch Leit heibanne gewënscht hunn, mee fir mech als Jéngsten heibanne fannen ech, dass et wierklech eng grouss Satisfaktioun ass an ech freeë mech wann dee Projet lassgeet. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP):

Merci Här Buergermeeschter, ech wollt ganz kuerz op den Aspekt vun der Mixitéit vun deem Quartier agoen, deen huet mir ganz gutt gefall. Et ass jo eist Ziel, op der Neischmelz e regionale multifunktionale Zentrum ze schafen, deen op d'Mixitéit vun de Funktiounen Wunnen, Aarbecht, Schoul, Handel, Kultur a Fräizäit setzt.

Point de vue Wunnraum ass et eng Mëschung vun diversifiziertem Wunnraum, ënner der Berécksichtigung

vun de Familljen an Typologien geplangt. Laangfristeg sollen am Quartier Neischmelz 1.000 Wunnengen, Residences, Loften an esou weider entstoen, wou en Equilibre wäert sinn tëschent Logementen, déi fir de Verkauf a Logementen, déi fir d'Locatioun destinéiert sinn.

Wichtig ass de sozialen an intergenerationelle Mix, deen hei geplangt ass. Niewent normalem Wunnraum wäert och méi spezifesch Wunnraum geschaf gi fir Senioren a fir Persounen mat enger Behënnerung.

D'Liewen am Quartier wäert dynamiséiert ginn duerch de Bau vun ëffentlechen Infrastrukturen wéi Crèche, Schoulen, Maison Relais, Jugendhaus, Spillplazen, Zone de rencontre, neie Skatepark an enger polyvalenter Hal.

Doriwwer eraus wäert et och méiglech sinn, am Quartier ze schaffen. Gewerbefläche fir Handwerksbetrieber a kleng Entreprisën gi geschaf.

De Commerce de proximité iwwer Epicerie, Metzlerie, Pâtisserie, eng zousätzlech Apdik, Gastronomie an Hôtellerie souwéi Déngschtleeeschungsbetriebe a Start-Ups wäerten sech do entwéckelen.

Mat Chance wäert d'Filmindustrie sech och hei niderloossen.

Alles an allem fannen ech, dass dat e gesonde Mix ass, eng gutt Basis vun engem liewege Quartier an enger gudder Liewensqualitéit. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter, ech wollt och nach op een Aspekt agoen deen nach net ugeschwat ginn ass.

An der Schäfferotserklärung stoung och, dass mir Wäert leeën op de Maintien vun enger Médecine de proximité an och mir vun der CSV hunn ëmmer gesot, mir wëllen d'Oprechterhaltung vun enger medezinescher Grondversuergung mat Polyklinik eventuell zu Diddeleng an dat hu mir och scho méi wéi eemol hei gesot, an elo ass d'Fro, wou maache mir dat?

Mir hunn hei um Site Neischmelz, wann ech dat richteg analyséiert hunn, zwou Méiglechkeeten, an der Zone Bâtiments et équipements publics vis-à-vis vum CNA laanscht d'Hauptstrooss, do steet drop am geschriwwenen Text: "c'est réservé aux constructions et aménagements d'utilité publique, et destiné à sa-



tisfaire des besoins collectifs”, wat och zum Beispill fir eng kleng Spidolsstruktur géif zoutreffen.

Oder mir kënnen et och an d'Zone mixité urbaine setzen, wou awer an der Partie écrite bei der Erklärung vun de Funktiounen steet “fonction d'intérêt commun ou infrastructure sociale”, ënnert anerem steet do e Centre intégré pour personnes âgées, Crèchen - den Här Zuang huet grad gesot - Studentewunnengen, an do vermësse mir zum Beispill och dass d'Structure hospitalière oder d'Polyklinik erwähnt ginn ass, mee et steet jo och dran, “Infrastructures étatiques” an dann ass jo och dee berühmten “etc.” hannendrun.

Mir müssen eis also elo festleeën, wëlle mer eng Structure hospitalière um Site Neischmelz oder beméie mir eis awer, eventuell eng Struktur op Koibeschtrachen ze schafen, do ass och nach eng Kéier eisen Appel un de Schäfferot, d'Verhandlung vläit mam CHEM a mam Ministère de la Santé, villäicht sinn se och schonns ugelaft, wann net, se awer dann onbedéngt weiderfeieren, fir dass mir spéitstens bei der Diskussioun, wann de PAP Neischmelz presentéiert gëtt, dass mir dann awer wëssen ob mir do eng medezinesch Versuergung vun den Diddelenger Leit do op deem Site weider ausbauen.

Am Numm vun der CSV wëll ech hei awer kloer festhalen, dass d'CSV, déi iwwregens och all déi Joeren ëmmer fir de Projet Neischmelz stoung, et ass net nëmme eis sozialistesche Partei, déi dat ëmmer ënnerstëtzt huet, mä och d'CSV, mir stoungen ëmmer hannert all deene Beméiungen fir de Projet Neischmelz an d'Liewen ze ruffen a mir stëmmen des punktuell Modifikatioun vum PAG op jiddefall mat, awer - wéi eisen excellent preparéierte Conseiller och a sengem Exposé sot - vill Froe stinn nach op.

Dee gréissten Challenge ass e kohärent Verkéierskonzept fir ganz Diddeleng opzestellen, dat ass och vu ville Riedner och vun anere Parteien gesot ginn, an d'CSV ass bereet, sech voll a ganz anzesetze fir dass mir dësen Hauptproblem och geléist kréien. Mir dierfen dat elo net an den Eck dränge vun e lauter Euphorie well mir hei e coole Quartier schafen, mee dee Problem muss geléist ginn an zesumme mam Schäfferot, zesumme mat anere Parteien muss hei am Gemengrot - an och mat der Zivilbevölkerung - musse mir bei de Ministère, den Här Bausch, bei CFL, bei Ponts et Chaussées goen an aus engem Mond fir Diddeleng schwätzen. Dat ass eis immens wichteg a wann ech

kucken, gëschter Owend war d'Presentatioun vum Programm Esch Kulturhauptstad 2022, do kommen ech dann och elo op dee kleng Link zu der Motioun hei, do souzen dräi Buergermeeschteren uewen, dat war de Georges Mischo vun der CSV vun Esch, de Roberto Traversini vun deene Grénge vun Déifferdeng an den Dan Biancalana vun der LSAP, déi souzen zesummen op engem Podium fir zesummen e coole Projet virzestellen.

Kee parteipolitescht Geplänkels mee e gemeinsamen Asaz fir e flotte Projet, sou soll och Gemengepolitik an eisen Ae sinn an ech denken, do maachen ech de Lien elo zum Kulturjoer 2022, dat ass eng Chance och fir dëse Projet Neischmelz.

Am Bid book steet explizit, dass déi industriell Frichë vun Diddeleng mat agebonne ginn an e Gesamtkonzept fir de Patrimoine am Süden ze revaloriséieren. Dat hëlleft eis och sécher, dass mir beim Ministère, bei Sites et Monuments eisem Bestriewen, esouvill wéi méiglech vun dësen alen ARBED-Gebaier ze erhalten, dass mir do och erhéiert ginn.

Ech war just e bëssen erstaunt ze héieren, dass mir nach keng wëssenschaftlech a statesch Analyse gemaach hu vun deem Patrimoine industriel, dat huet mech e bëssen erschreckt an dass och nach iwwerhaupt keng Demande agereecht ginn ass beim Kulturministère, ech hoffen, dass dat esou séier wéi méiglech wäert geschéien.

Wéi gesot, d'CSV steet hannert deem Projet a mir ënnerstëtzen lech bei allen Engagementer a bei alle Beméiungen fir dass mer den heiten coole Projet maachen an dass mer och fir de Patrimoine culturel esou vill wéi méiglech erhalten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER):

Merci Madame Kayser, ginn et nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net den Fall ze sinn, da wëllt ech mol hei parteiwwergräifend de Conseillere, déi d'Wuert ergraff hunn, Merci soe fir generell déi vill Méi, déi si sech ginn hunn an der Preparatioun an an der Analys vun dësem Dossier, well et ass e wichtigen Dossier fir d'Stad Diddeleng, och wann et e komplexen Dossier ass fir d'Stad Diddeleng.

Dofir géif ech och elo proposéieren, dass am Kader vun de Froen a Reflexiounen, déi Dir gemaach hutt, engersäits d'Sala Makumbundu an d'Chantal Zeyen



an den Hans Walter Wonn an och de Fonds du Logement op eng Rei Punkten aginn, an da gi mir als Schäfferot och op eng Rei Punkten an, éier mir dann zum Vote iwwerginn. Dofir géif ech dann hei d'Wuert als éischt un d'Sala Makumbundu ginn.

SALA MAKUMBUNDU (CHRISTIAN BAUER & ASSOCIÉS ARCHITECTES):

Ech probéieren dann emol, alles opzegräife wat u Froe koom. Villäicht fir d'éischt nach wat bestehend Gebaier ubelaangt, dozou nach emol drun ze erënnere, dass zanter dem Concours jo eng Propos do ass, wéi eng Gebaier géifen erhale ginn, an déi huet sech och net geännert.

Dat war effektiv eppes, wou et elo eng Diskussioun gouf, alternativ zum Stolwierk, ech hunn an der informeller Reunioun och hei gesot, firwat hate mir proposéiert d'Stolwierk ze halen? Net well et en enormen historesche Wäert huet, well mir awer gesinn hunn, dass et e städtebaulechen Impakt huet, et ass eng grouss Masse, dofir hu mir ganz gären deemools déi Propos opgegraff, déi et jo gouf, déi net vun eis koom, datt Studioe kënnen do erakommen.

Dat ass och nach ëmmer eppes wat fir eis richtig ass, et muss een awer och verstoen, dass an engem komplexe Projet wéi deen heiten ass, wann ee laangfristeg wëll denken a wann een och fir d'Gemeng eng Flexibilitéit an deem Projet wëll halen, dass een heiansdo mol e bëssen no riets an no lénks muss kucken an Alternative muss studéieren, wat awer iwwerhaupt net heescht, dass déi éischt Approche grondsätzlech a Fro gestallt gëtt. Dat muss een awer ganz kloer hei soen.

Wat déi Etüden ubelaangt, et war effektiv ëmmer nëmmen dee Kurzinventar um Dësch, do ginn et och no eisem Kenntnisstand keng weider detailléiert Dokumenter. Wat awer gemaach ginn ass, ass, dass de Fonds du Logement eng Etüd an Optrag ginn huet un de Bureau Schroeder, spezifesch fir d'Struktur vum Laminoir, fir dat awer eng Kéier méi am Detail ze préiwene a sécher ze sinn, mat wéi engem Opwand ee muss rechnen fir déi ze sanéieren an ze erhalten, dat heescht, dat doten ass awer zousätzlech gekuckt ginn.


Et gëtt och, an do kënnt dann de Lien mam Assainissement, Pre-etüden, respektiv Analysen, muss een éischter soen, wat déi bestehend Gebaier ubelaangt,

Iwwerbelaaschtung mat Asbest, do wësse mir schonns aus den Analysen, dass verschidden Deeler bannen an de Gebaier, déi mer hunn, dass déi musse sanéiert ginn. Dat ass awer natierlech ze verdéiwen, etdäerf een net vergiessen, mir sinn hei nach an engem Prozess, mir sinn op engem städtebaulechen Niveau nach, mir schwätzen nach net iwwer architektonesche Projeten, et ass awer selbstverständlech, dass déi Analysen en amont vun deem reelle Projet wäerte gemaach ginn.

Fir den Assainissement u sech, effektiv ass déi Etüd, déi gemaach ginn ass, ganz komplex, déi gemaach ginn ass vun ENECO, an si ass sécher net ëmmer ganz digeste. Do awer vläicht just pour rappel, déi Etüd ass gemaach ginn op Basis vu konkrete Sondagen, dat heescht Buerungen an de Buedem, déi natierlech lokal gemaach gi sinn, dat ass kloer, an et ginn eng ganz Partie Oploen, wann Dir den Arrêté liest vum Ministère de l'Environnement, dat heescht mir kënnen elo net einfach soen, hei ass eng giel Zon an hei eng orange an elo leeë mir lass. Am ganzen Aarbechtsprozess, dee wäert kommen, gëtt ëmmer en amont nach eng méi präzis Iwwerpräiwung vum Ministère de l'Environnement gemaach, dat heescht mir müssen all kéiers virun enger Etappe, déi mir wëlle realiséieren, nach eng Kéier gréng Luucht kréie vum Ministère de l'Environnement an hinne kloer soen, wat mir wëllen en Detail maache fir dass dat am Virfeld approvéeiert gëtt. Dat heescht, et ass net Wild West, mä dat gëtt alles engmascheg suivéiert.

Da ginn ech op de Punkt vun der Biergerbedeelegung an. Mir haten doriwwer diskutéiert, dass de Prozess jo leeft an dat éischt Resultat sech schonns am Projet nidderschléit an dat ass net nëmmen den Urban Gardening, mä dat ass zum Beispill och de Repair café. Vun den Tëschennotzunge sinn et awer och déi sportlech Tëschennotzunge wéi de Streetball, wou och do schonn Diskussiounen gefouert ginn, fir déi definitiv am Projet kënnen ze halen an déi Plazen ze definéieren. Fir eis ass dat e Prozess, deen net ofgeschloss ass, deen tout au long du projet wäert weider lafen, a wann sech aus der Biergerbedeelegung nach aner Ideeën erginn, da mengen ech, ass dee Projet flexibel genuch fir och dorop ze reagéieren an déi mat afléissen ze loossen.

Et gouf nach verschidde Froen zu der Foussgängerbréck Italien, zum Parking bei der Kierch villäicht kann ech do nach drop agoen. Et ass natierlech kloer, dass



e wichtige Punkt allgemeng am Projet d'Verbindung vun de Quartieren ass, an notament Iwwerwonne vun där Barrière, déi mir hu mat der Bunn, dat ass leider nach esou, mir waren ëmmer fir eng Idee mam Tram, mir wiere ganz frou wann Dir dat géift kënnen duerchsetzen, aus planerescher Siicht wier dat e riseg Virdeel, mä en attendant hu mir gesot, do musse mir awer eppes proposéiere fir déi Barrière Bunn kënnen ze iwwerwannen an dofir ginn et insgesamt siwe Plazen, déi mir am Projet virgesinn hunn, fir iwwert d'Bunn oder ënen drënner duerchzekommen, dat ass notament fir an de Quartier Italien ze kommen, déi bestehend Bréck als Stroossebréck, déi bleift, déi Foussgängerbréck op der Plaz wou se haut ass, wäert net bleiwen, si gëtt duerch eng nei ersat, well dat einfach domat verbonnen ass, dat d'Diddenewenerstrooss jo verluecht gëtt an do-duerch kënne mer déi Foussgängerbréck, sou wéi se elo ass, schwéierlech halen.

D'Ënnerféierung, déi jo och relativ rezent ass am Beräich vum PAP Nord, déi gëtt och gehalen, do musse mir just eng Adaptatioun maache wann mer d'Strooss verluecht hunn, dass dat mat den Niveauen klappt, awer si gëtt natierlech och gehalen.

Parking a Verkéier, do kann ee vläit dozou soen, mir hunn effektiv hei eng Idee, déi eng gewëssen Ambitioun huet, dass mir gesot hunn, d'Parkplaz sinn dezentral an de Schlëssel fir d'Parkplaz gëtt och e bëssen erofgesat par rapport zu deem wat mir haut hunn. Do si mir awer net alleng, et ginn aner Projekte méttlerweil och hei am Land, wou déi Approche mat ageschafft gëtt, dat gëtt natierlech e Stéck wäit en Ëmdenken, wat do néideg gëtt vun de Leit. Mir mengen awer, dat ass elo aus planerescher Siicht gesot, wa mir net virdenken an d'Leit stimuléieren an dat einfach esou maache wéi wa mir hinne géife Plazen ewech huelen, gi jo en contrepartie eng Offer fir d'Mobilitéé douce, da kréie mir d'Leit och wierklech motivéiert dat ze maachen. Et gëtt en Ëmdenken an dofir ass et an enger Iwwergangsphase duerchaus méiglech, dee Schlëssel vun de Parkplazen e bëssen eropzesetzen, bis dass d'Leit sech do ëmgestallt hunn a bis dann och déi Offer vum ëffentlechen Transport esou ass wéi se muss sinn, fir op den Auto kënnen ze verzichten.

Ech mengen also, dass dat eng Ëmstellung wäert bedenken, mee dat ass eng realistesch Approche, déi mir do wäerte kënnen ëmsetzen. Wat de Parking bei der

Place de l'Eglise – dat kënne mer nach ëmbeenen - ubelaangt, ass et do esou, dass dat eng Plaz ass, déi eis erméiglecht, duerch d'Topographie, déi mer do hunn, do e Parking ze proposéieren, deen herno ënnerirdesch ass. Dat heescht net, dass mer do vill musse grüwen, dat heescht einfach, dass mir eis kënnen an der Topographie upassen, an an de Berechnungen vun de Parkplazen hu mir och eng gewëssen Unzuel vu Parkplaz virgesi fir dat wat elo iwwerierdech ass, das mir dat mat an den ënnerirdesche Parking integréieren, sou dass dat déi Plazen net einfach wäerte verschwannen.

Fir den Energiespäicher, ech weess net ob ech mech do schlecht ausgedréckt hunn, also et ass kloer, dass den Energiespäicher, deen am Süde virgesinn ass, zu der Optioun Solarthermie gehéiert. Et ass bei der Tiefengeothermie natierlech net erfuerderlech, a mir hoffen, dass déi Hypothese vun der Geothermie sech konfirméieren, well dat insgesamt fir de Projet eng besser Léisung wäert ginn, an deem Sënn, datt mir da manner Panneausflächen op den Dächer wäerten hunn a méi Méiglechkeeten hu fir gréng Dächer ze proposéieren.

Fir d'Retentioun vum Reewaasser, do gëtt et guer keng Variabilitéit an deem Sënn, datt mir do am Kontakt si mat der AGE, an do sinn och elo am Abrëll nach spezifesch Réuniounen fir déi eenzel PAPA geplangt. Déi Retentiounsfläche ginn no engem gewëssen Schlëssel berechent an déi musse mir anhalen, dat heescht, déi Surfacé, déi mir virgesinn, bannen an Îlots, an den Häff, déi wäerten deem Rechnung droen, dass dat Reewaasser ka korrekt zeréckgehalen ginn. Voilà, ech mengen, dat waren elo déi wichtegst Froen.

CHANTAL ZEYEN (ARCHITEKTENBÜRO ZEYEN & BAUER):

Du kanns jo deng Lëscht nach eng Kéier kucken, ech hunn e puer Punkte vun deenen déi vum Här Gangler opgeworf goufen, dat ass an de Zones mixtes, déi bestinn, "la commune peut déroger au principe des 50%" dat ass e Saz, deen aus dem Basistext vum Règlement gran-ducal dran ass, deen hu mir och hei bewusst dragesat well wéi Är Nopeschen sot - wa mir awer missten eng Structure hospitalière oder wat och ëmmer eppes fir de Film missten dramaachen, dass een dann eng Méiglechkeet huet.

Nach eng Kéier, de PAG setzt de Kader an et soll een sech elo awer net eppes drasetze wou een net vläit herno eng Opportunitéit huet.

Zu den Tankstellen ok, mir hunn et bal iwwerall dragestallt, do hunn ech gemengt bei "Aménagement



d'utilité publique destiné à satisfaire les besoins collectifs,, do géif ech elo net onbedéngt eng Tankstell drënner verstoen. Do hu mer da gemengt, do musse mer et net onbedéngt draschreiwen.

Dann, déi aner Saachen, et ass gesot ginn, et ass kee Verkéierskonzept do an esou weider an esou fort, souwäit ech dat elo kennen an och déi ganz Entwécklungen, déi mir haten, ech menge mir haten dat och schonns virun 20 Joer am Entwécklungsplang gesot, en Tram wier eng gutt Saach a mir hunn et och schonns analyséiert, wat mer alles u Plaz géife gewannen, Fassade kéinten opwäerten a Raum schafen, ech ginn do och gare mat, wann et dorun ass, Diddeleleng huet do och scho ganz vill Saachen an dass kee Verkéierskonzept ass, dat kann et net sinn.

Ech mengen, et si ganz détailléiert Etüde gemaach ginn hei fir de Site selwer am Kader vum Plan directeur, an d'Leit an de PAPen hunn sech nach eng Kéier Gedanke gemaach, mir haten och nach eng Kéier Kontakt mam Bureau vun der Gemeng, deen déi Parkplazen och nach eng Kéier gekuckt huet, och Suggestiounen vum VÉL'OK ginn huet, an ech mengen do hutt Dir lech géigesäiteg beäntwert, wann ee méi Autoen dohinner kritt, ginn et och méi Problemer, déi Saache sinn elo vu menger Säit aus all gesot. Ech mengen, dat war elo dat wat ech mir notéiert hunn zu deene Saache, déi gesot goufen.

HANS WOLTER WONN (OEKO-BUREAU):

Eine kurze Bemerkung zu den Bohrungen, da sind Bohrungen erlaubt, das ist eine offizielle Seite von Umweltverwaltungen, in denen das Bohren unter speziellen Konditionen erlaubt sind, das wurde hier vielleicht im Dossier nicht klar genug ausgedrückt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat war kuerz a präzis. Da ginn ech d'Wuert weider un de Mario Schweizer vum Fonds du Logement, well och eng Rei Froen un d'Direktioun vum Fonds du Logement gaange sinn.

MARIO SCHWEIZER (FONDS DU LOGEMENT):

Jo, et sinn am Fong net méi vill Froen, wat seriö Froen waren, iwwereg bliwwen, dat heescht, deen een Här hat gefrot mat de Kanälen, mir hunn effektiv déi bestehend Kanäl opgehall.

Wat d'Madame Makumbundu villäicht vergiess hat, ze soen, an och deem Waasser, wat do dra gefouert gëtt

droe mir natierlech Rechnung. Am Ufank war dat och eng Optioun fir d'Ofwaasser duerch déi Kanäl ze féieren, an déi leien awer par rapport zu deem, wéi mir dat geplangt hunn, schief zu den Haiser a Wunnengen, a mir kënne jo net mat de Kanäl ënnert den Haiser erduerchfueren, dat heescht mir mussen do bleiwen. Deen anere Punkt, deen nach iwwereg bleift, ass wéi de Fonds du Logement envisagéiert ze verlounen oder ze verkafen. Wat kloer ass vum Verlounen hir, do ass déi national Lescht, do ass et net méiglech, do virun ze sprangen, dat gëtt jo gecheckt bei eis, wien ob där Lëscht ass, wien am prekärsten ass, an et gëtt och gekuckt mat deenen Analysen, déi de Soziolog mécht, fir dass mir dee Mix och hikréien an do mussen och nach weider lwwerleeunge gemaach ginn, et dierf jo näischt Homogenes am Fong geschaf ginn, net am Gudden an net am Negativen.

Mam Verkauf, do wier et méiglech, dass wann eppes verkaaft gëtt, do gëllen déi Conditionen vum Fonds du Logement, do ass och mam Soziolog gekuckt ginn, dass mir eben eng Kéier eng Vente libre hunn, dass mir d'Halschent do huelen a vun där Halschent 20% Vente libre kéinte sinn an 80% Vente subventionnée, dat sinn dann déi Kritären, déi vum Ministère du Logement festgeluecht sinn, déi ee muss nofroen, an dass een do de Verkauf kann éischter opmaachen fir Bierger vun Diddeleleng, déi an der Gemeng wunnen, a fir dann e puer Méint méi spët dee Verkauf da fir jiddereen opzemaachen.

Esou Modeller hu mir schonns op anere Gemenge gemaach, dat ass dann eng Méiglechkeet fir Leit vun Diddeleleng dann ze befirzugen an deem Sënn. Mir wësse jo och duerch eng Ëmfro, déi de Soziolog gemaach huet, datt 40% vun de Leit gefrot hunn, ob se dohinner kéinte wunne goen, wat fir mech och einfach eng immens Zuel ass, a wat och weist dass d'Leit verbonne si mat der Stad. Dat sinn ongeféier déi Punkte fir mech, déi nach iwwereg bliwwen sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och dem Här Schweizer fir seng Stellungnahmen. Ech probéieren dann och nach op déi verschidde Punkte vun de Remarquen anzegoen, déi méi politescher Natur sinn.

Generell vläit d'Remarque, wat mech gewaltig stéiert, dat si Remarquen, déi wëll ech och net hei am Raum stoe loossen, obwuel all déi Dokumenter am Dossier drastinn, wat Gebaier sinn, déi erhalen bleiwen. Mir hunn e ganz kloere Listing vun de Gebaier déi



erhale bleiwen, déi um Kurzinventar foussen, wou och e Courrier do ass vum Kulturministère, am Moment waren ebe just Diskussiounen ronderëm d'Stolwierk, respektiv den Hall Fondouq, mä mir hunn hei e Projet wou massiv Industrieierwe gehale ginn, dofir fir hei ze soen, wat sinn déi. Déi gehale ginn, et ginn hei massiv Gebaier gehalen, dat fënnt een och am Dossier erëm, et si 40 Hektar Industrieblach, déi mir hei hunn, dräi Pole goufen identifizéiert, wou eis industriellt lerwen erhale bleift an och deementspreechend valoriséiert gëtt, alleguerten déi Aussoen an och d'Dokumenten fënnt een en am Dossier, an do wou mir amgang sinn ze feilen, an do komme mer och op d'Motioun zeréck, dat sinn effektiv den Hall Fondouq, respektiv d'Stolwierk mee do ass déi kloer Ausso mengersäits an och vum Sala Makumbundu gewiescht, dass do just eng Ouverture besteet mee dass dat net heescht, dass dat Gebai ofgerappt gëtt.

Dat ass déi éischt generell Remarque.

Déi zweet Remarque ass och genereller Natur, dass gesot gouf, dass hei kee Verkéierskonzept géif virleien.

Déi ganz Diskussioun, déi gefouert gouf ronderëm Neischmelz, déi an éischter Hand d'Ausrichtung vun engem Ekoquartier ass, war och de Volet vun der Mobilitéit an dat ass och e feste Bestanddeel vun deem Dossier, well mir och iwwer d'Gestaltung vun deem neie Quartier och en Ëmdenken um Niveau vun der Mobilitéit wëlle kréien an dee mer iwwer de Phasen och kloer erakréien an déi heiten Entwécklung ass agefloss an déi regional Verkéiersstudien, déi gemaach gouf, mam Ministère an och mat Ponts et Chaussées an och mat der CFL. Op d'CFL kommen ech herno nach eng Kéier zeréck.

Dann och déi Ausrichtung an eemoleg Chance, déi mir hei awer hunn, dass niewent dem Listing, deem de Fonds du Logement huet vun deene Leit déi an Zukunft kënnen op Diddeleng wunne kommen, ass dat heiten awer och e Projet fir déi jonk Generatiounen hei an Diddeleng, déi sech no vir kënnen projezéieren a kënnen soen, ech kann och an Zukunft hei zu Diddeleng wunnen, ech kann op Neischmelz wunne goen, e Quartier vun de kuerze Weeër, e Quartier wou d'Liewensqualitéit héich ass, wou ech mir och bezuelbare Wunnraum ka leeschten.

Et ass awer och e Quartier, wou ech géif soen, dass déi haut manner jonk Generatiounen déi an 10-15

Joer zu deenen eelere Generatiounen gehéieren, och sech dohinner kënnen projezéieren, et ass also och en intergenerationelle Quartier dee mir hei ustriewen, a wou och den Diddelenger geménzt ass, déi och hei an Diddeleng bleiwe kënnen.

Dat nach zu deene méi generellen Ausféierungen, wat dee Projet ugeet.

Wann ech mat den éischte Riedner ufänken, Här Garcia, wann ech lech richteg verstanen hunn, Dir hutt lech referéiert op Är konsekutiv Walprogrammer, dat heescht, Dir hutt lech ralliéiert an deene Consideratiounen zu deem wat 2009 am Concours gemaach gouf, also eng Zoustëmmung an ärem Walprogramm gewiescht déi den deemolege Schäfferot an der Auslogung an de Raum gestallt hat, a deem dozou gefouert huet, dass dëse Projet déi Nues huet déi en huet.

Wat d'Tëschennotzungen ugeet, respektiv och den Hall Fondouq, well deem och e puermol hei genannt gouf, wollt ech kloer soen, déi politesch Volontéit, dass Tëschennotzungen kënnen gemaach ginn, hei huet ganz kloer och de Schäfferot deem Kollektiv D den Hall Fondouq zur Verfügung gestallt, nodeems en dat mam Fonds du Logement ofgeschwat huet, an ech mengen, si sinn net déi eenzeg Notzer vun der Hal. Och éier de Kollektiv D dohinner komm ass, ass déi Hal vun der Gemeng fir eng ganz Rei Manifestatiounen benotzt ginn an dat mat ganz vill Succès.

Deen Artikel am Wort huet och mech iwwerrascht, well och ech selwer als Buergermeeschter net a Kenntnis war vun neie Studie wat den Denkmalschutz ugeet, an ech mengen, do huet och den Direkter vu Sites et Monuments vill ze wäit ausgeholl, e war sech der Saach vill ze sécher obwuel dat awer mengen ech hei net de Fall war well déi eenzeg Dokumenter, déi mir hunn, dat sinn déi vun 2005, quitte, dass een och hei ka soen, dass am Kader vum Joer 2007 e bësse méi pousséiert Analyse gemaach goufe wat d'Stolwierk ugeet fir de "Retour de Babel" an och do den Hall Fondouq par rapport zu anere Gebaier, well déi eng gewëssen Zäit och genotzt goufen.

Dir hutt d'Fro am Raum gelooss ouni eng Äntwert ze ginn, Dir hutt vill Kommentare gemaach, ech hunn awer net eraushéieren ob Dir elo schlussendlech zum Projet Neischmelz stitt oder net, well déi kruzial Fro haut ass, steet een zu där Ausrichtung oder net, et ass



eng verpasste Chance um Niveau vun der Biergerbedeelegung, ech suivéiere just déi Diskussiounen, déi elo e puer Kilometer méi wäit vun hei gefouert gi vun engem aneren Industriesite, dee vill vill méi wäit entwéckelt ass, wou elo eréischt u Biergerbedeelegung geduecht gëtt, a wou elo eréischt iwwer Notzungen iwwerluecht gëtt, fir d'Bierger, fir d'Communautéit. Mir sinn hei resolut zu Diddeleng en anere Wee gaangen.

Biergerbedeelegung generell ass hei zu Lëtzebuerg e ganz ganz neie Phänomen an ech kann hei soen an et ass och sécher nach net perfekt an et ass nach ausbaufäeg, mir sinn awer als Gemeng déi éischt, déi dee Prozess esou wäit gedriwwen huet, a mir sinn net zum Schluss ukomm.

D'Biergerbedeelegung ronderëm Neischmelz an aner Elementer hei zu Diddeleng wäert ganz kloer ausgebaut ginn, dofir hunn ech och gesot, hei zu Diddeleng schwätze mir net driwwer mee mir maachen et konkret.

Dann, par rapport zu Ärer Motioun, do ginn ech zum Schluss nach eng Kéier drop an, ech ginn op déi verschidden Ausféierunge vun deenen anere Conseilleren an.

Déi Fro ass richteg opgeworf ginn, och vum Här Gangler par rapport zu der Flüchtlingsstruktur.

Et ass kloer dass déi Solidaritéit déi mir hei zu Diddeleng wëlle weisen, oprecht erhalen, an dass mer och kloer drun denken, dass sou eng Struktur, déi e kollektive Charakter huet, wéi och aner Strukturen, sécherlech e feste Bestanddeel am Quartier Neischmelz solle ginn.

Et ass herno just eng Saach vun der Planung mee och deen dote Volet vun der Solidaritéit, ob dat um nationalen oder internationale Plang ass, dass dat och e feste Bestanddeel ass a bleift vun der Entwécklung vum Quartier Neischmelz.

Par rapport och zu där Fro, déi Dir gestallt hutt, och ugeschloss un där vun der Madame Andrich, an ech hoffen, dass Dir hir d'Äntwert mat weider gitt, ronderëm d'Filmstudioen, mir si ganz gewëllt, dass Filmstudioen op Diddeleng kommen, mir haten eng Entrevue mam Kulturministère, mam Wirtschaftsministère, et sinn eng Rei Diskussiounen an Etüden, déi lafe wat d'Gestioun, d'Exploitatioun an de Finanzement vum Projet betrëfft.

Mir sinn am Moment hei voll an der Diskussioun mat dran, fir de Projet ze viabiliséieren, ze réaliséieren, fir och mat der Ausrichtung den aktuelle Regierungsrot domat ze befaassen, an dass eng Décisioun geholl gëtt.

Mir schaffe mat Héichdrock op deem doten Dossier mat den zoustännege Ministèren an och mat de Leit, déi hei am Raum sinn, sief et de Fonds du Logement, sief et den Architektbüro, well dat eis Partner sinn, mat deene mir schaffen, awer och mat der Filmindustrie well déi sech och kloer kënnen virstellen, op Diddeleng ze kommen, well ech och net der Meenung sinn, wéi d'Madame Andrich gesot huet, dass mir déi Situatioun verschlof hunn. Mir waren effektiv 2008 ganz wäit, mee wat eis e Stréch duerch d'Rechnung gemaach huet, dat sinn d'Propriétéitsverhältnissen. Dat konnt net stattdannen, effektiv war d'Filmindustrie an enger Situatioun wou se missten en neie Site fanne, mee si kënnen sech och wéi mir, no vir projezéieren an d'Planung vun engem neie Quartier. Sou stellt och d'Filmindustrie sech froen, wat ass eis Zukunft, an si gesinn och hir Zukunft hei, well se hei déi Méiglechkeet sécherlech hunn, eng ganz Rei aner Konzepter, déi se net virleien hunn, auszubauen an et sinn déi Considératiounen, déi mir an den Diskussiounen betruecht hunn an och mat eran huelen.

Virdru war och déi Fro vun der Solidaritéit ronderëm de Kräizbiereg, déi hunn och e feste Bestanddeel hei am PAP Norden, déi hunn dat och ugemellt, déi huele mer och mat eran, dee Volet vun der Integratioun huet hei ganz kloer och e Punkt.

Voilà, ech mengen ech wier op déi verschidden eenzel Punkten agaangen, da géif ech d'Wuert un d'Claudia Dall'Agnol ginn an herno op déi Motioun agoen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN):

Merci, ech mengen hei ass eigentlech op alles agaange ginn, ech kann awer verschidde Saachen net esou am Raum stoe loossen, zum Beispill dat mam Verkéierskonzept.

De Buergermeeschter ass kuerz drop agaangen, et soll een awer hei net maache wéi wann d'Majoritéit gëschter waakreg gi wier a wéi wa mir net géifen erauskucken an net géife wësse wat hei géif lafen.

Der wësst alleguerten, dass mir mam Bureau Kobile dem, Romain Molitor, deen dacks hei Gaascht



war, zesumme schaffen, dass mir en aktive Service um Dill hunn, fir all Dag un déi méi grouss oder méi kleng Problemer vum Bierger an der Biergerin opzegräifen an ze kucken, dat ze verschaffen an de Verkéiersfloss méi flësseg ze maachen.

Allerdéngs daacht dee beschte Verkéierskonzept näischt a mir kënnen och weider dreemen, wann Dir d'Zuele vum Autosfestival gesitt, Rekordzuelen an et ëmmer méi Autoe ginn, da kënne mir dat bescht Verkéierskonzept vun der Welt hunn, ëmmer méi Autoe bedeiten ëmmer méi Verkéier, an dat bedeit méi Stau, an de Stau si mir selwer wa mer drastinn an eis driwwer opreegen.

An dat Eenzezt wat dat ka verbesseren, ass, dass e Mentalitéitswiessel kënnt, an fir dee Mentalitéitswiessel muss den ëffentlechen Transport esou verbessert ginn, dass kee Mënsch méi dolaanscht kennt, an dass e méi séier a méi schnell mam Zuch oder Bus ass wéi mam eegenen Auto.

Dat ass momentan nach net de Fall an fir de Rescht si mir do drun.

Dat anert wat gesot gouf war d'Camionnettëparkinger, do sinn d'Madame Zeyen an d'Madame Makumbundu schonn drop agaangen, ech wëll just eppes Allgemenges soen, dat ass eigentlech e Bonus vun der Gemeng, a wann ech soe Gemeng, da mengen ech d'Allgemengheet an de Steierzueler, deem déi Parkplazen fir de Patron zur Verfügung stellt, déi deem a sengem Betrib eigentlech misst schafen fir seng Camionnetten a seng Autoen ënnerdag ze kréien. Dat ass e Surplus, dee mir ubidden, mä wann dee Parking iergendwann eng Kéier soll verschwannen, ech mengen, si sinn drop agaangen dass dat net de Fall ass, mee wann esou e Parking eng Kéier soll verschwannen, dann ass dat esou, well un sech, et gi Leit, déi kréien eng Prime vum Patron fir d'Camionnette mat heemzehuelen, fir dass de Patron dee Parkraum net muss schafen, mee d'Allgemengheet, d'Gemeng an de Steierzueler sollen awer dofir suergen, dass déi Camionnettë sécher an dréchen ënnerdag sinn.

An dann ass vum Tram geschwat ginn, do war ech déi lescht oder virlescht Kéier drop agaangen, mir si mat CFL, mir si mam MDDI a Verbindung, a stännegen Diskussiounen, et ass och deemools gemengt ginn, dass eenzel Parteien hei de Monopol op deem Tram hätten. Ech hunn deemools schonns drop higewisen, dass mir

dat scho virun 3 Wale am Programm haten ech wëll do just nach eng Kéier drop hiweisen, an ech mengen de Buergermeeschter wëll dozou nach eppes zoufügen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Zwou Saache well ech der Madame Kayser net géintwert hat mat der Médecine de proximité, dat soll effektiv am Kader vum Equipement public méiglech sinn, Equipement public ass zimlech breet, do kann een dat och usidelen.

Da wollt ech awer och nach soen, dass mir hei am Gemengerot déi Informatioun ginn haten, dass de Ministère sech engagéiert hat, en Aarbechtsgrupp anzesetze fir déi doten Diskussiounen weiderzeféieren, wou natierlech och Neischmelz betrëfft, dass mir bis dato keng Äntwert kruten an dass mir an enger ganz feiner, administrativer Sprooch de Minister relancéiert hunn, an ech hoffe staark, dass mir elo en Datum kréien, dass mir deem Aarbechtsgrupp kënnen asetze well och déi fein administrativ Sprooch vun der Diddelenger Gemeng huet hir Limiten.

Dëst gesot, géif ech vläit nach op d'Motioun eriwuer goe vum Här Garcia, déi hien eis séance tenante hei ausgedeelt huet. Ass de Gemengerot domat averstanen, sou wéi se agereecht gouf, fir dass mir do-riwwer kënnen debattéieren? Jo, gutt.

Dann, wat de Fong ugeet, fir eis sinn hei eng ganz Rei Saachen dran, déi eng Evidence sinn, well se scho gemaach ginn. Sou wéi se awer hei formuléiert ass, d'Opfuerderung un de Buergermeeschter an de Schäfferot ass eng Opfuerderung wéi wa mir dat de Moment net géife maachen. Dofir géif ech awer hei dräi Saache proposéiere fir där Motioun eng aner Tournure ze ginn, well mir jo driwwer ofstëmmen. Beim éischten Tiert "fuerdert de Buergermeeschter an de Schäfferot dozou op sech weiderhi statt mat den Acteuren...", well et ass jo e Prozess, dee leeft, well dee Prozess ass jo säit enger Rei Méint schonn amgaangen. Also, "sech **weiderhi** mat den Acteuren um Terrain", dann déi zweet Zeil "zesummen ze setze fir genau wéi bis **elo** Léisungen ze fannen", well bis elo hu mir och Léisungen fonnt, et ass och dat wat eis bis elo ëmmer gedriwwen huet an de permanenten Échangen, déi mir mat den Acteuren haten, sief dat de Biergerforum, sief dat den D-Kollektiv, sief et och am Kader vum Biergerbedeelegungsprozess.



An dann, de leschten Turet "am Kader vun de kommende PApé vum Neischmelz dem Gemengerot konkret Propositionen ze ënnerbreeden", do géif ech proposéieren "dem Gemengerot Propositionen ze ënnerbreeden". Mir kënnen elo net an de PApé konkret festschreiwe wat Tëschennotzung sinn, an de PApé kënnen mir en fonction vun den Evolutions d'Tëschennotzung gesinn, mee konkret kënnen mir et net festschreiwen, dofir géif ech hei de "**konkret**" ewech loossen.

Dat sinn déi dräi Proposen.

Ech wollt awer och hei nach soen, well och dat eng politesch Volontéit ass, déi sech aschreift, dofir mengen ech och net, dass d'Chance verpasst ass um Niveau vun der Biergerbedeelegung. Engersäits ass jo de Volet vun der obligatorescher Informatiounsversammlung ronderëm de PAG, et ass awer sou, dass ronderëm d'PAPen déi Obligatioun jo net besteet, a mir wëllen hei bei deene véier PApé generell e Schratt méi wäit goen an och eng Informatiounsversammlung mat de Bierger ronderëm d'PAPe maachen fir datt och do si hir Iwwerleeunge kënnen mat eranbréngen.

Dat nach als Informatioun wat de partizipative Prozess ronderëm d'Gestaltung vun dësem Quartier ugeet, engersäits an der Tëschennotzung anerersäits och um Niveau vun der Gestaltung vun de PAPen.

Voilà, dat nach dozou an da géif elo de Moment de vérité komme wou mir dann hei iwwer d'Modification ponctuelle du PAP ofstëmmen, engersäits d'Modification ponctuelle du PAP awer och d'SUP, dat sinn 2 Voten an ech fänken u mat der SUP.

Wien ass mat der SUP averstanen? Dat ass **unanime**.

Wien ass mat der Modification ponctuelle vum PAG averstanen?

Dat si Stëmme vun LSAP, CSV, Déi Lénk an ADR.
Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng.

De Fidel Castro hat e bekannt Sprachwuert: "L'histoire m'absoudra". Ech hoffe fir déi, déi de Projet net gestëmmt hunn, datt d'Geschicht lech iergendwa fräi schwätzt.

Da komme mir zu der **Motioun**, déi eragereecht gouf vum Här Garcia an der Madame Goergen, wat de **Bedeelegungsprozess** ugeet.

Wien ass mat där Motioun averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.



PROJET NEISCHMELZ



Dans le cadre du projet NeiSchmelz et de l'utilisation intermédiaire des friches avant la construction du nouveau quartier, le collège des bourgmestre et échevins a le plaisir de vous inviter à la

Im Rahmen des Projektes NeiSchmelz und der Zwischennutzung der Industriebrachen vor der Bebauung des neuen Stadtviertels, lädt Sie das Schöffenkollegium ein, zum

FÊTE D'INAUGURATION du jardin communautaire, des terrains de streetball, teqball et calisthenics.

EINWEIHUNGSFEST des Gemeinschaftsgartens, der Streetball-, Teqball- und Kalisthenie-Plätze.

SAM. 7 JUILLET 2018 / 14H-18H
ROUTE DE THIONVILLE (DERRIÈRE
LE SKATEPARK)

SAM. 7. JULI 2018 / 14-18 UHR
ROUTE DE THIONVILLE (HINTER
DEM SKATEPARK)

Venez assister à des démonstrations de **calisthenics**, inscrivez-vous (sur place) aux **tournois de streetball et de teqball**, profitez de l'animation et visionner en direct les **1/4 de finales de la coupe du monde de football** sur écran géant à 16h00!

Sehen Sie sich die **Kalisthenie**-Vorführungen an, schreiben Sie sich an Ort und Stelle für **Teqball- und Streetball-Turniere** ein, nehmen Sie an Animationen teil oder schauen Sie sich um 16 Uhr live auf großer Leinwand die **Viertelfinale der Fußball-WM** an!

Animation musicale assurée par un **DJ**.
Boissons, crêpes, gaufres etc. sur place.

Ein **DJ** sorgt für musikalische Unterhaltung.
Getränke, Crêpes, Waffeln usw. vor Ort.

Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkollegium

Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister

Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen



BP 73 L-3401 Dudelange
T 516121-1 /// ville@dudelange.lu
website: www.dudelange.lu
blog: www.ondiraitlesud.lu

[f /villededudelange](https://www.facebook.com/villededudelange) [@villededudelange](https://www.instagram.com/villededudelange)

